treffend d'Asetze vun Delegatiounen a Comités mixtes net ze änneren an d'Seuilë bei 15 fir d'Delegatioun an 150 fir de Comité mixte einstweilen emol bestoen ze loossen.

Doropshi koum eng nei Philosophie iwwert d'Ëmsetzung zustanen. An all Betriber iwwer 150 Beschäftegt schreiwe mir d'Attributioune vun dëser Direktiv an d'Comités-mixtes-Gesetz an. An deene Betriber tëschent 15 an 149 Leit erhalen d'Delegatiounen dës Kompetenzen. Doriwwer eraus gëtt och d'Vertraulechkeetsklausel betreffend déi Donnéeën, déi een als Member vun deene jeeweilege Gremië kritt, verstäerkt.

Ee vun de Problemer war d'Definitioun, wat fir Dokumenter ënnert d'Confidentialitéit falen a wat fir eng net.

Schlussendlech gëtt mat dësem Projet de loi en Uerteel vum 18. Juni 2004 vun eiser Cour constitutionnelle ëmgesat, betreffend déi diskriminatoresch Situatioun am Zesummenhang vun den Ausschusswahlen a verschiddene Betriber. Bis elo konnte beispillsweis d'Privatbeamte bei de Gemengen net mat wiele goen. Si goufe weder bei de Fonctionnairen nach bei den Aarbechter berücksichtegt. Och dëse Punkt gëtt elo ofgeännert, mä do kommen ech méi spéit nach drop zréck.

Kolleeginnen a Kolleegen, an hirem Avis vum Projet de loi sinn d'Beruffschamberen alleguerte positiv. D'Chambre des Fonctionnaires begréisst de Projet an erënnert gläichzäiteg drun, dass si do net betraff sinn.

D'Privatbeamtechamber begréisst, dass elo an alle Betriber iwwer 15 Beschäftegt d'Personal deementspriechend informéiert gëtt an dass de Punkt vun der Confidentialitéitsprozedur gekläert gëtt. Doriwwer eraus ass d'CEPL frou, dass kee Privatbeamte méi ka beim Ausübe vu sengem passiven an aktive Wahlrecht an engem Betrib diskriminéiert ginn.

D'Handwierkerchamber begréisst ausdrécklech d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv an ass frou, dass keen neit zousätzlecht Gremium geschafe gëtt. Si gesinn dat Ganzt am Kader vun enger administrativer Simplificatioun.

D'Chambre de Commerce kritiséiert e puer kleng Punkten, well dës Ëmsetzung e bësse méi wäit geet wéi d'Direktiv et virgesäit, begréisst awer gläichzäiteg an der Optik vun der Simplification administrative, dass keen neit zousätzlecht Gremium geschafe gëtt. Doriwwer eraus ass d'Chambre de Commerce och frou, dass d'Diskriminéierung betreffend d'aktiivt an d'passiivt Wahlrecht an den Delegatiounen opgehuewe gëtt.

Och déi héich Kierperschaft, de Statsrot, schwätzt sech fir déi nei Philosophie vum Projet fir dës Prozeduren an alle Betriber ab 15 Leit aus.

De Statsrot huet verschidde Remarquë gemaach betreffend d'Numérotatioun innerhalb dem Code du travail an och betreffend d'Formuléierungen, deene mir an der Kommissioun gréisstendeels Rechnung gedroen hunn.

De Projet gesäit also elo a sengem éischten Artikel vir, dass an all Betrib mat 15 Beschäftegten, egal wat fir eng Form vun Aktivitéit de Betrib huet an egal ënner wat fir eng juristesch Form de Betrib fält, Delegatiounswahle stattfannen. Do spillt och de Statut vun de Beschäftegten, sief et Aarbechter oder Privatbeamten, keng Roll.

Mam Gesetz iwwert de Statut unique, dee jo duerno op der Dagesuerdnung steet, gëllt dat jo automatesch fir all Salarié.

Den Artikel 2 vun dësem Gesetz an duerno den Artikel 414-4 vum Code du travail leeë fest, dass de Betribschef d'Delegatioun iwwert d'Situatioun, déi wirtschaftlech a sozial Lag wéi och d'Perspektiven am Betrib regelméisseg informéiere muss. Wann d'Firma als Aktiëgesellschaft konstituéiert ass, muss d'Delegatioun eemol am Joer schrëftlech iwwert déi finanziell Situatioun informéiert ginn, nodeems de Comité mixte, wann et dann esou een an engem Betrib gëtt, d'Chiffere virgeluecht kritt huet.

Den Artikel 3 leet eng kloer Positioun betreffend de Secret professionnel fest.

Kolleeginnen a Kolleegen, dëst waren - an e puer kuerze Wierder - d'Haaptpunkte vun dësem Gesetz.

Här President, ech soen Iech Merci a ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Spautz. Ech denken, dass d'Fraktiounen alleguerten d'Konklusioune vum honorabelen Här Spautz suivéieren. Ech wëll em Merci soen am Numm vun Iech alleguerte fir säin exzellente Rapport an da komme mer och zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

M. le Président.- De Projet de loi 5788 ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum eigentleche Plat de résistance vun haut de Mëtteg: de Projet de loi 5750 iwwert den Eenheetsstatut. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes, Krieps, Castegnaro, d'Madame Loschetter, déi Häre Gibéryen, Jaerling, Thiel, Meisch, Clement a Spautz.

D'Wuert huet elo den éischte vun den zwee Corapporteure vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

4. 5750 - Projet de loi portant introduction d'un statut unique pour les salariés du secteur privé et modifiant: 1. le Code du travail; 2. le Code des assurances sociales; 3. la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension; 4. la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; 5. le chapitre VI du Titre I de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 6. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 7. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport commun de la Commission du Travail et de l'Emploi et de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech op de Gesetzestext ze schwätze kommen, wëll ech awer enger Rei vu Kolleeginnen a Kolleege Merci soen, déi wesentlech dozou bäigedroen hunn, datt mer de Mëtteg dëse Projet kënnen an der Chamber diskutéieren, un éischter Stell mengem Kolleeg Romain Schneider, Corapporteur vum Gesetz. Mir hunn an enger kollegialer Zesummenaarbecht dëse Rapport konzipéiert a mir wäerten och an därselwechter Aart a Weis haut de Mëtteg der Chamber dee Projet de loi, dee mer no laange Réuniounen an der Kommissioun zu engem Ofschloss bruecht hunn, hei presentéieren.

Da géif ech als Zweet der Kopresidentin aus der Gesondheets- a sozialpolitescher Kommissioun, der Madame Lydia Mutsch, Merci soen. Mir zwee hu probéiert, während deenen zwielef Sëtzungen zu engem gudde Resultat ze kommen, an ech mengen, opgrond vun all deenen Diskussiounen ass eis dat och gelongen.

Da wëll ech och de Membere vun der Kommissioun vun alle Fraktiounen, wéi se do vertruede waren, Merci soe fir hir konstruktiv, objektiv Mataarbecht an Zesummenaarbecht.

Ech wëll och net vergiessen, deenen zwee zoustännege Ministeren, dem François Biltgen an dem Mars Di Bartolomeo, zesumme mat hire Mataarbechter - an ech kommen nach op hir Aarbecht zréck -, Merci ze soe fir hir Kollaboratioun an der Kommissioun, wou mer et fäerdeg bruecht hunn, zesummen - an ech soen dat och nach duerno - zu enger ganzer Rei vun Amendementer ze kommen, fir fir all déi divergent Meenungen, déi sech am Laf vun deene Wochen a Méint, wou mer zesummesouzen, presentéiert hunn, e Kompromëss ze fannen.

Also nach eng Kéier: villmools Merci, Dir Häre Ministeren! Dir hutt eis och an der Kommissioun vill gehollef, an dat net eréischt, wéi de Projet déposéiert war, mä och scho laang virdru ware mir als Chamberskommissioune mat agebonnen an déi ganz Diskussioune beim Ofschloss an nom Ofschloss vun der Tripartite.

Schlussendlech e Merci un d'Mataarbechter aus de Fraktiounen an och aus dem Parlament, déi eis effektiv wesentlech gehollef hunn, dee Rapport, deen Iech virläit an deen en déckt Buch ginn ass, ze redigéieren an ze konzipéieren.

Merci fir all déi Mataarbecht an oft divergent Meenunge vun de Beruffschamberen alleguerten an och dem Statsrot, déi awer vill dozou bäigedroen hunn, datt mer haut e gudde Gesetzesprojet kënnen diskutéieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, als jonk Sozialpolitiker respektiv Gewerkschaftler hate mer viru méi wéi 30 Joer en Dram. Mir wollten déi sensibel Ënnerscheeder tëschent Aarbechter a Beamten am Aarbechts- a Sozialrecht ofschafen. Mir wollten eng Gläichstellung vun deenen zwee Statuten erreechen. Mir wollten eng Grondlag bilden, fir de soziale Fridden hei zu Lëtzebuerg oprechtzeerhalen.

Haut schléisse mer dee laange Wee, dee mer no 1960 ageleet hunn an dee wierklech eng Jorhonnertreform bedeit, mat deem elo virleiende Projet iwwert de Statut unique of.

D'Verwierklechung vum Eenheetsstatut ass vun alle politesche Parteien, ob se an der Oppositioun waren, ob se an der Regierung waren, gewollt virugedriwwe ginn. Den Eenheetsstatut ass vun engem groussen Deel vun de Gewerkschaften a Patronatsorganisatioune verlaangt a konkret begleet ginn. Hei war och d'Ëmstrukturéierung vun zwou grousse Gewerkschafte Viraussetzung.

Erlaabt mer, nëmmen ee Beispill ze nennen, fir dat ze dokumentéieren. 1979 ass et zur Grënnung vum OGB-L komm, an am selwechte Joer waren et dräi LCGB-Mandatairen, déi fir d'éischt an d'Privatbeamtechamber gewielt gi sinn. Dat sinn Evénementer, déi déi Entwécklung, déi laang Entwécklung wierklech prägen a charakteriséieren.

E wesentlechen Impuls awer ass vun der Stolkris am Joer 1980 ausgaangen. Aarbechter a Beamte sinn zu enger Risiko- a Solidargemeinschaft zesummegewuess. De Modell Lëtzebuerg, d'Tripartite ass entstanen; d'Schafung vum Conseil économique et social, dat ware wichteg Daten an där Entwécklung, déi, wéi gesot, 1960 ageleet ginn ass.

Markant Gesetzer op dem Wee vum Eenheetsstatut waren zum Beispill am Aarbechtsrecht d'Urlaubsgesetz vum 22. Abrëll 1966, zéng Joer méi spéit d'Gesetz iwwert d'Feierdeeg, an dann e wesentlechen Aspekt an där Entwécklung, e Meilesteen, dat war d'Gesetz iwwert den Aarbechtsvertrag vum 24. Mee 1989.

An ech wëll emol eng Kéier déi Minister beluewegend erwähnen an och d'Parlament. De President war deemools de Rapporteur vun deem Gesetz.

Une voix.- Très bien!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Da weider op deem Wee koumen d'PAN-Gesetz 1999 an d'Kollektivvertragsgesetz vun 2004. Dat sinn also markant Etappen op deem Wee, wat d'Aarbechtsrecht betrëfft. Ech sinn iwwerzeegt, de Corapporteur Romain Schneider wäert dat ernimmen, wat d'Entwécklung vum Sozialrecht betrëfft.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, an där Entwécklung waren awer nach net all Ënnerscheeder tëschent Aarbechter a Beamten aus der Welt geschaaft. D'Tripartite vum Oktober 2005 bis zum Abrëll 2006 huet sech op d'Ofschafung vun de leschten Ënnerscheeder tëschent Aarbechter a Beamte gëeenegt. Un der Politik war et, déi Efforten an engem Gesetzestext ëmzesetzen.

Et sollt sech erweisen, datt dat net einfach war. Et huet effektiv u konkreten Texter gefeelt. Virun allem hat ee sech op grouss Prinzipië gëeenegt, an duerfir hu missen Inhalter an tëschent de Sozialpartner Kompromësser gesicht ginn, a Kompromësser sinn och fonnt ginn.

D'Verhandlunge mat de Sozialpartner waren net einfach fir déi zoustänneg Ministeren, déi den Optrag haten, aus deem Accord e Gesetzestext ze maachen.

Ech wëll och duerfir am Numm vun eiser Kommissioun ausdrécklech d'Aarbecht vun deenen zwee Ministere Biltgen an Di Bartolomeo beluewegend erwähnen. Et war net einfach, fir effektiv déi ënnerschiddlech Meenungen op ee gemeinsamen Nenner ze bréngen. Net méi spéit wéi virun e puer Deeg huet een nach gespuert, datt eng ganz Rei vu Bedenken nach net aus der Welt geschafe gi sinn.

Mä déi zwee Ministeren hunn och de Wee gesicht an d'Chamber, a laang - wéi ech scho gesot hunn - ier de Projet déposéiert war, hu se sech concertéiert mat de politesche Responsabelen an der zoustänneger Chamberskommissioun.

Ech wëll och ofschléissend soen, déi zwee Ministeren an hir Aarbecht hu kee Momper gebraucht, si hunn eegestänneg gutt reagéiert a si hunn effektiv, an dat muss ech soen, déi schwéier Aufgab zu engem positiven a gudden Enn bruecht. Hinnen e spezielle Merci!

Dat huet dozou gefouert, datt den 3. August 2007 e Projet de loi, net wéi en elo virläit, mä e Projet de loi an der Chamber déposéiert ginn ass. Kontrovers Avisë vun de Beruffschambere waren d'Folleg dovun. De Statsrot huet eng ganz Rei ganz kritesch Bemierkunge gemaach. Hien huet och net gespuert un enger Rei vun Oppositions formelles, an dat an zwee Avisen.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet de Summer mat der Regierung an zwielef Sëtzunge probéiert, déi divergent Meenungen op een Nenner ze bréngen, an zesumme mat deenen zwee Ministeren hu mer 46 Amendementer ofgeschloss. Dat war d'Resultat vun de Chambersaarbechten, wat och bedeit, datt effektiv eis Chamberskommissiounen hir Responsabilitéit voll iwwerholl hunn an am Kader vun deene 46 Amendementer wesentlech dozou bäigedroen hunn, datt ee Gesetzesprojet konnt koordinéiert ofgeschloss ginn, deen dann de 24. Abrëll vun deenen zoustännege Chamberskommissiounen eestëmmeg bei véier Enthalungen ugeholl ginn ass.

Ech mengen, als Chamber hu mer eng exemplaresch parlamentaresch Aarbecht gemaach. Ech wier frou, wann dat och an der Öffentlechkeet e bësse méi géif zum Ausdrock kommen. Et war net nëmmen d'Regierung, déi zoustänneg war fir deen elo virleiende Projet, mä och der Chamber hir Kommissioune mat all hire Memberen, déi wesentlech dozou bäigedroen hunn, datt mer haut dee gudde Gesetzesprojet kënnen zur Ofstëmmung bréngen. Duerfir nach eng Kéier villmools Merci un all d'Memberen, déi an där Kommissioun derbäi waren!

Une voix.- Très bien!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn elo ganz kuerz op déi wesentlech Neierungen, wat d'Aarbechtsrecht betrëfft, um Projet an. Den Detail fannt Der an engem ëmfaassende schrëftleche Bericht, dee mer zesummegestallt hunn, de Romain Schneider an ech selwer. Erlaabt mer also, nëmme ganz kuerz op e puer wesentlech Punkten anzegoen.

Dat eent, wat d'Aarbechtsrecht betrëfft, dat ass d'Lounfortzahlung. Fir d'éischte Kéier

setze mer Aarbechter a Beamten op deeselwechten Niveau wat d'Krankekonditiounen, d'Krankeschäiner betrëfft. Dat ass eng wesentlech Verbesserung am Intérêt vun enger Gläichstellung vun deenen zwee bis haut bestehende Statuten; also déiselwecht Konditioune fir Aarbechter wéi fir Beamten.

Dat bedeit, datt mer och Verännerungen an de Bäiträg décidéiert hunn. Dat bedeit awer och, datt et zu enger sensibeler Méibelaaschtung vu ville Betriber féiert, déi virun allem lounintensiv sinn, an deementspriechend hu mer dann och eng Mutualitéit geschafen, déi all déi Käschten - déi zousätzlech Käschten, déi entstinn - soll offiederen.

Och opgrond vun eisen Diskussiounen an der Chamber hu mer dee virleiende Projet ofgeännert an deem Sënn, datt d'Memberschaft an där Mutualitéit net fakultativ ka sinn, mä datt do d'Solidaritéit vun alle Betriber muss spillen. Soss ass et net esou wierksam. Sou datt all Betrib muss an déi Mutualitéit sech affiliéieren an doriwwer eraus och een, de Stat, dee jo wesentlech zur Finanzéierung vun der Mutualitéit bäidréit an och an de Leedungsgremië vun där Mutualitéit vertrueden ass.

Mäi Kolleeg Romain Schneider wäert am Detail nach op déi wesentlech Neierungen agoen, och wat d'Cotisatioune betrëfft a wéi se sech auswierken.

Och ganz konkret an der Paitut vun den Aarbechter, déi haut nach Aarbechter sinn an den 1. Januar 2009 awer net méi Aarbechter sinn - ech kommen nach kuerz drop zréck -, wäert de Romain Schneider dat beleeën.

Eng wesentlech Neierung an deem Projet, dat ass d'Fusioun vun de Beruffschamberen. Déi zwou Salariatsberuffschamberen Arbeiterkammer a Privatbeamtechamber, déi 1924 entstane sinn an opgrond vun där soziologescher Entwécklung ënnerschiddlech Spezifitéiten haten, ginn elo fusionéiert, wat natierlech eng ganz Rei vu Problemer wäert mat sech bréngen; och interner Natur, wéi déi nei Beruffschamber da soll kënne fonctionnéieren.

Doriwwer eraus muss ee soen, datt och déi éischte Kéier alleguerten déi Leit, déi am Lëtzebuerger Land eng Pensioun hunn, affiliéiert sinn an där neier Salariatsberuffschamber, déi elo, wann d'Gesetz gestëmmt ass, 60 Membere wäert ëmfaassen, an déi gi gewielt am November an néng Aarbechtsgruppen, an néng sozioprofessionelle Gruppen.

Well d'Arbeiterkammer 32 Mandater hat, sinn déi a sechs Gruppe gewielt ginn. D'Privatbeamtechamber hat 33 Mandater; si sinn a fënnef sozioprofessionelle Gruppe gewielt ginn.

Déi nei Salariatschamber, zesumme mat deene Leit, déi d'Pensioun hunn, ëmfaasst also 60 Memberen a si ginn an néng sozioprofessionelle Gruppe gewielt. Et kënnen awer nëmme Leit Member ginn, déi gewielt sinn an déi nei Chamber effektiv opgrond vu Wahlen.

Da ginn ech nach an op fënnef, sechs wesentlech Neierungen, ouni se elo am Detail ze erwähnen.

Dat Éischt ass, datt déi Begréffer „Aarbechter" an „Beamten" den 1. Januar 2009, wann den Eenheetsstatut akraafttrëtt, der Vergaangenheet ugehéieren. Et gëtt dann hei am Land keng Aarbechter méi. Et gëtt da keng Beamte méi. Et gëtt nach just Mënschen, déi fir hire Loun schaffen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg eng Kéier ervirzesträichen.

Da kënnt et zur Harmoniséierung vun den Indemnités de départ zugonschte vun den Aarbechter par rapport zu virdrun, wat bei de Privatbeamte bestanen huet. An et ass wichteg, datt deen Trimestre de faveur am Intérêt vun de Conjointë vun engem Arbeitnehmer, dee stierft, och op déi jëtzeg Aarbechter uwendbar gëtt.

Véiertens stelle mer fest, datt mer opgrond vum PAN-Gesetz, wou mer eis orientéieren, eng nei Definitioun vun den Iwwerstonne kréien an och d'Iwwerstonneregelung tëschent Aarbechter a Beamten harmoniséieren. Alles dat fannt Der, wéi gesot, am Detail am schréftleche Rapport erëm.

Wat wichteg ass, dat ass, wann den Eenheetsstatut elo akraafttrëtt, datt dann och an de Betriber nëmme méi eng Delegatioun besteet. D'Beamten- an d'Aarbechterdelegatioune gehéieren also der Vergaangenheet un. Et gëtt nëmmen eng eenzeg an eenheetlech Delegatioun vun alle Leit, déi an deem betreffende Betrib schaffen.

Doriwwer eraus, konform mat deene grousse Réunioune vum Kollektivvertragsgesetz vun 2004, kënnt et an alle Betriber dann nach nëmme méi zu engem eenheetleche Kollektivvertrag, an dat bedeit awer Iwwergangsbestëmmungen, op déi mer och am Detail agaange sinn an eisem schréftleche Rapport.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dat elo relativ kuerz gemaach. Dat sinn also déi wesentlech Bestëmmungen an Neierunge wat déi aarbechtsrechtlech Bestëmmunge betrëfft. Eenzelheeten a wéi déi Diskussioune gelaf sinn, déi zu deene Resultater gefouert hunn, fannt Der an eisem schréftleche Rapport ënnert dem Kapitel Commentaire des articles op de Säiten 18 bis 65.

Am Detail ëmschreiwe mer awer och an eisem schréftleche Rapport an an deem Kapitel d'Propositioune vun de Beruffschamberen. An d'Beruffschamberen hu sech hir Aarbecht net liicht gemaach. Si hu wesentlech Revendicatioune gestallt. Si hunn och wesentlech Fuerderunge gestallt. Si hunn och wesentlech Verännerunge beansprucht par rapport zum éischte virleiende Projet.

Dann, wéi ech scho gesot hunn, war den Avis vum Statsrot och ganz kritesch op verschidde Punkten, awer och zoustëmmend an enger ganzer Rei vu Punkten. Mir hunn da probéiert zesumme mat der Regierung ofschléissend zu engem Konsens ze kommen an ee Projet op den Instanzewee ze ginn, dee souwuel deenen Objektioune vun de Beruffschambere wéi awer och de Propositioune vum Statsrot wäitgehendst Rechnung dréit.

Mir sinn der Meenung, datt dee Projet, esou wéi en um Dësch läit, och dat erëmgëtt, wat an der Tripartite ausgehandelt ginn ass a wat an der Tripartite a grousse Prinzipië festgehale ginn ass.

An deem Kapitel fannt Der och verschidde Bedenke vun eenzelnen Deputéierten. Déi sinn ausdrécklech festgehalen, well och an der Diskussioun sinn et ënnerschiddlech Optioune ginn zu bestëmmte Punkten. Woubäi mer dann awer schlussendlech konnte feststellen, datt mer alleguerte bereet waren, ee Kompromëss ze fannen, esou datt mer och dee Projet konnten de 24. Abrëll - wéi ech scho gesot hunn - zur Ofstëmmung bréngen. En ass vun der Kommissioun unanime ugeholl ginn, dat bei véier Enthalungen.

Ech hunn also festgestallt, datt u sech an de Chamberskommissioune kee wesentlecht neit Element virbruecht ginn ass an iergendwéi d'Philosophie an d'fundamental Bestëmmunge vum Projet de loi, esou wéi mer et och definéiert hunn an der Kommissioun, sollt ofänneren. Dat huet och gewisen, datt effektiv d'Chamberskommissioun an all Fraktiounen, déi an der Chamberskommissioun vertruede waren, sech hirer Responsabilitéit voll a ganz bewosst waren an dozou bäigedroen hunn, datt mer ouni Géigestëmm ee koordinéierten Text hei konnte presentéieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer nach ee Wuert ze soen zu engem Deel vun de Bedenke vum Patronat, an dat am Zesummenhang mam Absentéismus.

Et ass evident, datt eng bestëmmte Suerg - zu Recht - besteet bei ville Betriber an der Bekämpfung vum abusiven Absentéismus. Et ass drëm gaange fir déi Méiglechkeeten ze schafen, fir dem abusiven Absentéismus Här ze ginn. Well keen ass um iwwermëissegen Absentéismus interesséiert; weder d'Entreprisen, dat kascht eppes, nach déi Leit, déi an de Betriber schaffen, well déi mussen dann duerch méi Aarbecht dat wettmaachen, wat doduerch entsteet. Sou datt mer alleguerten interesséiert waren, fir effektiv déi Blomécherei, bei där een net däerf verallgemengeren, mä déi awer och besteet, besser an de Grëff ze kréien.

An do hu mer da probéiert, bestëmmten Deeler vum Lëtzebuerger Patronat ze berouegen. Mir hu gesot, datt mer déi Suerge verstinn an datt mer bereet sinn, deene Suergen entgéintzewierken duerch geziilte Moyenen, fir där Problematik Här ze ginn. Mir hunn de Projet de loi dohigehend konzipéiert, datt genügend Sanktiounsméiglechkeeten am Droit commun bestinn, fir de Betriber esou d'Méiglechkeet ze ginn, géint d'Blomécherei kënne konkret virzegoen.

Mir waren awer och der Meenung, datt een am Gesetzestext net all Eenzelheete kann definéieren. Duerfir sollt am Kader vun der neier Krankekeess, der Caisse de la Santé, déi ënner Selbstverwaltung fonctionnéiert a wou Salariatsvertrieder a Patronatsvertrieder zesumme mat der Regierung d'Responsabilitéit hunn, fir déi noutwendeg Statuten ze gestalten, gekuckt ginn, fir dee Problem an de Grëff ze kréien. Mir sollten also där neier Gesondheetskeess d'Méiglechkeet ginn, fir an absehbarer Zäit, also esou séier wéi méiglech, déi noutwendeg Moossnamen ze huelen, am Kader vun hire statutaresche Responsabilitéiten, fir dat ze konzipéieren, an dëst am Sozialdialog an ënner partnerschaftleche Bedéngungen. Do sollt de Gesetzgeber sech dann och eraushalen.

Drëttens, huet d'Regierung et fäerdeg bruecht, fir mat den Dokteren eng Konventioun auszeschaffen, wou och si virun hir Responsabilitéit gestallt ginn, fir effektiv nëmmen deene Leit ee Krankeschäin ze ginn, déi wierklech krank sinn oder wou se kënnen unhuelen, datt se wierklech krank sinn. Doriwwer eraus huet d'Regierung sech engagéiert, fir an der Groussregioun ee System vu Kontrolle méiglech ze maachen. Un deenen Entrevuen an Accordë gëtt am Moment ganz konkret geschafft, an ech sinn iwwerzeegt, datt de Minister Di Bartolomeo dorobber nach wäert agoen. Ech menge souguer, datt mat der Belsch schonn Accordë getraff sinn an datt mer op deem Gebitt och mat anere Länner wéi Däitschland a Frankräich um gudde Wee sinn.

An dann, schlussendlech, hu mer eis e Gremium ginn, de Groupe de travail de haut niveau, dee sech mat all deene Froen ëm den Absentéismus befaasse soll, deen zesumme mat de Sozialpartner an der Regierung ee Konsens fanne soll, fir dee Problem an de Grëff ze kréien. Allerdéngs muss een deem Gremium eng Chance ginn, fir seng Aarbecht effektiv ofzeschléissen.

Duerfir hu mer schlussendlech am Projet de loi geännert, datt deen éischte Bilan net eréischt 2012 soll gemaach ginn, mä schonn 2010, wou da soll gekuckt ginn, ob all déi Objektiver, déi mer eis gesat hunn, erfëllt gi sinn oder net, a wou mer eventuell um gesetzleche Wee nach nobessere mussen. Mä dat soll geschéien am Konsens a soll d'Aarbecht si vun deem Aarbechtsgrupp, an dee mer nach ëmmer vollt Vertrauen hunn a sécher sinn, datt do gutt geschafft gëtt.

Duerno soll, wéi gesot, een éischte Bilan 2010 gemaach ginn. Méi fréi kann een dat net maachen, wann ee weess, datt de Statut unique den 1. Januar 2009 uleeft. Et kann ee jo net schonn dräi Méint duerno ee Bilan zéien. Et muss ee sech awer selwer d'Chance ginn, wéinstens ee Joer laang ze kucken, wéi déi eenzel Moossname wierken, wat d'Konsequenze sinn, an dann eréischt kann ee kucken, wat muss nogebessert ginn. Da wäerte mer och d'Regierung opfuerderen, fir an d'Chamber ze kommen, nodeems si mat de Sozialpartner zu Konklusioune komm ass, fir zesumme mat der Chamber déi noutwendeg gesetzlech Moossnamen ze treffen, wa se musse getraff ginn.

Dat huet d'Regierung d'lescht Woch engem groussen Deel vum Patronat, dee nach Problemer gesinn huet wat d'Bekämpfung vum Absentéismus ugeet, confirméiert. D'Regierung hat och déi zwee Rapporteuren an déi Berodunge mat abezunn, an dowéinst sinn et och déi zwee Rapporteuren, de Romain Schneider an ech selwer, déi eng Motioun presentéieren, wou mer d'Regierung opfuerderen, effektiv entspriechend dem Geescht vun deenen Ofmaachungen an dem Geescht vum Gesetz dat Noutwendegt ze maachen, datt dee Bilan kann 2010 ofgeschloss ginn.

Mir ware frou, datt een Deel vum Patronat, d'Fédération des Artisans, d'Chambre des Métiers a Vertrieder vun der UEL, esou engem Kompromëss zougestëmmt huet, also datt si opgrond vun där Entrevue hir Zoustëmmung ginn hunn zum Eenheetsstatut. Mir waren awer erstaunt, datt zwee Deeg duerno eng aner Patronatsorganisatioun, déi vläicht net Kenntnis dovu geholl hat, wat do ofgemaach gi war, erëm eng Kéier op eppes zréckkomm ass, wat mer schonns mat aneren Deeler vum Patronat - géif ech soen - konkret konnte léisen.

Ech ginn dann am Numm vum Romain Schneider a mir dem Chamberspresident déi Motioun. Mir hu se eleng ënnerschriwwen, fir deenen anere Fraktiounen d'Geleeënheet ze ginn, déi Motioun och ze ënnerschreiwen, a mir wiere frou, wann déi kéint gedeelt gi vun alle Fraktiounen. Wann all Fraktioun aus der Chamberskommissioun mat deenen Objektiver d'accord wier, kéinte mer haut ee Signal no bausse setzen, fir all déi Bedenken, déi nach zum Eenheetsstatut bestinn, aus der Welt ze schafen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'absentéisme constitue un facteur influant tant sur la compétitivité que sur le bien-être au travail et dépendant à la fois de la responsabilité commune des employeurs et des salariés;

- considérant que des absences injustifiées ne sont pas tolérables aussi bien dans le chef des entreprises que des travailleurs et de la solidarité nationale à cause des implications sur le budget de l'État;

- constatant que le contrôle administratif des absences au travail pour cause de maladie et les sanctions en cas d'abus ont été largement discutés entre le Gouvernement et les partenaires sociaux, et notamment les employeurs;

- rappelant qu'actuellement les Caisses de Maladie procèdent aux contrôles administratifs des ouvriers et peuvent prononcer le cas échéant des sanctions selon les dispositions statutaires, alors que pour les employés privés, il n'existe pas de contrôles administratifs et que les sanctions d'un comportement contraire aux prescriptions du certificat de maladie sont celles du droit commun, dont le non-paiement du salaire pour la période concernée;

- approuvant la proposition du Gouvernement que désormais la Caisse Nationale de Santé procédera pendant la période de continuation du salaire, selon des dispositions à arrêter dans le cadre de ses statuts, à des contrôles administratifs systématiques, sur le territoire national et à l'étranger, dont le résultat sera communiqué aux employeurs, qui eux pourront dès lors procéder, le cas échéant et sur base de ces contrôles, aux sanctions prévues par le droit commun, comme l'a relevé dans son avis le Conseil d'État;

- prenant acte des déclarations du Gouvernement que le nouvel article 16, alinéa 2 du Code de la Sécurité sociale combiné avec le Code du travail permettront de mettre en œuvre ces mécanismes;

- considérant encore que pour maîtriser l'absentéisme, il est essentiel d'analyser de manière objective les causes exactes du phénomène de l'absentéisme;

invite le Gouvernement

- à suivre de près l'exécution administrative et jurisprudentielle de la mise en œuvre de ces mécanismes, et d'en dresser le résultat, au plus tard lors du bilan prévu pour l'exercice 2010, et de proposer, à ce moment, le cas échéant, les adaptations qui s'imposeraient;

- à tenir la Chambre informée des travaux du Groupe de Haut Niveau, qui établira un état des lieux et un programme d'action permettant de contenir le phénomène de l'absentéisme.

(s.) Marcel Glesener, Claudia Dall'Agnol, Gast Gibéryen, Ali Kaes, Viviane Loschetter, Romain Schneider.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen dann zum Ofschloss vu menger Interventioun. Ech gesinn, ech hunn nach dräi Minutten Zäit.

Wéi ech uganks vu menger Interventioun gesot hunn, bedeit dëse Projet den Ofschloss vun engem laangen an oft schwéiere Wee. Wa mer haut stëmmen, ass dat d'Signal vun enger Jorhonnertreform, un déi der vill viru Jorzéngten net gegleeft hunn. Dank der Iwwerzeegung, dem Engagement an dem onermiddlechen Asaz vun net wéinegen hu mer haut eist Zil erreecht. Dat ass also haut wierklech een historeschen Dag an der Lëtzebuerger Sozialgeschicht, an ech bieden d'Chamber, dësem Statut unique eng breet Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Glesener. D'Wuert huet elo den zweete Rapporteur, den honorabelen Här Schneider.

M. Romain Schneider *(LSAP), corapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech dann och dene Mercien uschléissen, déi de Marcel Glesener ausgeschwat huet un all déi Leit, déi gehollef hunn, datt dëse Projet de Mëtteg hei an d'Chamber konnt kommen an hoffentlech och mat enger breeder Majoritéit wäert gestëmmt ginn.

Fir d'éischt wéilt ech awer emol dem Kolleeg Marcel Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer am Kader vum Projet de loi iwwert de Statut unique haten, wou

mer zesummen een 150 Säiten décke Rapport presentéiert hunn a probéiert hunn, esou ausféierlech wéi méiglech ze sinn. Dobäi konnte mer op d'Mathëllef, éischtens vun deenen zwee Ministeren zréckgräifen, awer virun allem och op d'Ënnerstëtzung vun der Presidentin vun der Gesondheetskommissioun zielen, dem Lydia Mutsch, déi eis gehollef huet duerch déi Kommissiounssitzungen zügeg virunzekommen. Selbstverständlech soe mer och dem Sekretär vun dëser Commission jointe, dem Martin Bisenius, Merci, deen am Commentaire des articles wierklech ausféierlech op déi eenzel Punkten agaangen ass a se och am Detail erkläert huet.

Nodeems de Marcel Glesener op de Volet vum Droit du travail agaangen ass, géif ech mer dann erlaben, de Volet vun der Sécurité sociale e wéineg méi genee ënnert d'Lupp ze huelen. Mat Sécherheet wäert et awer och a menger Interventioun net ausbleiwen, datt mer op Plazen Iwwerschneidungen hunn, well et jo awer kloer ass, datt d'Beräicher vum Droit du travail a vun der Sécurité sociale virun allem an dësem Dossier enk matenee verbonne sinn.

Ech géif mer dann och - genee wéi de Marcel Glesener - erlaben, fir d'éischt e klengen Historique am Volet vun der Sécurité sociale ze maachen an duerno progressiv weisen, wéi et dozou komm ass, datt mir haut zoustëmmen zum Ofschloss vun engem Statut unique hei zu Lëtzebuerg.

D'Entwécklung vun der Sécurité sociale hei zu Lëtzebuerg ass net d'un seul coup geschitt, mä et ass virun allem eng historesch Konstruktioun, déi an Etappe viru sech gaangen ass, engersäits par Catégories socioprofessionnelles an anerersäits iwwer Risikodomainen. Hei zitéieren ech d'Gesetzer vum 31. Juli 1901, vum 5. Abrëll 1902 an dann och vum 6. Mee 1911, Gesetzer, déi also wäit zréckleien an déi successiv ee Régime obligatoire vu Krankeversécherung, Assurance accident an Assurance pension fir Aarbechter an Employéen, deenen hir Paien e bestëmmten Niveau haten, agefouert hunn.

No an no gouf d'Protection sociale op déi gesamt Bevölkerung ausgedeent. An et ass virun allem dës historesch Evolutioun, déi legal Ënnerscheeder tëschent deenen eenzelne socioprofessionnellë Kategorien hautdësdaags erkläert. Ech erënneren op dëser Plaz drun, datt et an eenzelnen Elementer vun der Sécurité sociale, wéi zum Beispill dem RMG oder der Assurance dépendance, elo scho keng Ënnerscheeder tëschent Aarbechter an Employéë méi gëtt. Gradesou ass et bei der Assurance chômage an och der Assurance maternité an der Allocation familiale gewiescht. An och bei der Assurance maladie an der Assurance pension konnte mer an deene leschte Jorzéngten eng progressiv Harmonisatioun vun de Regimer feststellen, ausser beim Régime agricole.

Et bloufen awer bis elo grouss Disparitéiten, an dat virun allem am Beräich vun de Cotisatiounen, déi bestoe bliwwe sinn. Genausou gouf d'Iddi, déi zënter Laangem bestanen huet, d'Krankekeesen an och d'Pensiounskeesen zesummenzeleeën, zënter Jorzéngten diskutéiert an ass bis elo ëmmer gescheitert gewiescht u fonctionnellë Schwieregkeeten, awer och virun allem u Personalfroen, déi mer mat Sécherheet dës Kéier amgaang sinn am Virfeld ze léisen an och elo progressiv wäerten op de Leescht huelen.

An der Geschicht waren och d'Gesetzer vum 27. Juli 1987 iwwert d'Harmonisatioun an d'Unificatioun vun der Assurance vieillesse, der Invaliditéit an der Survie op d'Bee gesat ginn an och d'Gesetz vum 27. Juli 1992 iwwert d'Codificatioun vun der Législatioun an der Krankeversécherung ware wichteg Schrëtt zu deem, wat mer haut amgaang sinn ofzeschléissen.

Am Moment bleift virun allem also eng grouss Differenz tëschent Aarbechter an Employéë bestoen, an dat um Niveau vun de Prestatiounen. Ginn d'Aarbechter vum éischten Dag vun hirer Krankmeldung u vun der Keess rembourséiert, esou kritt den Employé - an de Marcel huet et schonn ugeschnidden - de Salaire weider vum Patron während deem ugefaangene Mount plus dräi Méint, déi sougenannt Lounfortzahlung, op déi ech spéider nach eng Kéier kuerz wëll agoen.

Dës fréi Interventioun vun der Keess bei den Aarbechter erkläert dann och, an dat ass selbstverständlech, d'Ënnerscheeder an den Taux de cotisation eben, dee fir den Employé bei 0,10 a bei den Aarbechter bei 2,35% läit.

Wichteg och an deem ganze Kontext hei ass d'Gesetz vum 27. Juli 1992, d'Reorganisatioun vun der Union des Caisses de maladie. Déi steet ënnert der Autoritéit vun engem Conseil d'administration an enger Assemblée générale.

Um Niveau vun den Allocations familiales gëtt et d'Gesetzer vum 20. Oktober 1947 - déi éischt Base légale vun der Allocation familiale fir all Salariéen -, awer och d'Gesetz vum 10. August 1959, d'Adaptatioun vum Régime vun den Employés privés. Dann ebe kommen d'Gesetzer vum 29. Abrëll 1964 iwwert d'Uniformisatioun vun de Barèmen a virun allem dat vum 19. Juni 1985 iwwert d'Fusioun vun deene véier Keesen an déi beschtbekannte Caisse nationale des prestations familiales.

Dir gesitt also, datt am Beräich vun der Sécurité sociale eng progressiv Uniformisatioun stattfonnt huet. Dës war awer onkomplett. Haut de Mëtteg schléisst sech de Krees an dëst Gesetz soll de Rescht parachevéieren.

Wäit ausgeholl hunn ech also elo, wat d'Geschicht betrëfft. Ech si wäit zréckgaang, bis d'Joer, mengen ech, 1901, wou ech ugefaangen hat, fir lech déi progressiv Entwécklung an der Sécurité sociale ze erklären an ze soen, wou mer haut dann dee Moment erauskommen.

Et muss een och soen, datt de Mëtteg e Gesetz gestëmmt gëtt mat Opbau, mat Entscheedunge vun der Regierung, vun alle Sozialpartner, dat, an de Marcel huet et scho gesot - et ass e grousst Wuert -, als Jorhonnertreform bezeechent gëtt. Mä effektiv ass et esou, datt, wa mer an Europa kucken, mer net ganz vill Länner hunn, déi deen dote Wee scho komplett gaange sinn. Sécher sinn eng Rei vu Länner, déi eenzel Elementer zesummegeholl hunn a wou eenzel Elementer vun engem Statut unique schwätzen, mä éischtens sinn déi eenzel Regimer esou ënnerschiddlech, an zweetens hu mer och an eenzelne Beräicher ëmmer nach Differenzen, esou datt ech mengen, datt mer hei als Lëtzebuerg emol eng Kéier net eent vun deene leschte Länner sinn, déi e wichtege Schratt am 21. Jorhonnert kënne vollbréngen.

Ech géif no der Geschicht vun der Sécurité sociale dann agoen op déi eenzel Elementer, déi de Volet vun der Sécurité sociale an dësem Projet de loi beinhalt.

Den Artikel 2 vum Gesetz beinhalt virun allem de gréissten Deel vun de Modifikatiounen an Dispositiounen. Hei steet de Changement dra vum Code assurance sociale - dem CAS - an dem Code de la sécurité sociale, mat där neier Ofkierzung CSS. An am Code fanne mer, ech wëll dat eng Kéier kuerz ernimmen, a sechs Bicher separat:

1) d'Assurance maladie,

2) d'Assurance pension,

3) d'Assurance accident,

4) dat neit Element Prestations familiales, awer virun allem och

5) d'Assurance dépendance,

6) an d'Dispositions générales.

Nëmmen de Beräich vun der Assurance accident gëtt an dësem Projet net reforméiert, well hei sinn d'Aarbechten amgaang, an deemnächst, mengen ech, wäert den zoustännege Minister och hei déi néideg Reform presentéieren, déi och derniewent nach eng Kéier - an et ass ugeschnidde ginn an deene ganzen Debatten, och beim Tripartite-Ofkommes an och am Kader vum Statut unique - wäert Entlaaschtunge fir d'Betriber generell bréngen.

Wat de Volet Sécurité sociale betrëfft, sou beinhalt dee gréissten Deel dervun - an dat hu mer virun allem an den Aarbechten an der Kommissioun gesinn - eng ganz Rei technesch Elementer, déi erëmkommen.

Eleng dee gréissten Deel, ech géif gäre soe 75% vun deene 46 Amendementer, déi mer ofgestëmmt hunn, ware virun allem technescher Natur am Wiese vun der Sécurité sociale, fir och ze regelen, datt einfach déi Riedercher anenee wäerte goen, wann d'Ëmsetzung vum Statut unique soll kommen.

Virun allem awer ass dat Ganzt eng administrativ Reorganisatioun mam Élément phare vun der Schafung vun enger nationaler Krankekeess an dem Zesummeschluss vun deene véier Pensiounskeesen an eng national Pensiounskeess, där sougenannter CNAP.

Wat d'Krankekeess betrëfft... Elo hunn ech erëm eng Kéier de Feeler gemaach, vun enger Krankekeess ze schwätzen!

Fënnef Euro an d'Schwéngchen, seet ëmmer de Minister. Ech hoffen, datt dat agehale gëtt, esou datt mer e ganz flotten Don iergendwann eng Kéier kënnen zesumme maachen, well jiddferee wäert mat Sécherheet nach eng Kéier an déi Fal do tappen.

Mir hunn an der Kommissioun och vun der Geleeënheet profitéiert, fir am Kader vun dësem Eenheetsstatut d'Krankekeess ëmzedeefen an eng national Gesondheetskeess, Här Gesondheetsminister, esou datt mer also och dëse Schrëtt kënne maachen, fir déi Politik vun der Regierung auszedrécken. Dobäi gi mer fort vun enger defensiver Approche hin zu enger Preventioun vu Krankheeten an enger Promotioun vun der Gesondheet, wouhi jo och déi lescht Projeten an Aktioune vun der Regierung a virun allem vum Gesondheetsminister steieren.

D'Zesummeleeë vun all dëse Keesse wäert mierklech Ekonomië mat sech bréngen, och duerch d'Abolitioun vun de Wahlen an dësem Beräich. De Marcel ass schonn op déi eenzel Changementer am Detail agaangen.

All Kompetenze sinn an Zukunft am Comité directeur regruppéiert. D'Zesummeleeë vun de Keesse wäert awer net zu enger Ofschafung vu Posten an Agencë féieren, mä dës Ressources humaines, awer och patrimoniales wäerte genotzt ginn, fir konzentréiert agesat ze ginn, an dat hei virun allem och iwwert d'Iddi vum Guichet unique, wou d'Bierger op der Plaz sech kënnen nach besser informéieren a berode loossen iwwert déi eenzel Servicer, iwwert déi eenzel Prestatiounen an deenen eenzelne Beräicher.

Et wäerten also Strukture geschafe ginn, déi nach méi transparent, méi rationell an effikass wäerte fonctionnéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, bei de substanziellen Ännerungen am Beräich vun der Sécurité sociale ass sécher d'LFZ, déi sougenannte Lounfortzahlung de wesentlechen Element. Also, de System, dee geholl gouf am Statut unique, fir all Salarié un de System vun den Employés privés unzeglidderen. An hei virun allem hate mer ganz laang Diskussiounen och iwwert d'Base de calcul vun der Indemnité pécuniaire, déi largement modifizéiert gouf, wou mer eis schliesslech op dës Base de calcul gëeenegt hunn, déi Dir och am Rapport gesitt, a wou eng kleng Objektioun säitens vum Statsrot war, wou mer awer zesummen och mat der Regierung beharrt hunn, fir dat heiten esou ze loossen.

Et gëtt selbstverständlech och liicht Kompensatiounen, déi hei gemaach gi säitens vum Aarbechter, well e jo och eng ganz Rei vu Virdeeler an anere Beräicher kritt.

Et geet also elo drëm, datt d'Pai no Aféierung vum Statut unique wäert genau wéi am Verhältnis beim Employé privé während dem Mount, wou ugefaangen ass, a während deenen dräi Méint duerno, während 13 Wochen also, direkt vum Patron virubezuelt ginn. Derniewent hu mer jo och dat sougenanntent Netz vun der Mutualitéit agebaut, fir och schwaach Betriber, kleng Betriber ze schützen, a wouduerch eng Prise en charge an e Remboursement méiglech ass.

Et ass awer och esou, datt et eng Rei vun Exceptioune fir dëse System a véier Beräicher direkt emol gëtt, déi vum éischten Dag u vun der Caisse nationale de la Santé, CNS, rembourséiert ginn.

Et sinn dat éischtens Salariéen, déi an engem Privathaushalt agestallt sinn. Hei ass derniewent och de Patron dispenséiert, obligatoresch an d'Mutualitéit ze goen. Dat gouf virun allem och agebaut fir deem entgéintzewierken, datt mer Schwaarzaarbecht an dësem Secteur solle kréien, esou datt hei also dës Extensioun dra virgesinn ass.

Zweetens, d'Period vum Congé pour raisons familiales.

Drëttens, de Congé d'accompagnement.

Véiertens, d'Salariéen, déi ënner engem Proufkontrakt, engem sougenannten „Contrat à l'essai" stinn.

De Code de cotisation wäert also an Zukunft am Privatsecteur deeselwechte si fir all Salarié: 0,5%. Dëst bedeit also an der Praxis, no enger Iwwergangsperiod vu fënnef Joer, datt mer beim gläiche Bruttoloun fir déi Persoun, déi am Aarbechterstatut war, eng progressiv Erhéijung an der Nettopai vun 2,1% wäerten hunn, an op där anerer Säit, wann een et esou direkt hëlt, eng minus Nettopai fir den Employé vun 0,125%.

Am Generelle wäert de Patron den Avantage compétitif awer sécher spieren. E wäert mat sech bréngen, dee Moment um generellen Niveau, eng Baisse vun de Cotisatiounen, an déi wäert stattfanne bei alle Salariéen. Wichteg awer ass bei der Ëmsetzung, virun allem an dësem Beräich vun der Lounfortzahlung, eng richteg Informatiounscampagne. Déi muss un de Bierger kommen, awer virun allem och mussen d'Patronen informéiert ginn.

Hei eng kleng Klammer derbäi: Duerch d'Schafung vun der Mutualitéit ass et och elo esou, datt d'Indépendanten effektiv och dovu kënne profitéieren, wa se krank sinn, an och hei kënnen e Remboursement kréien, wat bis elo net de Fall war, esou datt och si vun dëser neier Mutualitéit kënne profitéieren.

De Gesondheetsminister huet der Kommissioun och an dësem Kader e wichtegt Element mat proposéiert, dat grouss Zoustëmmung bei der Kommissioun fonnt huet an och virun allem bei enger Rei Leit, déi ëmmer erëm intervenéiert hunn, fir virun allem déi Ongerechtegkeeten opzehiewen, déi entstane sinn am Kader vum Gesetz iwwert d'Incapacité de travail, déi sougenannten 52 Wochen an der Referenzperiod vun 104 Wochen.

Hei hu mer effektiv d'Méiglechkeet geschaf, datt kënne Cas-de-rigueuren iwwerkuckt ginn, datt mer virun allem déi Cas-de-rigueuren, déi méi heefeg waren, wéi mer eigentlech beim Vote vun dësem Gesetz konnte feststellen, awer wierklech hunn. Dat heescht, dat si Fäll wou mer effektiv eng Krankmeldung haten, duerno en Accident de travail an duerno effektiv eng Krankheet, iwwer Kriibs, eng oder zwou Krankheeten hannendrun.

Hei muss et awer méiglech sinn, datt een net automatesch en Zréckfalen an eng Pension d'invalidité kritt, mä datt een effektiv d'Période de référence ka verlängeren, fir dann och deene Leit d'Chance ze ginn, och déi moralesch Hëllef ze ginn, fir einfach virun am Aarbechtsprozess an an der Verbindung mam Patron kënnen ze bleiwen. Selbstverständlech, an ech mengen déi Zousécherung krute mer och an der Kommissioun, muss d'Gesetz iwwerschafft ginn. Mir mussen e Gesetz kréien, dat op dëse Punkten amendéiert gëtt, fir och deene Fäll dann d'office kënne Rechnung ze droen, mat eventuell anere Schëss, déi mer och nach musse riichtbéien an dësem Fall.

De Statsrot hat hei net direkt déiselwecht Approche wéi d'Kommissioun. Mir hunn awer gemengt, datt dat hei virun allem och fir déi Bierger, wou et sécher keng Honnerte sinn, mä wou et awer e gudde Grapp voll ass, déi ëmmer erëm betraff wäerte sinn, wichteg ass, datt mer dat an dësem Statut unique och solle verankeren.

Duerch d'Modifikatioun vum Artikel 16 vum CAS kritt och d'Krankekeess d'Méiglechkeet, d'Krankeschäiner ze kontrolléieren. De Statut unique ass jo och een Element an dësem ganze Package fir géint de sougenannten - an de Marcel huet et schonn ugeschnidden - Absentéisme abusif virzegoen. De Ministère ass jo och hei amgaang, iwwer bilateral Accorden d'Méiglechkeete vu Contrôlen ze erweideren. Zum Beispill a Frankräich, wou d'Verhandlunge relativ wäit fortgeschratt scho sinn.

Eng wichteg Roll an dësem Kader steet selbstverständlech och dem Groupe de haut niveau zou, deen hei schonn zitéiert gouf, wou d'Regierungsvertrieder, d'Gewerkschaften, d'Salariat an d'Patronat amgaang sinn ee richtege Cahier de charges auszeschaffen, fir Léisungen am Beräich vum Absentéisme ze fannen. Et mussen awer, an do schwätzen ech a mengem perséinlechen Numm, Léisunge sinn, déi souwuel de Besoinë vun de Patronë wéi och deene vum Salariat entspriechen. Et dierfen op dëser Plaz keng Hetzjuegte gemaach ginn, weder op deem engen nach op deem anere Lager. Et geet drëm fir effektiv deen Absentéisme abusif erauszefannen, an ëm soss glat näischt.

Ab 1. Januar soll da jo och an dësem Kader, an hei ass jo de Groupe de haut niveau amgaang Initiativen ze huelen, dee sougenannten Observatoire de l'absentéisme geschaf ginn, dat a Kollaboratioun mat der IGSS.

Ouni an d'Detailer ze goen, dat géif hei ze wäit féieren, ass awer och d'Besetzung vum Comité directeur: seng Missiounen, seng Besetzung a seng Virgehensweis respektiv och d'Rekursrechter, déi am Projet de loi hei ganz kloer beschriwwe sinn. Ech géif mer erlaben, net op d'Detailer anzegoen, well eng ganz Rei vu Riedner hannendru sinn, déi mat Sécherheet eenzel Elementer wäerten eraushuelen a wou Der derniewent och an eisem 150 Säite schwéieren Do-

kument déi eenzel Elementer am Detail wäert erëmfannen.

E puer Wierder nach zu där nei geschafener Mutualitéit, wou d'Aufgaben, d'Besetzung an och hire Finanzement am Gesetz kloer definéiert sinn. D'Affiliatioun, déi obligatoresch ass fir all Employeur - et gouf scho vun der Solidaritéit geschwat, wat selbstverständlech ee vun dësen Elementer vun där Obligatioun ass -, ass hei virgesi selbstverständlech. Et si kleng Exemptioune méiglech. Ech hat se virdrun zitéiert.

Den Taux de participation vum Stat ass och festgeluecht ginn an dësem Gesetz. Dee läit bei 0,3% vun der Masse cotisable, deen also fir 2009 op 25 bis 30 Milliounen Euro geschat gouf.

Et gëtt dann e Bilan gemaach. De Bilan, wéi schonn hei ugeschwat, wäert no zwee Joer gemaach ginn, also Enn 2010, an dee Moment wäert da gekuckt ginn, wat am Budget 2011 wäert zréckbehale ginn. Da wäerte mer kucken, wéi effektiv de Statut unique op d'Betriber sech agewierkt huet, ob en effektiv e positiven oder en negativen Effekt hat, an dann dee Moment wäert d'Regierung och d'Décisioun huelen, ob se bei dësem Taux bleift, ob en an d'Luucht gesat gëtt oder ob e reduzéiert ka ginn.

Dëst Gesetz trëtt den 1. Januar 2009 a Kraaft, ausser den Exceptiounen, wou de Marcel drop agaangen ass, déi wichteg ware fir d'Sozialwahle korrekt a gutt ze organiséieren, déi jo am Hierscht hei zu Lëtzebuerg stattfannen.

Als Ofschloss géif ech mer erlaben, als Corapporteur vun dësem Gesetz nach e puer Bemierkungen eriwwerzeginn. Ech wäert als Rapporteur net op de politeschen Deel vun dësem Gesetz agoen.

Fir eis Partei wäert dat mäi Fraktionskolleeg John Castegnaro maachen, deen an dëser, awer och an anere Fonctioune mengen ech zënter Jorzéngten hin zu dësem Statut geschafft huet. Hie wäert hei fir d'LSAP am Detail dorobber agoen an och d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz vun eiser Fraktioun ginn.

D'Aféierung vum Statut unique wäert d'Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz endlech ofschafen. Sécher net vun haut op muer, awer an der Praxis, esou wéi et schonn op ville Plazen ass, a kuerzer Zäit. Dëst wäert och zu enger weiderer Verbesserung vum Aarbechtsklima an de Betriber bäidroen a jiddferengem hëllefen, souwuel dem Salariat wéi op där anerer Säit dem Patronat.

Ech mengen, datt et och esou ass, datt déi sozial a moralesch Komponent iwwert deene materielle Virdeeler an Nodeeler fir déi eng oder déi aner muss stoen. Iwwer 275.000 Salariéë wäerten direkt betraff sinn, déi op dem Lëtzebuerger Aarbechtsmaart am Privatsecteur schaffen. Den Owend kommen en Deel vun Aarbechter an Employéen aus dem Gemengesecteur derbäi.

Eng national Gesondheetskeess, eng national Pensiounskeess, eng Sozialwahl an esou weider wäerten d'Mechanisme sinn, un déi mer eis wäerten an Zukunft gewinnen. An ech si sécher, datt heiduerch virun allem och onnéidegen administrativen Opwand ka reduzéiert ginn.

Wéi all Neierungen, an och den anere Corapporteur huet et ugeschnidden, wäert de Statut unique an der Praxis sécher kleng Hicken hunn. Dat wäert evident sinn. Mir hunn nach a leschter Phas eng Rei vun techneschen Änneruge kënne bréngen.

An der Theorie kann een net ëmmer alles virausgesinn, wat an der Praxis wäert geschéien.

Et gëllt also, dës kleng Hicke mat aller néideger Rou a Souveränitéit a virun allem Dialogbereetschaft, déi mer jo hei zu Lëtzebuerg ëmmer haten an ech hoffen och nach ëmmer hunn, ze berengegen.

Bilanen, Observatoiren an esou weider sollen eis d'Méiglechkeet ginn, fir punktuell Verbesserungsännerungen ze maachen, ouni awer de Prinzip vun dësem Statut unique a Fro ze stellen. Ee Prinzip, deen à moyen terme fir mech eng „win-win"-Situatioun ass fir eis alleguerten. D'Sozialpartner kënnen houfreg drop sinn, datt mer als Lëtzebuerger Land en Zeeche gesat hunn am 21. Jorhonnert, fir keng Ënnerscheeder méi ze maachen am Salariat dobaussen, woumadder mer, wéi ech scho gesot hunn, eent vun deenen éischte Länner sinn, dat dëse Schrëtt och ganz gemaach huet. Och dat ass fir mech en Denken an d'Zukunft. Och dat ass en Invest an d'Leitbild vun engem dynameschen, fortschrëttlechen a sozialpolitesch denkende Land.

An dat alles zwee Deeg virun engem 1. Mee, dem Dag vun der Aarbecht!

Ech soen Iech Merci, datt Der nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schneider. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Kaes.

Discussion générale

M. Ali Kaes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer emol fir d'éischt, deenen zwee Rapporteuren oder Corapporteure villmools Merci ze soe fir hiren ausféierlechen an natierlech engem vun deenen déckste Berichter vun engem Projet de loi, sougutt am Schréftleche wéi och am Mëndlechen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Aféierung vum Statut unique reit sech an déi legislativ Evolutioun vun deene leschte Jorzéngten an, sief dat um Plang vum Aarbechtsrecht oder awer och um Niveau vun de Sozialversécherungen.

Kuckt ee sech d'Gesetzer un, déi an deene leschten 30 bis 40 Joer gestëmmt gi sinn, stellt ee fest, datt, och wa se net d'Differenzen all tëschent dem Statut vun den Aarbechter an deem vun den Employéen ofgeschaaft hunn, se zumindest keng nei Differenzen agefouert hunn. Am Géigendeel, all neit Gesetz huet probéiert, déi zwee Statute méi no beieneenzebréngen, jo, se ze harmoniséieren.

Mir däerfen net bei deem Schratt stoe bleiwen. Mir mussen all déi Gesetzer, déi d'Relatiounen tëschent dem Patronat an dem Salariat regelen, moderniséieren an un déi heiteg Zäit upassen, wuelwëssend, datt mer dat an dësem Moment wéinst dem Eenheetsstatut net konnten an Ugréff huelen, dat duerch den Accord, deen an der Tripartite getraff ginn ass.

Ech denken awer hei besonnesch un d'Matbestëmmungsgesetzer, wou dem Schaffende méi Rechter zougestane musse ginn. Jo, Comité mixte a Verwaltungsrot däerfe keng Alibifunktioun hunn, mä mussen eng Plaz sinn, wou d'Salariat e wierklecht Matsproocherecht huet. Datselwecht gëllt fir d'Ausschussgesetz, dat vun 1979 ass an dat ebenfalls un d'Ufuerderungen an un d'Problematik vun de Betriber vun haut muss ugepasst ginn. Och wann eist Kollektivvertragsgesetz eréischt vun 2004 ass, esou mussen och hei eng ganz Rei vu Bestëmmungen nei definéiert ginn.

Mä zréck zum Eenheetsstatut. Et ass bekannt, datt déi ënnerschiddlech Behandlung vun Aarbechter a Beamten um Niveau vun der Sozialversécherung an dem Aarbechtsrecht engem anere Jorhonnert entsprécht, wou nach tëschent handwierklecher, manueller an intellektueller Aarbecht differenzéiert gouf.

Déi technesch Evolutioun vun deene leschte 50 bis 60 Joer huet ebenfalls d'Aarbechtswelt geprägt, mat der Konsequenz, datt den Ënnerscheed tëschent Aarbechter an Employé ëmmer méi zu engem reng theoreteschen Ënnerscheed ginn ass.

A verschiddene Secteuren y compris dem industriellen ass d'Unzuel vun den Aarbechter massiv zréckgaangen, well de Prozentsaz vu reng kierperlecher Aarbecht enorm ofgeholl huet, während de Prozentsaz vun där intellektueller Aarbecht parallell zougeholl huet.

Déi virleiend Reform ass also méi wéi nëmmen noutwendeg, well d'Differenzéierung tëschent deenen zwee Statuten iwwerholl ass - jo, si ass ganz einfach iwwerlieft. Doriwwer eraus ass d'Reform awer och noutwendeg, well d'Oprechterhalung vun zwee Statute mat zwee verschiddene Regimer eng gewëssen Diskriminéierung duerstellt.

An dësem Kontext muss et erlaabt sinn, sech d'Fro ze stellen, ob dës Differenzéierung tëschent Aarbechter a Beamten net géint de Gläichheetsprinzip, deen an der Verfassung verankert ass, verstéisst. Et ass dat och eng Fro, déi de Statsrot sech a sengem Avis vum 21. Dezember 2007 stellt. Och wann de Gesetzgeber d'Méiglechkeet huet, verschidde Kategorië vu Leit a verschidde Regimer ënnerzeuerdnen, ouni dobäi de Gläichheetsprinzip ze verletzen, esou bleift, datt d'Differenzéierung objektiv gerechtfertegt an dem Zil no proportionéiert soll sinn.

Or, den eenzegen objektiven Ënnerscheed tëschent dem Aarbechter an dem Employé läit a sech an der Natur vu senger Aarbecht. D'Fro, ob dësen Ënnerscheed eng differenzéiert Behandlung vun de Salariéen, jee nodeem se Aarbechter oder Employé sinn, justifiéiert, ass pertinent. De Statsrot huet net Onrecht, wann hie seet, datt op laang Dauer, wann déi virleiend Reform net komm wier, de Verfassungsriichter déi bestehend Dispositioune sanktionéiert hätt.

Iwwregens hunn d'Geriichter schonn d'Geleeënheet gehat, sech indirekt zu dëser Problematik ze artikuléieren, an d'Uerteeler, déi getraff gi sinn, stellen a sech e Plädoyer fir d'Ofschafung vun dëser ongläicher Behandlung duer.

Et ass net gerechtfertegt, datt en Aarbechter anere Regelen ënnerläit wéi en Employé, wéi zum Beispill um Niveau vun der Indemnité de départ en cas de licenciement oder vum Zouschlag fir Iwwerstonne respektiv dem Trimestre de faveur an esou weider.

Et kann ee sech och Froe stellen iwwert déi méi héich Cotisatioune vum Aarbechter wéi déi vum Employé am Beräich vun de Krankekeesen. D'Argument, d'Aarbechter si wéinst der Natur vun hirer Aarbecht méi ufälleg, fir krank ze ginn, ass a sech iwwerholl. Déi strikt Sécherheetsmoossnamen an déi technesch Evolutioun, déi d'Aarbecht an d'Aarbechtskonditiounen zum groussen Deel zum Positive geännert hunn, widderleeë ganz einfach dëst Argument.

Wou läit duerfir wann ech gelift hautdësdags d'Rechtfertegung fir eng differenzéiert Behandlung vun de Salariéen um Niveau vun der Lounfortzahlung?

Wann dat fréier justifiéiert war, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dann ass dat haut längst passé. D'Aféierung vum Statut unique ass déi logesch Konsequenz vun enger Evolutioun. Däers ass sech mëttlerweil jiddferee bewosst.

Et huet awer eng Zäit gedauert, bis datt endlech de Wee fräi war, fir dës wichteg Sozialreform, déi d'Aféierung vum Statut unique scho ganz sécherlech duerstellt, ëmzesetzen. Jiddfereen, dee bei dëser Reform betraff ass, huet schlussendlech Waasser a säi Wäi geschott, fir datt dëse Kompromëss, deen haut um Dësch läit, konnt zustane kommen.

De Problem war jo, eng intelligent Léisung ze fannen, mat där jiddferee liewe kann. E Kompromëss, wou eventuell Käschten, déi ufalen, net un enger Partei hänke bleiwen, ob dat um Patronat oder um Salariat ass. Et ass gekuckt ginn, fir datt et am Fong käschteméisseg neutral soll bleiwen.

Déi staatlech finanziell Participatioun an der neier Mutualitéit vun den Employeuren, déi jo geschaaft gëtt, fir déi finanziell Konsequenze vun der Aféierung vum Statut unique auszegläichen, garantéiert a sech dës Neutralitéit.

Ech schléissen net aus, datt d'Konsequenze vun der Aféierung vum Eenheetsstatut jee no Betrib an no Secteur aneschters wäerten ausfalen. Ech géif awer mengen, datt mat dem System, deen de Gesetzesprojet virgesäit, d'Patronat keng gréisser Bedenke muss hunn, och wann deen een oder anere Patron der Meenung ass, hie wier deen, deen am schlechtesten hei géif ewechkommen.

E Bilan soll, esou wéi et och scho gesot ginn ass, ausserdeem all Joer gemaach ginn, fir ze kucken, wat d'Inzidenze vun der Generalisatioun vun der Lounfortzahlung sinn. Wa sech erausstelle sollt, datt déi initial am Gesetz virgeluechte Participatioun vum Stat net duergeet, ka gegebenenfalls dës Participatioun gehéicht ginn.

Den éischte Bilan gëtt iwwregens - an och dat ass gesot ginn - am Joer 2010 gemaach. Den initiale Projet hat do eng ganz aner Frist virgesinn. Fir awer dem Patronat entgéintzekommen, ass dunn zréckbehale ginn, datt de Bilan déi éischte Kéier ee Joer nom Akraafttriede vum Gesetz gemaach soll ginn.

Wat d'Problematik vum Absentéismus ugeet, déi vun engem Deel vum Patronat am Kontext vun der Lounfortzahlung opgeworf ginn ass, wëll ech just nach eng Kéier drop hiweisen, datt, iwwert d'Rétroassurance vun de Betriber duerch d'Mutualitéit eraus, jo e Groupe de haut niveau zesummegesat gëtt, bestehend aus de kompetente Ministeren an de Sozialpartner. Dëst Gremium soll sech mam Absentéismus a virun allem mat den Ursaache vun dësem Phenomeen beschäftegen. An enger spéiderer Phas soll dëse Grupp och en Aktiounsprogramm op d'Bee stellen, mam Zil, den Absentéismus ze meeschteren.

Ech géif nach eng Kéier hei op dëser Plaz wëlle warnen, datt een dëse komplexe Problem nëmmen opgrond vun objektiven Diskussioune kann erfaassen, wäit ewech also vun all Cliché oder festgefuerene Meenungen. Ouni wëllen de Konklusioune vum Groupe de haut niveau virzegräifen, ass eis duerchaus bekannt, datt den Absentéismus, deen dem Patronat Suerge mécht, den Absentéismus vun e puer Deeg ass. Jo, dat heescht, wann d'Leit zwee bis dräi, maximal véier Deeg feelen.

An enger Rei Betriber oder Branchen, wou och relativ vill Frae schaffen, sinn et virun allem Fraen, déi regelméisseg e puer Deeg feelen. A wa se feelen, Kolleeginnen a Kolleegen, dann ass dat oft wéinst hire Kanner, well hir Kanner krank sinn, oder hire Babysitter selwer krank ass, oder d'Crèche oder de Foyer mécht fir e puer Wochen hir Dieren zou a si wëssen net wouhi mat hirem Nowuess. Si huele sech am Prinzip Congé, mä heiansdo geet dat net. Si kréie kee Congé oder si hu kee Congé méi zegutt. An da bleift hinnen, och wann dat hinne schwéierfält, oft näischt aneschters iwwreg, wéi sech selwer krankzemellen.

Bref, d'Ursaache vun engem Deel vum Absentéismus leie ganz kloer an der verbesserungsbedürfteger Conciliatioun tëschent Beruff a Famill. Dëst ass drop zréckzeféieren, datt d'Crèchen oder d'Foyeren a sech prinzipiell keng krank Kanner ophuelen.

Et gëtt zwar de Service „Krank Kanner doheem", dee Kanner, déi krank sinn, doheem versuergt, während d'Eltere schaffen, mä et ass deen eenzege Service, deen esou eng Offer ubitt. Dat geet awer largement net duer. Genausou wéi de Congé pour raisons familiales, dee mir 1999 agefouert hunn, net duergeet. Oder zumindest, esou wéi en elo organiséiert ass, geet dës Offer ebenfalls net duer.

Nom Gesetz huet all Salarié e Congé vun zwee Deeg am Ganzen zegutt, deen ënner gewëssen Ëmstänn verlängert ka ginn. Zënter datt de Congé pour raisons familiales agefouert ginn ass, huelen d'Demandë fir esou e Congé stänneg zou, ronn 30% all Joer méi. D'Tendenz heivunner ass ganz kloer steigend. Dës Zuele beweisen, datt wierklech e reelle Besoin do ass. Wann dëse Congé och nach kéint vun de Salariéen an Usproch geholl ginn, fir sech kënnen ëm hir Elteren ze këmmeren, déi krank sinn, déi an d'Spidol musse goen oder sech am Ausland behandele musse loossen, da wiere mer am Kampf géint den Absentéismus och ganz sécherlech nach e klengt Stéckelche méi wäit.

Déi ganz Regelung a virun allem d'Finanzéierung vum Congé pour raisons familiales misst a sech a mengen Aen iwwerschafft ginn. Et ass evident, wann ee wëllt op dësem Gebitt den Elteren entgéintkommen, hinnen also en erweiderte Congé zougestoe muss, datt dëst net eleng vum Patron a vum Patronat ka gedroe ginn.

Ech kéint mer zum Beispill gutt virstellen, datt d'Indemnisatioun vum Congé zum Deel iwwert d'Caisse nationale des prestations familiales kéint lafen, esou wéi dat beim Congé parental de Fall ass. Et ass just eng Iddi, mä déi et derwäert ass, op hir Machbarkeet hin ze préiwen.

Op jidde Fall ass et kloer, datt eng objektiv Ausenanersetzung mat der Problematik vum Absentéismus och eng Ausenanersetzung mat der Fro „Wéi kréien ech d'Famill an de Beruff matenee verbonnen?" viraussetzt. Dat ass ganz sécher eng Diskussioun, déi mir an Zukunft méi wéi jee musse féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aféierung vum Statut unique bréngt eng Rei vu Konsequenzen, Modifikatiounen, Adaptatiounen an Neierunge mat sech. Ouni elo wëllen hei an den Detail vun dësen Änneruge anzegoen - dat hu schonn eleng déi zwee Corapporteure ganz gutt gemaach -, wéilt ech awer dräi Punkte kommentéieren, an zwar als Alleréischt d'Kompensatioun vun den Iwwerstonnen.

De Gesetzesprojet verankert de Prinzip vun der Kompensatioun vun den Iwwerstonnen duerch Congé. Eng Iwwerstonn gëtt duerch annerhallef Stonn Congé kompenséiert. Wann d'Kompensatioun net machbar ass, ënner anerem aus organisatoresche Grënn, dann eréischt kënnen d'Iwwerstonnen dem Salarié ausbezuelt ginn. D'Iwwerstonn gëtt bezuelt wéi eng normal Stonn plus 40% Zouschlag. Dobäi kënnt, datt déi 140% fräi vu Steiere sinn an zum Deel och fräi vu Cotisatiounen.

Ënner wat fir engem Taux awer d'Iwwerstonne sollten ausbezuelt ginn, ass eng Fro, déi virun allem fir vill Diskussiounen och mat de Gewerkschafte gefouert huet. Ganz am Ufank, ier de Projet iwwert den Eenheetsstatut deponéiert gouf, war Rieds vun engem Zouschlag vu 25% oder liicht dodriwwer, wat a sech d'Employéë pénaliséiert hätt. Do läit jo bekanntlecherweis

den Zouschlag de Moment bei 50%. D'Formule vun de 40%, mä plus Steier- a Cotisatiounsfräiheet ass och fir d'Aarbechter a fir d'Employéen interessant, zumindest jo, soulaang een dëse Kompromëss net a Verbindung mat der Pensiounsfro setzt.

D'Eenegung um Niveau vun den Iwwerstonne soll net iwwer eng Saach ewechtäuschen: De Fait, datt op deenen 140% keng Cotisatioun fir d'Pensioun bezuelt ginn, huet dach fir eng Rei Leit eng substanziell Perte zur Folleg hannenno bei hirer Pensioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den zweete Punkt, op deen ech gär géif ze schwätze kommen, ass deen, dee mer ganz besonnesch um Häerz läit: dee vun den 52 Woche Feelzäit. Nom aktuelle Gesetz verléiert e Salarié seng Schaff, seng Krankeversécherung souwéi säi Recht op Indemnitéit bei enger Krankmeldung vun 52 Wochen innerhalb vun de leschten zwee Joer. Dobäi gëtt guer net gekuckt, ob d'Feelzäit op eng Krankheet, en Accident oder eng Beruffskrankheet zréckzeféieren ass.

Ursprünglech sollt a sech dës Regelung, déi 2004 a Kraaft getrueden ass, d'Abusë verhënneren. Et huet sech awer zënterdeem erausgestallt, datt mer wäit iwwert dat eigentlecht Zil erausgeschoss hunn. Et gëtt eng ganz Rei vun Härtefäll, vu Leit, déi ouni Eegeverschëldung wéinst der extrem rigider Regelung op eemol ouni Aarbecht an ouni Versécherung dostoungen.

Et ass virun allem de Cumul vu Feelzäite wéinst enger Krankheet an dem Ausfale wéinst engem Accident, deen d'Leit an eng dramatesch Situatioun bréngt. Wat a sech nach méi ongerecht ass, ass de Fait, datt, wann den Accident och nach op der Aarbechtsplaz geschitt, da spillt och dat bei deem Cumul a sech keng Roll an et gëtt einfach dozougeschloen.

Et geet duer, datt een iwwer e puer Woche krank war a kuerz duerno en Aarbechtsaccident hat, a scho fält een ënnert den 52-Wochen-Délai. Et gëtt och genuch Beispiller vu Leit, déi Kriibs haten, sech behandele gelooss hunn, gesond gi sinn, mä während där Zäit hiren Job verluer hunn. Dat ass fir mech absurd!

Ech begréissen duerfir déi Ouverture, déi am Kader vum virleiende Gesetz gemaach ginn ass. Wann och de Prinzip wuel nach ëmmer deen ass, datt ee während 52 Wochen innerhalb vun enger Referenzperiod vun 104 Wochen d'Recht op eng Indemnitéit huet, falls ee krank gëtt oder en Accident huet, esou gesäit de Gesetzesprojet elo vir, datt d'Statute vun der Gesondheetskeess bestëmmt Situatiounen definéiere kënnen, wou déi Limite oder awer och d'Referenzperioden adaptéiert kënne ginn.

An anere Wierder, et wäert an Zukunft den Härtefäll Rechnung gedroe ginn. A wann een den Härtefäll Rechnung wëllt droen, da muss een där spezieller Situatioun vun deenen, déi vun engem interne Reclassement profitéieren, och Rechnung droen. Wann ee vun esou enger Moossnam profitéiert, dann ass een zënter längerer Zäit krank gewiescht. Et kann net sinn, datt een op där enger Säit iwwert de Reclassement interne d'Méiglechkeet kritt, no laanger Krankheet nees erëm kënnen ze schaffen, mä op där anerer Säit wéinst der 52-Wochen-Regelung seng Aarbechtsplaz verléiert, well ee während deem Reclassement mat enger schwéirer Gripp eng, zwou oder dräi Woche krankgemellt gëtt.

Den drëtte Punkt, deen ech gär géif ervirhiewen, ass dee vun de Membere vun där neier Chambre des Salariés. Den initialen Alinea 3 vun dëser Dispositioun huet virgesinn - ech zitéieren: «Les membres de la Chambre des Salariés sont répartis en groupes socioprofessionnels ou à vocation interprofessionnelle. Ces groupes ainsi que la répartition des sièges entre ces groupes sont déterminés par voie de règlement grand-ducal (...).»

De Statsrot huet mat Recht a sengem Avis drop higewisen, datt all Member vun enger Beruffschamber muss gewielt sinn. Bestëmmte Kräften hei am Land hätte gär gehat, datt an de Beruffschamberen och Leit kéinte sëtzen, déi net gewielt wieren, an dat mat vollem Stëmmrecht.

Ech begréissen de Fait, datt d'Kommissioun dem Avis vum Statsrot op dësem Punkt Rechnung gedroen huet an den Text ëmgeännert huet. Et steet elo ganz kloer am Text vum Artikel 39, datt d'Membere vun der Chambre des Salariés gewielte Membere musse sinn. Déi aner Solutioun wier och a sech fir d'Salariéë schwéier novollzéibar. Op eemol séizen nämlech Leit an enger Chamber, déi d'Interesse vum Salarié solle vertrieden, ouni datt si sech enger demokratescher Wahl hu brauchen ze ënnerzéien. A mengen Aen onvirstellbar!

Här Castegnaro, ech froen lech: Kéint Dir lech virstellen, datt zum Beispill d'Madame Loschetter oder den Här Gibéryen oder den Här Schneider hei an där nächster Chamber géife sëtzen, ouni datt si gewielt wieren?

Et kéim hinne vläicht entgéint,...

(Interruptions)

...awer ech mengen net, datt dat eng gutt Formule wier.

(Interruption)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen,...

(Interruptions)

Une voix.- Här President, ech hätt eng Fro ze stellen.

Une autre voix.- Fait personnel!

M. le Président.- Hutt Dir eng Fro un den Här Kaes?

M. John Castegnaro *(LSAP).-* Natierlech! Ech hunn eng Fro un den Här Kaes, well hie mech jo perséinlech ugeschwat huet. Ech ka mer natierlech net virstellen, dass hei am Parlament esou eng Situatioun géif entstoen, och wann der hei vill sëtzen, déi zwar gewielt sinn, awer nëmmen dat däerfe soen, wat hir Fraktiounen décidéieren. Dat sinn déi fein Nuancen.

(Interruptions)

Mä den Här Kaes weess, dass mer mat ganz vill Erfolleg vun 1977 un, am Accord mam LCGB, den Här Glesener an ech, an duerno den Här Weber an anerer, an der Arbeiterkammer och am Comité an an der Plenar souzen, och wa mer kee Stëmmrecht haten, dann awer ganz vill Gewiicht a ganz vill Afloss op d'Décisiounen haten, déi an där Chamber a virun zwee, dräi Joer an der Privatbeamtechamber geholl gi sinn. Et kann een d'Demokratie och iwwerstrapazéieren, an et ass all Organisatioun hiert gutt Recht, Wënsch ze äusseren a Fuerderungen ze stellen, ob dat dem Här Kaes schmaacht oder net.

M. le Président.- Wéi war dann elo Är Fro, Här Castegnaro?

(Brouhaha)

M. John Castegnaro *(LSAP).-* Dat war d'Fro.

(Brouhaha)

M. le Président.- Et ass an der Rei. Et war e laangen Exposé, mä et war eng kuerz Fro. Den Här Glesener huet d'Wuert nach gefrot. Här Kaes, erlaabt Der?

M. Ali Kaes *(CSV).-* Selbstverständlech, Här President.

Une voix.- Den Här Glesener stellt eng Fro.

(Hilarité)

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.-* Ech wëll als Rapporteur dozou Stellung huelen.

Une voix.- Neen, stellt eng Fro!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.-* Ech si Rapporteur, ech wëll dozou Stellung huelen.

Den Här Castegnaro huet Recht,...

Plusieurs voix.- Ah!

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Nolauschteren, wann ech gelift!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.-* Da lauschtert och, wann ech gelift, no!

...wann hie seet, datt an der Arbeiterkammer säit 1979 zwee Vertrieder vun de Gewerkschaften als Conseiller - mengen ech - waren, an net méi.

Une voix.- Voilà!

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.-* An dat gëtt och elo am Gesetz festgehalen. An am Gesetz gëtt gesot, datt effektiv d'Beruffschambere sech Conseillere kënnen zouleeën. Net méi. Wou awer den Här Kaes Recht huet, dat ass, datt virgesi war, datt solle Leit comptéiert gi mat deemselwechte Stëmmrecht wéi déi Gewielten an der Beruffschamber. An dat geet net. Do hat den Här Kaes och Recht.

Une voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Gutt, Här Kaes, fuert Dir elo weider!

M. Ali Kaes *(CSV).-* Merci, Här President. Esou wéi den Här Glesener dat elo erkläert huet, kann ech absolut dat ënnersträichen.

Plusieurs voix.- Ah!

(Interruptions)

M. Ali Kaes *(CSV).-* Dat heescht an anere Wierder, wann een als Conseiller dosëtzt, zwar e Poids huet, mä kee Stëmmrecht huet, dann ass dat absolut an der Rei, mä wann ee wëllt als voll Member an engem Parlament sëtzen, an dat ass och e Parlament, da muss ee sech och enger demokratescher Wahl ënnerzéien. Et ass just dat, wat ech hei wollt soen. Ech wollt a sech elo guer kee Cas doraus maachen.

(Interruption)

Ech mengen, wann ech dem Här Glesener Recht ginn, an deen eppes aneschters gesot huet wéi den Här Castegnaro, da ginn ech, Här Goerens, dem Här Castegnaro Onrecht. Ech mengen, dat dierft aus mengen Ausféierungen dach awer erauszeliese sinn.

Ech wollt awer elo...

M. le Président.- Elo loosst Der den Här Kaes seng Ausféierunge weidermaachen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dann däerf den Här Kaes och net provozéieren.

M. Ali Kaes *(CSV).-* Ech hunn dach net provozéiert!

M. le Président.- Här Gibéryen, den Här Kaes huet kee Mënsch provozéiert. Iwwerdreift elo net! Här Kaes, fuert Dir weider!

M. Ali Kaes *(CSV).-* Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun.

(Interruptions)

De virleiende Gesetzesprojet beweist, datt et och a wichtegen a komplexen Dossieren, wou d'Intérête vun deenen engen a Kontradiktioun sti mat deene vun deenen aneren, méiglech ass, e Kompromëss, jo e gudde Kompromëss auszeschaffen,...

(Interruption)

...mat deem jiddferee liewe kann. Ech denken, datt et och misst méiglech sinn, mëttelfristeg d'Ënnerscheeder tëschent dem Privatsecteur an dem öffentleche Secteur ze reduzéieren. Et wier op jidde Fall och net vu Muttwëll an och där heiteger Zäit ugepasst.

Ech soen lech an deem Sënn villmools Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Kaes. D'Wuert huet elo den nächste Riedner, dat ass den honorabelen Här Alexandre Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Très bien.

M. Alexandre Krieps *(DP).-* Merci, Här President. Dat ass eng ganz sympathesch Iddi gewiescht, dee Statut unique.

Viru 16 Deeg war ech zu Amsterdam um Flughafen, fir ze waarden an Amerika ze fléien, an ech hat awer de Statut unique an d'Wallis agepaakt. Du souz ech dann dräi Stonnen do ze waarden, an op eemol kënnt a mäi Bléckfeld esou e Schlauch, deen op e Fliger geet. Do war e Logo drop mat engem Léiw, eng international Banque-Assurance, Hollänner, déi am Laangstreckelaf ganz staark vertruede sinn, an do stoung dann op deem Schlauch: „Status does not do the job." Do hunn ech mer geduecht: Héchstwahrscheinlech hunn déi Recht!

Mä déi heite Gesetzesvirlag gesäit net schlecht aus, huet se jo d'Ambitioun gehat, fir d'Segregatioun tëschent den Aarbechter an de Beamten ofzeschafen. Ofgeschaaft huet se se net ganz, well eben d'Fonctioun an engem Betrib de Status bestëmmt. Dat gesi mer net méi wäit wéi a verschidde Bestëmmungen, wou de Betrib seng Kaderleit ka selwer aus dem Kollektivvertrag eraushuelen oder ëmgedréint déi bestëmmen, déi drënnerfalen.

Flagrant Ongerechtegkeeten natierlech - dat ass hei scho gesot ginn -, wéi d'Indemnité de départ, den Trimestre de faveur an d'Iwwerstonneregelung, sinn harmoniséiert ginn. Dat ass eng gutt Saach.

Net esou gutt ass natierlech, dass dee Projet am Fong hannert zouenen Dieren an d'Liewe geruff ginn ass virun zwee Joer, an net méi spéit wéi haut de Moien um 7.30 Auer op engem nationale Radio hutt Der héieren, wéi de Journalist de Mann an d'Fra vun der Strooss gefrot huet, wat se da vum Statut unique hale géifen. Do waren, wann ech dat gutt matkritt hunn, 95%, déi dat Wuert nach ni héieren haten, geschweige wat drastéing.

D'Konklusioun also ass, datt dee Projet, obschonn en zwee Joer laang Dag an Nuecht diskutéiert ginn ass, ganz glat laanscht d'Vollek laanschtgaangen ass. Dat ass e bëssen tragesch an traureg.

Zweete Moment de Moien um nationale Radio - ech war doheem, ech war net op dem Izeger Stee dës Kéier -, do hunn ech da fënnef op aacht e Journalist héiere soen, d'Statsbeamten hätte mat dëser Saach guer näischt ze dinn.

Dat ass och net wouer, well déi 21% Lëtzebuerger, déi beim Stat schaffen an der Fonction publique, plus déi 8%, déi am konventionéierte Secteur an der Fonction communale an an den Établissements publics sinn, bezuelen iwwer 40% vu Steieropkommes, an déi hëllefen awer hei matbezuelen. Duerfir géif ech awer erwaarden, dass ons zwee Ministere wéinstens der Fonction publique Merci soe géife fir deen Effort.

(Brouhaha général)

An och deenen anere Steierzueler.

(Brouhaha général)

D'Evolutioun vum éischte Projet op deen zweeten huet zwee fundamental Changementer gesinn. Deen éischten ass, dass déi Steierexemptioun, déi am éischte Projet virgesi war, fale gelooss ginn ass, an zwar duerch zwou Ursaachen: Well nämlech ganz vill A.s.b.l.en oder ONGe guer keng Steiere bezuelen, an dann haaptsächlech duerch dem Premier seng Ausso, dass iwwer 85% vun de Betriber keng Steiere bezuelen. Da kéint ee se also net entlaaschten.

(Interruption)

Déi zweet...

Jo, dat huet de Premier gesot gehat. Dir kënnt dat nofroen. Et ka vläicht nach méi héich si wéi 85%.

(Interruptions et hilarité)

Deen anere Changement ass, dass d'Mutualitéit en obligatoresche Charakter an net e fräiwëllege kritt huet, wat, ech mengen, eng gutt Saach ass.

D'Integratioun vun där Mutualitéit an d'Sécurité sociale gëtt héchstwahrscheinlech dësem System eng besser a sécher Basis.

D'Demokratesch Partei huet sech natierlech och an der Kommissioun Froe gestallt. Wat geschitt, wa verschidde Patronen déi Lounfortzahlung net assuréiere kënnen an den éischten 13 Wochen? Dorobber krute mer bis elo keng Äntwert. Ech wär frou, wann Dir dat beäntwerte kéint.

Wat geschitt, wa virum 1. Januar 2009 eng Rei Betriber am Retard mat de Cotisatioune sinn? - Wat mer jo schonn an de leschte Joren an einfach skandaléisen Ausmoosse gesinn hunn a wat och hei am Parlament behandelt ginn ass.

Mir hunn ons och d'Fro gestallt, wat d'Onofhängegkeet vum Contrôle médical an Zukunft wäert sinn, par rapport zu der Sécurité sociale, a wou da fir d'Assurés Rekursinstanze sinn. Well ech gleewen, dass bei den Affäre mat den Aarbechtsgeriichter d'Délaien einfach ze laang sinn, an dat richt e bëssen no „juge et partie".

D'Demokratesch Partei gleeft och guer net, dass 40 Kontrolleure méi den Absentéismus drécke kënnen. Dat gleewe mir glat a guer net, well se nëmmen eng administrativ Fonctioun hunn.

An déi terminologesch Spillereie vun der Gesondheetskeess maache mir net mat, well et ass kloer, dass et méi einfach ass, sech ëm déi Gesond ze bekëmmeren, wéi ëm déi Krank. Dat war nach ëmmer esou. Bis elo waren déi krank Persounen oft zu Laaschte vun der Allgemengheet, an elo gi se natierlech ausschliesslech an den éischten 13 Wochen zu Laaschte vun de Betriber a vum Steierzueler.

Ech gleewen och, dass an Zukunft e puer Betriber schwiereg Salariéen net méi kënne mat erduerchhuelen, wa se musse selwer permanent fir se opkommen.

Ech gleewen, dass een deen Absentéismus all sechs Méint muss bilanzéieren. Dat ass jo haut technesch méiglech.

Mir hunn och Bedenken a schwéier Bedenken doriwwer, well dovunner hu mer och nach net vill matkritt, ob déi Organes de gestion, déi Gesondheetskeess an déi Pensiounskeess - momentan muss ee wëssen, dass an der Krankekeess 450 Leit schaffen an an de Pensiounskeesen 150 Leit - bis den 1. Januar stinn. Mir wäre ganz interesséiert ze wëssen, wéi dat virugeet.

Ech hu mat e puer Leit aus deene Verwaltunge geschwat, déi hu guer keng Ahnung, wéi et soll virugoen. Ech gleewe perséinlech och guer net drun, dass dat eng Reduktioun vun den administrativen a Personalkäschte géif mat sech bréngen - doudsécher net déi éischt fënnef Joer. Mir hunn also do schwéier Bedenken.

Schwéier Bedenken huet d'Demokratesch Partei och, wann een déi Unicitéit vun de Kollektivverträg innerhalb vun engem Betrib ustrieft, well do gesäit ee jo am Ausland momentan Tendenzen, dass qualifizéiert, motivéiert a fläisseg Beruffsgruppen net mat anere wëllen iwwert den nämlechte Leescht oder Dësch gezu ginn. Do géif ech warnen. D'Ministërë mussen dat do och am A behalen.

D'Caisse de Santé, hunn ech gesot, Här Minister, huet eng eegen Dynamik. Dat ass e gemittleche Ministère ginn. D'Taux de cotisation stéiere mech och nach, well déi Soins de santé nach ëmmer séparéiert si vun der Indemnité pécuniaire, a well do Vases communicants bestinn. Ech fannen dat net ganz gutt. Ech hunn dat an der Kommissioun och gesot.

(Interruption)

Jo, et ass an der Rei. Mä mir schwätze jo an d'Zukunft, Här Glesener. Dir schwätzt ëmmer 30 Joer hannendrun. Ech héieren ëmmer hei schwätze vun 1979.

(Interruption)

Ech kann lech och aner Saache soen, déi an der Period 1974 bis 1979 agefouert gi sinn. Ech wär och frou, wann deen nächste Bilan dann och den Impakt abezitt op den Absentéismus, op de Chômage, op den Travail intérimaire. Ech wär och frou, wann den Impakt op déi deier Campagne „Trau dech" abezu géif ginn. All Kéiers wann ech an de Kino sëtze ginn, da kréien ech esou eng Annonce „Trau dech", fir e Betrib opzemaachen. Ech wär frou, ze wëssen, wéi vill där der nach opgemaach ginn.

Am Pabeier 2006...

(Hilarité)

Jo, Dir laacht, Här Klein, mä et ass esou. Dir gitt och an de Kino, gell?

(Hilarité générale)

Am Pabeier 2006 hate mer och fir Début 2008 versprach kritt, dass d'Règlements d'exécution virléichen. Ech hunn nach näischt dovunner gesinn.

D'Käschtenneutralitéit an de Betriber ass och net ginn. Ech hu mech nach de Moie fréi an engem Betrib renseignéiert vu 450 Mataarbechter. Déi hunn ausgerechent, dass d'Käschte fir de Betrib 550 Euro pro Salarié pro Joer wäerte sinn.

An déi Immixtioun Ali Kaes, Marcel Glesener, John Castegnaro; ech hu vill Sympathie fir den Här Castegnaro; ech wëll mech net an déi Opdeelung do amëschen, ob dat elo gewielt gëtt oder designéiert gëtt. Et huet een heiansdo d'Gefill, dass esou antidemokratesch Tendenzen do virleien. Mir bleiwen also am System „mir een, dir een". Ech hoffen net, dass mer esou wäit erofrëtsche wéi a Simbabwe.

(Hilarité)

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Dir musst de Projet emol liesen!

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Jo, ech hunn e gutt gelies, a méi wéi eng Kéier. Ech hunn natierlech dräi Projete gelies.

Une voix.- Um Flughafen!

(Interruptions diverses)

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Neen, do hunn ech en net gelies.

(Interruptions diverses)

An do änneren och, Här Kaes, d'Sonndesriede vun iwwermuer näischt drun.

D'Fiche financière vum Gesetz ass relativ flou. Meng favorite Institutioun, d'Cour des Comptes, gëtt hei gefuerdert. A Frankräich gëtt d'Cour des Comptes all Joer e Rapport iwwert d'Sécurité sociale vun 100 Säiten of. Also en antizipative Rapport. Mir brauche keng Bilanen, déi zwee Joer zréckleien.

Fundamental drängt sech natierlech eng aner Fro op, déi een hätt vläicht kënnen am Virfeld hei debattéieren: Gëtt de Bäitragssystem ersat duerch d'Fiskalisatioun oder d'Budgetisatioun vun de Sozialausgaben?

Dat ass eng interessant Fro. An England bezilt keen eng Cotisatioun. Do geet alles iwwert de Statsbudget. Ech hoffen zwar net, dass mer an den englesche System ofrëtschen, well dat wär net grad gesond.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Maacht eis eng Propositioun!

M. Alexandre Krieps *(DP).*- An dësen Domäner...

Jo, Dir maacht déi herno, Här Gibéryen. Neen, neen, Dir hutt jo gesot, Dir géift se maachen. Ech bleiwen hei.

M. le Président.- Här Gibéryen, loosst den Här Krieps seng Ausféierungen a Rou maachen!

M. Alexandre Krieps *(DP).*- Ech bleiwen hei.

Also, wat mech e bësse stéiert un där ganzer Gesetzesvirlag, dat ass, dass de Choix vun deenen Eenzelne verluer geet.

Ech soen natierlech dem Här Glesener an dem Romain Schneider Merci fir hiren extensive Rapport, och deenen zwee Ministeren, déi all Kéiers an der Kommissioun présent waren, mä ech muss lech awer mat Leed ausdrécken, dass d'DP ganz skeptesch bleift, a wënschen lech e ganz brillanten Ufank mat deem dote Gesetz.

Merci.

Une voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Merci, Här Krieps. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions et hilarité)

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och emol direkt en décke Merci deenen zwee Rapporteure fir dee schréftlechen an dee mëndleche Rapport. Et war mat Sécherheet keng einfach Aufgab, déi si ze erfëllen haten, an dat aus enger ganzer Rei vu Grënn.

Éischtens emol den Zäitdrock, deen op eng Kéier entstanen ass duerch d'Sozialwahlen, déi um Enn vum Joer sinn, mä och de politeschen Drock, wou virun allem d'Patronat mat alle Moyenë versicht huet, dat Ganzt ze hannerdreiwen; dann d'Komplexitéit duerch d'Zesummeschmelze vu verschiddenaartege legale Bestëmmungen am Sozial- an am Aarbechtsrecht; dann d'Auswierkungen an d'Ëmännerungen, d'Upassungen, déi sech am Code du travail an Code des assurances sociales awer wäerten erginn, woubäi een awer sollt haut ënnersträichen, dass d'Tatsaach, dass mer de Code du travail och virun e puer Méint eréischt agefouert hunn, mat Sécherheet eng Vereinfachung fir déi Diskussiounen hei duergestallt huet.

D'Komplexitéit läit awer och doran, dass et eng Rei vun Ausnahmebestëmmungen och an deem Vertragswierk hei gëtt, fir den Horeca-Beräich, fir den Transportberäich, d'Aarbechter besonnesch, an dann och fir déi sougenannte Botzfra. Ech wäert dorop nach eng Kéier zréckkommen.

Da gëtt et Iwwergangsbestëmmungen, vun deenen ass geschwat ginn. Et gëtt virun allem déi onendlech an iwwerdramatiséiert Debatt iwwert d'Abusë bei de Krankeschäiner, déi an engem Ëmfeld gefouert ginn ass, dat net méi erträglech war. Et kéint een elo hoffen, dass mer, wa mer dee Vote hannerun eis hunn, déi néideg Rou a Suergfalt kréien, d'Serenitéit kréien, fir, lassgeléist vu falschen Emotiounen, eis mam Problem, mam Dossier „Abus" auserneenzesetzen.

Mä et gëtt een d'Vermutung net lass, Kolleeginnen a Kolleegen, dass d'Abusë fir eng ganz Rei vu Patronatsorganisatiounen e Virwand waren, fir d'Reform vum Statut unique ze verhënneren oder op d'mannst et fäerdeg ze bréngen, déi dach och onendlech Diskussioun iwwert d'Erëmaféiere vu Karenzdeeg, also onbezuelte Krankendeeg, erëm ze aktualiséieren a vläicht am Ëmfeld vun deem Statut da realiséiert ze kréien.

D'Tatsaach, dass dee Statut unique nach an dëser Legislatur elo verabschiet ka ginn, ouni dass et e feste Bestanddeel vum Regierungs- a Koalitiounsprogramm duerstellt, obwuel do weider Etappe virgesi waren, ënnersträicht méi wéi vill Wierder, wéi haart de Beschluss vun der Tripartite 2006 fir d'Mënschen an dësem Land war an nach ass, an dass si souzesoen als Géigeleeschtung fir déi Päerdskur, déi do verabreecht ginn ass, als Ausgläich vun der Regierung de Statut unique ugebuede kréien.

Domat ass de Statut unique souzesoen e bedeitend Nieweprodukt, mä och e Kärsteck vun engem schwieregen Tripartite-Accord ginn. A wann dat wahrscheinlech iwwerraschend fir d'Gewerkschafte war, dass dat op eng Kéier esou thematiséiert ginn ass, da war et méi wéi iwwerraschend fir d'Patronen an och, wéi een an der Folleg gesinn huet, ganz schwéier ze verdauen.

Elo weess jiddfereen, an dat hu mer de Mëtteg schonn héieren, dass dee Vote iwwert de Statut unique net nëmmen eng Reform hierstellt, mä gläichzäiteg vill kleng „grouss" Reforme beinhalt. Duerfir huet jo och dee Statut unique oder dat Gesetz, iwwert dat mer haut schwätzen, eng villfach Bedeitung kritt.

Et gëtt der éischtens, déi soen, et wier eng historesch Reform, an dat, wat déi eng - mir - historesch nennen, hunn déi aner als hysteresch emfonnt a sech och esou beholl. Mä déi, déi historesch gesot hunn, hunn och gesot epochal, hu gesot eng Jorhonnertreform, déi dann elo endlech Schluss mécht mat enger künstlecher Trennung vun Aarbechter a Privatbeamten aus dem 19. Jorhonnert, déi mat Sécherheet keng Plaz méi am 21. Jorhonnert an och muer an iwwermuer huet, wa mer den Erausfuerderungen, mat deenen d'Ekonomie konfrontéiert ass, gewuess sinn.

Zweetens ass dee Projet de loi vum Statut unique eng grouss strukturell Reform. Mä och do gouf et schonn an de 60er Joren, besonnesch an de 70er Jore Reformen, déi ugefaangen haten an déi och de richtegen Usaz waren an déi elo mat deem Projet de loi hei zu engem gudden Enn bruecht ginn. Wéi déi definitiv Fusioun vun de Krankekeesen an eng national Gesondheetskeess, awer och d'Fusioun vun de Pensiounskeesen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Erlaabt mer just drun ze erënneren, dass mer an de 70er Joren, an zwar mam Gesetz vum 2. Mee 1974, d'Krankekeese reforméiert hunn, zwar net d'Fusioun, mä d'UCM, d'Union des Caisses de maladie agefouert ginn ass. Mä vill méi bedeitend war am Endeffekt de 27. Juli 1978 d'Aféiere vun der Risikogemeinschaft an domat eigentlech och déi politesch Unerkennung, dass Krankgi ganz enk zesummenhänkt mat der Aarbecht, déi een am Liewe verriichte muss, an net mam Statut, an dass duerfir déi, déi manner Risiko hunn, solidaresch mat deene misste sinn, déi méi Risiken ausgesat wieren. Déi national Solidaritéit huet sech deemools duerchgesat, duerch eng gerecht Risikoverdeelung.

Ähnlech ass et am Pensiounswiesen, am Rentewiese virgaangen, mat der Gläichstellung vum Prinzip vum Rentenajustement, a mir sollte jo och do ënnersträichen, dass 1979 mat der Reform am öffentleche Secteur och den öffentleche Secteur elo ënnert d'Regele vum System vun de Rentenajustemente fält. Et gesäit een also, dass och an déi Richtung éischt konkret Schrëtt schonn décidéiert gi sinn.

Déi grouss wierklech Strukturreformen am Kontext mam Statut unique hunn duerfir och eng ganz Rei vu Virdeeler, eng wesentlech administrativ Erliichterung, mä och verbessert Déngschtleeschtungen duerch e Guichet unique. E Spuereffekt, deen natierlech net haut a muer antrëtt, mä sech mat der Zäit wäert hierstellen. De Spuereffekt duerch d'Simplification administrative, an dann och méi Effikassitéit insgesamt.

D'Notznéisser sinn net nëmmen d'Assuréen - dat soll een ënnersträichen -, mä och d'Patronen. Et gesäit een un deene Beispiller, dass de Statut unique, wéi dat oft a leider duergestallt gëtt, keng Einbahnstrooss hierstellt, mä dass en all Acteuren, souwuel d'Patronë wéi d'Salariéen, positiv betrëfft.

Ech denken un déi méi niddreg Sozialbäiträg an domat méi niddreg Lounkäschten an un eng verbessert Kompetitivitéit. Ech denken un d'Bruttoléin, déi dann och déiselwecht Nettoléin herno sinn an déi méi Transparenz an eng vereinfacht Gestioun wäerten erméiglechen.

Mä ëmmer erëm, och wann een déi Beispiller nennt, weist dat drop hin, dass déi Reform souwisou iwwerfälleg war an dass dat diskriminatorescht Zweeklassesystem, en Anachronismus, iwwerholl war a mat Sécherheet de wirtschaftleche Realitéiten net méi Rechnung gedroen huet. Et bleift verwonnerlech, dass eigentlech an deene leschte Jore kee bei engem vun deene ville Lëtzebuerger Geriichter geklot huet, fir déi Diskriminéierung iwwer Geriichtsuerteeler aus der Welt ze schafen. An dat kéint sech och muer presentéieren tëschent der Differenz am Privatsecteur vis-à-vis vum öffentleche Secteur.

Ech hu schonn ënnerstrach, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dass de Statut unique e Kär- an en Häerzstéck vun dem 2006er Tripartite-Accord duerstellt. A wann een dat seet, da weess een, dass de Spillraum fir d'Parlament an deem Dossier relativ kleng war an ass, ëmsou méi well de Risiko méi héich ass, well sensibel Kompromësser, déi tëschent Regierung a Sozialpartner fonnt gi sinn, wéineg Irritatioune verdroen, an dass dat prekäert Gläichgewiicht, wat do mühsam erschafft ginn ass, riskéiert hätt, ganz schnell op d'Spill gesat ze ginn.

Genee duerfir muss d'Patronat sech eigentlech de Virworf gefale loossen, dass besonnesch si e geféierlecht Spill gespillt hunn, well se de Statut unique - net nëmmen deen - a Gefor bruecht hunn, mä - wat schlëmmer ass - dass oft hiert onfairt Behuelen och de Lëtzebuerger Modell tout court a Fro gestallt huet an dass eng onnëtz Iwwerbelaaschtung vun dem souwisou an dësen Zäite schwéiere Sozialdialog - awer fir Lëtzebuerg noutwendege Sozialdialog -, vun der Konsensfäegkeet a Konsensbereetschaft eppes ass, wat een net däerf liichtferteg op d'Spill setzen.

An do sinn onschéi Saache passéiert. Mir wëssen dat.

Ech erënneren un d'Bréiwer, déi besonnesch den Horeca-Secteur am Mäerz 2007 u Minister an Deputéierten a Politiker geschéckt huet, wou ganz offe mam Broutkuerf gewénkt ginn ass, am Fall wou de Statut unique an d'Lounfortzahlung géife kommen, wou kloer vun deene Leit gesot ginn ass, da féiere mer prekär Aarbechtsverträg an, an dat ebe fir Drock auszeüben.

Ech erënneren un déi iwwerdriwwen Diskussioun iwwert d'Blomécherei. Do kënnt een einfach an eng Situatioun eran, wou een dach elo op eng Kéier géif mengen - besonnesch Auslänner, wann déi dat verfollegt hunn -, datt Lëtzebuerg e Paradis fir Blomécher gi wier, wéi wann dat eisen Nationalsport Nummer 1 gi wier! Mir wëssen alleguer, dass dat net esou ass, mä dass mer ëmmer erëm vu Minoritéite schwätzen, déi mer och an anere Beräicher erëmfannen.

Mä esou Aussoe vun héichrangege Patronatsvertrieder - well ech mengen, dass hir Basis et och aneschters gesäit -, verbonne mat den Attacken op den Index, Diskussiounen iwwer Nullronne bei de Kollektivverträg, iwwert d'Afrostelle vun allem soziale Fortschrëtt, an de Rentelamento an esou Saache méi, dat laascht schwéier um noutwendegen Dialog tëschent de Sozialpartner an et fierft sech och of op de politeschen Dialog. Dat si Saachen, déi ze bedauere sinn.

Ëmmer erëm muss een ënnersträichen - an ech maachen dat och -, dass de Statut unique eng Géigeleeschtung vun der Regierung duerstellt fir déi grouss finanziell Opfer duerch den Tripartite-Accord 2006, iwwert de Wee ebe vun deene sougenannten Indexmodulatiounen. D'Follege sinn, an dat wësse mer haut méi wéi jee, e risege Kafkraaftverloscht fir jiddfereen, mä ganz besonnesch fir déi, déi souwisou an der Prekaritéit liewen, déi ëm oder ënnert der Aarmutsgrenz liewen an déi Problemer domat kritt hunn.

Op där anerer Säit wësse mer awer, dass déi Décisiounen, déi deemools geholl gi sinn, de Betriber méi Geld an de Keese gelooss hunn an der Hoffnung, dass déi Suen net un d'Aktionäre gaange sinn, mä an d'Betriber an an nei Aarbechtsplaze reinvestéiert gi sinn. Mä dat ass eppes, wou een net den Duerchbléck huet.

Nach eng Kéier: De Statut unique war iwwerfälleg, och onofhängeg vum Tripartite-Accord 2006, well et ëm d'Gläichstellung geet, well et ëm Gerechtegkeet statt Diskriminéierung geet, well et ëm Chancëgläichheet geet. An de Statut unique soll hëllefen, de Wee ze preparéieren, fir kënnen definitiv sech de groussen Erausfuerderunge vun der Zukunft ze stellen, fir kënnen definitiv offensiv un d'Erausfuer-

derunge vun der Globaliséierung erunzegoen, - fir dat als Stéchwuert ze huele vun allem Geféierlechen a Schlechten, fir dat ze ëmschreiwen.

Et kann een nëmmen hoffen, dass de Statut unique op Dauer och wäert d'Aarbechtsplaze sécheren, an dass e mat Sécherheet de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg méi interessant, méi attraktiv a méi unzéiend wäert maachen an duerfir och kann zur Schafung vun neien Aarbechtsplazen, och am industrielle Beräich, bäidroen.

Duerfir géif et esou lues Zäit ginn, dass ee Schluss mécht mam Lamentéieren, Schluss mat de Krankeschäiner, déi zu enger nationaler Katastroph héichstiliséiert gi sinn, wou dach déi Diskussioun just nach dozou bäidréit, dass Lëtzebuerg riskéiert, en negatiivt Image am Ausland ze kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, et gëtt och an dësem Land, och wann een dat net wéllt gleewen, Mënschen, déi wierklech krank sinn duerch hiert Onverschëlden. Deene Leit däerf een duerch esou eng Diskussioun keng Existenzängscht vermëttelen. Si si krank a si hunn e Recht drop, gesond ze ginn, ouni nach mussen ëm hir Aarbechtsplaz ze fäerten.

Ech fannen, dass dat dee richtegen Dialog ass. Wann een esou vill iwwer Krankeschäiner schwätzt an esou vill onnéideg Energie op dëst Thema ondifferenzéiert verwennt, da muss ee sech de Virworf gefale loossen, net eeschthaft, mä populistesch mat engem Thema ëmzegoen, wat et eigentlech noutwendeg mécht, dass ee sech mat der Ursaachefuerschung, firwat Leit da krank sinn, auserneesetzt.

Et muss een och verhënneren, dass déi Leit, déi nun emol an eiser Gesellschaft Gesondheetsproblemer hunn, sech op eng Kéier musse verstoppen, mä et muss een derfir suergen, dass och si vollwäerteg Mitglieder vun eiser Gesellschaft sinn an duerfir méi wéi all déi aner musse respektéiert a geschützt ginn an e Recht hunn, gesond ze ginn, mä och e Recht hunn, dertëschent hir Aarbechtsplaz ze behalen, a wéi ech scho gesot hunn, net och nach am Risiko musse liewen, an de Chômage ze verfalen.

En héijen Undeel vu Salariéen - an dat ass eng aner Feststellung, déi ee muss maachen - gi krank duerch schlecht oder iwwerdriwwen Aarbechtsbedéngungen, duerch Stress, Muerks, Mobbing, duerch ëmmer méi héich Produktivitéits- a Leeschtungsufuerderungen. Och déi hunn e Recht, dass ee sech mat hire Problemer auserneesetzt, dass een d'Ursaache sicht an dass een derfir suergt, dass dat ofgebaut ka ginn; dass een derfir suergt, dass déi Leit, déi duerch déi doten Ursaache krank ginn, och gesond gefleegt ginn a kee Risiko vun Aarbechtsplazverloscht hunn.

Da bleift déi Kategorie vun de chronesche Blomécher, dat wëlle mer jo guer net verstoppen. Et ass jo keen, deen heibannen oder bei de Gewerkschaften oder wou och ëmmer géif soen, et géif keng ginn. Et besteet schonn Eestëmmegkeet och doran, dass een alles muss versichen, fir deene Leit d'Handwierk ze leeën a se zur Verantwortung ze zwéngen.

Mä et ass eng Minoritéit, Kolleeginnen a Kolleegen, a si kann net ausschlaggebend sinn a gewiescht sinn an deem Kontext, deen hei zur Debatt steet, bei där dach historescher Reform.

Natierlech ass déi epochal, historesch Jorhonnertreform - ech hunn dat scho gesot - net nëmmen eppes fir d'Salariéen, et ass och eppes fir d'Betriber. Mir schwätzen hei zënter Jore permanent iwwert déi noutwendeg a permanent Moderniséierung vun der Aarbechtswelt, an déi Moderniséierung, dat ass jo eppes a villfacher Form, net ee Stéck, mä ganz vill Stécker.

Ech wéilt do einfach ënnersträichen, fir dass mer et net vergiessen, dass besonnesch Patronen, mä och vill Politiker ëmmer erëm déi sougenannte Lissabon-Strategie benotzen, fir ze erklären, dass d'Aarbechtswelt misst moderniséiert ginn, a mat der Lissabon-Strategie wëllen argumentéieren, wat dann alles noutwendeg wier.

Jo, och dat solle mer haut zouginn a soen, d'Lissabon-Strategie schwätzt vu Moderniséierung, mä d'Lissabon-Strategie schwätzt och vun engem eenheetlechen Arbeitnehmerstatut; d'Lissabon-Strategie schwätzt och vun Ofbau vun administrativen Opwänn, schwätzt vu Senkung vu Lounkäschten a Sozialkäschten.

Mat deem Projet de loi, deen hei zur Debatt steet an dee mat Sécherheet och haut wäert gestëmmt ginn, maache mer genee dat doten, mä mir maachen et net, wéi anerer dat wëllen interpretéieren, eesäiteg an ausschliesslech um Bockel vun de Salariéen, mä ausgewogen an zukunftsorientéiert am Interessi vun deene béide Partner, déi hei incriminéiert sinn, déi hei an der Responsabilitéit stinn.

Also ass et eng positiv Décisioun, déi mer mat deem Gesetz hei treffen.

Natierlech, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ass net alles perfekt, och net de Projet de loi, deen haut hei zur Debatt steet. Ech hu schonn dovu geschwat, éischtens iwwert d'Ausnahmebestëmmungen, déi fir eng Rei vu Salariéen, Aarbechter, wéi se haut nach heeschen, bestinn am Transport an am Horeca-Beräich, well mer eben do Sonderregelunge fonnt hunn.

An da gëtt et dee Sonderstatut fir déi sougenannte Botzfraen, déi Fraen, déi an de privaten Haushälter schaffen, déi och net hei drënnerfalen, mä wou ech ausdrécklech wëll ënnersträichen, dass déi Léisung, déi virun enger Rei vu Joren, iwwregens och an der Tripartite, fonnt ginn ass, eng gutt Léisung war, well et eng onbürokratesch duerstellt, a well si am Endeffekt eigentlech sollt dozou bäidroen, och wann dat nach net ganz realiséiert konnt ginn, dass d'Schwaarzaarbecht géif an deem Beräich verschwannen an déi Fraen - haaptsächlech sinn et Fraen - eng sozial Sécherheet mat Renten- a Krankekeeseleeschtungen-Usprëch géife kréien.

Also eng gutt Léisung, déi awer permanent ze iwwerpréiwen ass a wou muss Iwwerzeegungsaarbecht geleescht ginn. Mä, wéi gesot, et gëtt jo och do Iwwergangsperioden, déi musse genotzt ginn, fir dann och déi Evaluatiounen ze maachen an dann och iergendwann eng Kéier am Konsens eng Gläichstellung ze fannen.

Dann eng zweet, vläicht net esou positiv Décisioun am Kontext vun dësem Gesetz. Dat ass déi Regelung, déi fonnt ginn ass bei den Zuele vun den Iwwerstonnen. An Dir wësst dat, oder op d'mannst déi, déi an deene Kommissiounen derbäi waren, dass ech wahrscheinlech dee war, dee sech am meeschten dergéint gewiert huet, aus prinzipiellen Iwwerleeungen, déi ech lech net wëll virenthalen. Obwuel et mer bewosst ass a bewosst war, dass genee dee Punkt do och eng schwiereg an delikat Problematik, opgrond vun de bestehenden Ënnerscheeder tëschent deenen zwee Statuten, duergestallt huet.

Duerfir steet et mir an eis net un, déi Regelung, déi fonnt ginn ass, ze kritiséieren. Mä mir däerfen awer op d'Geforen hiweisen, déi sech aus där grousszügeg gewonnener steierlecher Regelung an och aus där sozialer Bäitragsfräistellung erginnener Léisung oder Konsens erginn.

D'Gewënner bei där Léisung sinn d'Betriber an d'Salariéen. D'Verléierer sinn d'Steierkeess an d'Sozialversécherungen, well hinne Sue feelen, déi se bis elo kritt hunn. Verléierer ass och dee virun e puer Joer ageféierte Prinzip, deen all Lounelementer sozial verséchert, fir ebe sécherzestellen, dass de Revenu, deen den Eenzelnen huet, doduerch, dass e sozial Bäiträg muss bezuelen, sech net nëmmen duerch Méieinnahmen an de Keesen, mä och duerch zum Beispill méi Pensioune spéider auszeechent.

Dat Beispill do ass eent vun deene Beispiller, dass de Konsens net ëmmer einfach ze fannen ass.

Dat, wat ech awer hei ganz kloer an däitlech wëll soen: Dat do däerf nëmmen eng eemoleg Aktioun sinn. Et kann net sinn, dass dat do d'Dier oder d'Paart géif opmaachen, fir an der Zukunft dann erëm de Contraire ze maache vun deem, wat mer virun e puer Joer décidéiert hunn, eben d'obligatoresch Sozialversécherung vun allen Elementer.

Da wëll ech op de Risiko vu gutt bezuelten Iwwerstonnen hiweisen, déi natierlech zum Ureiz gi fir déi Leit, déi se ugebuede kréien, an dass dat natierlech eng Gefor bedeit, dass déi ganz Iwwerstonneproblematik an déi ganz Aarbechtszäitregelunge riskéieren ausser Kontroll ze geroden.

Wat geschitt duerch grousszügeg Iwwerstonneregelungen?

Ma éischtens, duerch gutt bezuelten Iwwerstonne kréien ech méi Loun.

Zweetens, wat ech méi Iwwerstonne maachen, wat ech riskéiere méi Chômage ze kréien a manner Aarbechtsplazen, well dat ganz einfach d'Konsequenz dovun ass.

Drëttens, an dat muss ee besonnesch an där Diskussioun iwwert d'Krankeschäiner, iwwert d'Kranksinn och ënnersträichen, dass duerch eng héich Iwwerstonnebelaaschtung natierlech de Krankheetsrisiko direkt mat uwiisst, an domat och d'Krankeschäiner, d'Invaliditéit. Da komme mer an en Däiwelskrees.

Do gesäit een d'Onglafwierdegkeet vu muncher Diskussioun, wa mer de Leit d'Fräiheet ginn, Iwwerstonnen ze drummen. Dann huele mer a Kaf, dass se krank ginn. A wa se krank ginn, dann huele mer a Kaf, dass mer se erausgeheien oder bestrofen, wa se um falsche Fouss eng Kéier géifen erwëscht ginn.

Schlussendlech: Eng ze grousszügeg Iwwerstonneregelung bedeit am Endeffekt d'Dereguléierung vun der Aarbechtszäit. Oder, an dat hoffen ech net an ech ginn och net dovun aus, jiddefalls net vun de politesche Responsabelen, mä vläicht vun de Patronen, dass fräi nom President Sarkozy een net dierf unhuelen „travailler plus pour gagner plus". Dat wier déi falsch Richtung, dat wier déi falsch Politik, well se net nëmmen d'Liewensqualitéit géif belaaschten, mä well se och eng gerecht Lounpolitik géif a Fro stellen.

Dir gesitt also, dass do ouni Zweifel e Risiko besteet, dass munches kéint riskéieren ausser Kontroll ze geroden. Ech wëll do just soen: Wann ee wéi d'Patronë fir méi Kontrolle bei de sougenannten Abusë bei de Krankeschäiner ass, da muss een, fir glafwierdeg ze sinn, och fir méi Kontrollmechanismen an Iwwerwaachung bei den Iwwerstonne sinn. An da muss een der Gewerbeinspektioun respektiv der Sécurité sociale Moyenë ginn, fir dat ze suivéieren, ze kontrolléieren an och kënnen ze stoppen, do wou iwwerdriwwe gëtt.

Ech wëll just derbäi soen, dass esou Léisunge wéi déi do riskéieren derzou bäizedroen, dass Lëtzebuerg erëm eng Kéier eng nei Attraktivitéit kritt fir virtuell a fiktiv Aarbechtsplazen. Sinn et der 25.000 de Moment? Alles dat wësse mer jo nach ëmmer net esou genee. Mä d'Kontroll wier och do noutwendeg.

Méi Attraktivitéit bedeit, dass duerch de Statut unique à la rigueur op eng Kéier esou Bréifkëschtefirme sech géifen hei erëm méi nidderloossen, fir ausserhalb vu Kontrollen a Strofbestëmmungen, déi awer noutwendeg sinn, ze versichen ze profitéieren.

Dat si Schiedlingen. Deene muss een d'Handwierk leeën, well si am Endeffekt den Abus mat eise Sozial- a Steierkeese bedreiwen. Fir déi, déi et sollte vergiess hunn: Et gouf esou eng Affär Kralowetz! An dat misst engem genuch soe fir ze wëssen, wat domat geduecht ass, wat ech elo hei versicht hunn ze erklären.

Et sief mer awer erlaabt am Kontext vun där Matière do och op den Dossier vun den Zäitspuerkonten - oder Comptes épargne-temps - hinzeweisen; do drängt sech legislativ Aarbecht op.

Ech weess, dass den Aarbechts- a Beschäftegungsminister op deem Dossier aktiv ass. Mä wann ee wéi gesot all dat anert mécht, muss een och hei eppes ubidde kënnen, fir eng Alternativ ze hu fir Leit, déi an d'Iwwerstonnen op eng Kéier erageroden, déi och dann hir Urlaubsdeeg op eng Kéier net méi kréien, esou wéi dat sech gehéiert, dass se iwwer en Zäitkont dat kënnen op eng geregelt Aart a Weis eranhuelen.

Dat géif awer och bedeiten, wann een esou e Gesetz ausschafft, dass et den Einstieg an nei Aarbechtszäitmodeller géif duerstellen; dass et och géif erméiglechen, eng méi flexibel Organisatioun vun der Aarbechtszäit vun alle Leit ze regelen. Dat wier am Interessi och vun de Patronen, och vun de Salariéen. An et drängt sech duerfir op, esou wéi et eng Gewerkschaft - déi mir nosteet an där ech nostoung - ëmmer gesot huet: Mir brauchen en Aarbechtszäitrahmegesetz, wat all déi Saachen do ëmfaasst. Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass de Wirtschafts- a Sozialrot 2004 eppes zu deene Saachen do och gesot huet.

Da wier eppes iwwert d'Unicitéit vun de Kollektivverträg ze soen - et ass de Mëtteg schonn drop higewise ginn -, dass mer als Ersatz vum 1965er Kollektivvertragsgesetz dat vun 2004 hunn; dass mer elo am Kontext vum Statut unique och Iwwergangsregelen hunn, déi bis 2013 lafen.

Elo géif ech et esou formuléieren: Wann dee Stuerm mat den Abusen a mat de Krankeschäiner sech emol geluecht huet - an dat wäert en, well am Endeffekt si mer jo lauter räsonnabel Mënschen, bal lauter räsonnabel Mënschen an dësem Land, heibanne souwisou, dobausse vläicht net esou, mä ëmmerhin -, wann dee Stuerm sech bis geluecht huet…

(Interruptions)

Dir sidd d'Ausnahm, Här Deputéierten, okay. Dir haalt dodrop, ech weess dat.

Mä dass, wann dee Stuerm sech bis geluecht huet, d'Sozialpartner insgesamt erëm op de Buedem vun der Normalitéit zréck wäerte kommen a mat Sécherheet méi schnell Léisungen an der Kollektivvertragspolitik wäerte fannen, wéi mir eis dat an eiser Fantasie kënne virstellen. Well et ass am Betrib, um Terrain, an der Praxis, wou dat Zesummeliewe sech mécht an och organiséiere muss.

An deem Zesummenhang sief drop higewisen, dass d'Kollektivvertragspolitik zu Lëtzebuerg vun 1936 un ëmmer eng Virreiderroll gespillt huet, dass ganz villes oder dat meescht, wat mer herno am Sozial- an Aarbechtsrecht erëmfonnt hunn, säin Ursprong a Kollektivverträg hat, well eben d'Sozialpartner e Schratt méi schnell gaange si wéi d'Politik an domat och bewisen hunn, dass et fonctionnéiere kann.

Ech wëll elo keng Abberzuel vu Beispiller opzielen, mä et soll mer erlaabt sinn ze ernimmen, dass mer an der Mëtt vun de 70er Joren an der Stolindustrie d'Mensualisatioun, also d'Monatsléin fir d'Aarbechter, agefouert hunn an domadder eng éischt wesentlech Gläichstellung an engem Betrib, deen deemools insgesamt 28.000 Leit beschäftegt huet an esou eng wesentlech Virreiderroll gespillt huet.

An engem anere Betrib, dee laang net esou gewerkschaftsfrëndlech war, wéi en et an der Tëschenzäit ass, DuPont de Nemours, gouf virun enger Rei vu Joren den Eenheetsstatut iwwer Kollektivvertrag realiséiert, wat also beweist, dass et och intelligent Patronë gëtt, déi wëssen, dass, wann een esou Décisiounen hëlt, déi sech mat Sécherheet positiv op d'Aarbechtsklima, op d'Aarbechtsrelatiounen auswierken, dat net nëmmen e Virdeel fir de Salarié duerstellt, mä, wéi ech schonn e puermol gesot hunn, mat Sécherheet och fir de Betrib a fir de Patron.

Et sief mer erlaabt, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, besonnesch Dir Häre Ministeren, ze ënnersträichen, dass d'Schafe vum Eenheetsstatut, vum Statut unique, wuel eng ganz wichteg Etapp duerstellt, mä eigentlech och nëmmen eng weider Etapp ass, an dat musse mer wëssen an duerno musse mer handelen. De Statut unique léist Problemer, mä entléisst eis awer net aus dem noutwendegen an iwwerfëllege Reformdrock an enger ganzer Rei vu Beräicher, déi mer alleguer mat dem Prädikat „modern Sozial- an Aarbechtsrecht" bezeechnen a wou mer einfach soen, e modernt Lëtzebuerg muss déi Schrëtt, déi Etappen do alleguer maachen an däerf sech elo net sonnen am Statut unique a soen: Elo hu mer déi grouss Revolutioun net bluddeg an net op der Strooss, mä hei am Parlament an an enger Tripartite, hanner verschlossenen Dieren, wéi dat hei gesot ginn ass, realiséiert. Mä dat ass jo hiren Erfolleg. Dat geet net duer!

Une voix.- An enger Dunkelkammer.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Neen, dat ass nach eppes anescht. Dunkelkammer, dat huet méi mat Europa ze dinn.

Als Stéchwierder wëll ech nëmme soen, dass elo eng Rei vu Reforme musse realiséiert ginn, wéi éischtens d'Evakuéierung vun den ustehende Schoul- a Beruffsausbildungsreformen, dass zweetens d'Sécherstellung vun der Vollbeschäftegung e permanenten Thema muss bleiwen, well dee Problem gëtt jo duerch de Statut unique net einfach matgeléist. Ech begréissen et, dass am Juli déi national Beschäftegungskonferenz schlussendlech stattfënnt an ech hoffen, dass mer en Aktiounsplang net nëmmen op de Pabeier, mä och ëmgesat kréien, deen dozou bäidréit, de Chômage zu Lëtzebuerg weider ofzebauen.

Drëttens, d'Moderniséiere vun de sougenannte Matbestëmmungsgesetzer, déi längst iwwerfëlleg ass. Déi hu mer bis elo e bëssen erausgeschubst, déi eng Kéier wéinst dem Statut unique, eng aner Kéier wéinst dem Kollektivvertragsgesetz. Elo gëtt et kee Wee méi, deen derlaanscht féiert. Mir mussen also d'Delegatiounsgesetz, d'Comités-mixtes-Gesetz, d'Matbestëmmungsgesetz moderniséieren. Et ass de Mëtteg am Kontext vun der Direktiv Vilvoorde scho gesot ginn, dass bei der Ëmsetzung dat eent oder dat anert Positiivt scho geschitt, mä dass dat längst net duergeet an dass d'Moderniséierung vun deene Gesetzer iwwerfëlleg ass.

Do geet et jo, an dat sollt ee kloer an däitlech soen, ëm méi Wirtschaftsdemokratie, déi mer brauchen, well d'Risike jo net méi kleng gi sinn an d'Spillregele vun der sougenanntener Globaliséierung ëmmer méi

Schwieregkeete bréngen, a ganz einfach e bessert Gläichgewiicht muss hiergestallt ginn tëschent deenen, déi schaffen, an hire Gewerkschaften, op där enger Säit, an tëschent deenen, deenen d'Betriber geheieren, op där anerer Säit.

Véiertens bleift, nieft dem Statut unique, d'permanent Upassung an d'Ofsécherung vum Lëtzebuerger Sozialmodell e Schwéierpunkt, ob dat elo d'Familljepolitik oder d'Wunnengsbaupolitik ass. Ech wëll aus Zäitgrënn elo hei net op all déi Punkten agoen. De Schwéierpunkt muss däitlech, méi wéi jee, op deene Schwaachen, deenen Aarmen an eiser Gesellschaft leien, well mer elo zënter enger Zäit och definitiv unerkannt hunn, dass et an deem räiche Lëtzebuerg ëmmer méi aarm Mënsche gëtt, vis-à-vis vun deene mir d'Responsabilitéit hunn an deenen et zousteet, dass mir eis méi fir si asetzen.

Duerno mussen iwwert de Statut unique, deen eng gutt Ausgangsbasis duerstellt, aner gesellschaftspolitesch Reformen a Strukturreformen op de Métier geholl ginn. An ech wëll och all déi warnen, déi elo mengen, wann de Statut unique do wier, da wier d'Gläichstellung vu Mann a Fra automatesch geregelt. Loin de là! Dat si Schantercher, déi ausserhalb vun deem Ganze musse beaarbecht ginn a wou een an der Flicht steet, net nëmmen Direktiven a Gesetzer ëmzesetzen an ze stëmmen, mä wou ee geziilt muss iwwer Gesetzer a Kollektivverträg derfir suergen, dass déi Gläichstellung och an der Realitéit ëmgesat gëtt, esou dass jiddfereen dovu ka profitéieren.

Ech mengen, an aller Bescheidenheet, léif Frënn, dass Lëtzebuerg mat dem Gesetz iwwert de Statut unique, mat alle Vir- an Nodeeler, mat alle Chancen a Risiken, dach eng Virreiderroll an der Europäescher Unioun wäert spillen. Mir weisen, dass et méiglech ass, e Statut unique ze realiséieren. Déi Situatioune sinn a ville Länner ganz verschidden an oft nach vill méi komplizéiert wéi bei eis, mä mir beweisen heimadder, dass een op d'mannst am Privatsecteur en Eenzelstatut ronnkritt, an domat spille mer, ech soen et nach eng Kéier, eng Virreiderroll.

Et wäert sech och ganz schnell erausstellen, an doru gleewen ech an dat soen ech net nëmmen esou, dass dat Gesetz eng positiv Auswierkung op d'Betribsklima insgesamt wäert hunn, dass all Veränderungen, a si sinn haut méi heefeg, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, vereinfacht ginn duerch de Statut unique, duerch eng aner Vertrauensbasis, duerch en anere géigesäitege Respekt.

An ech sinn och kee Ligener wann ech soen, dass dat sech positiv op d'Produktivitéit, op d'Qualitéit, op d'Kompetitivitéit wäert auswierken, dass also de Statut unique nieft dem mënschlechen Aspekt och positiv wirtschaftlech Konsequenze wäert weisen. Et ass alles eng Fro vun der Motivatioun, an et ass déi Motivatioun, déi elo net weider däerf an den nächste Stonnen, Deeg, Wochen a Méint zerriet ginn.

Wann ech drun zréckdenken, wéi mer de Rentendësch haten - an de Carlo Wagner weess dat gradesou gutt wéi ech: Do ass och vill gemeckert a kritiséiert ginn, mä awer net an deem Ëmfang, vu Säite vum Patronat, wéi dat an dësem Dossier de Fall war.

Dat ass eigentlech immens erstaunlech, wann ech et a Verbindung brénge mat der Rentemauer an aneren onschéinen Aussoen. Mä dat Erstaunlechst ass eben dat doten.

Vu mir aus de Wonsch an den Opruff, opzehale mam Lamentéieren! Loosse mer aus dem Statut unique keng Zerräissprouf maachen! Loosse mer positiv denken a loosse mer vertrauensbildend handelen!

Firwat? Mä och dat, mengen ech, sollt ee soen an ervirsträichen: De Statut unique wäert och munches zur sozialer Kohesioun an engem net onkomplizéierte Lëtzebuerger Aarbechtsmaart bäidroen - vill Grenzgänger, vill Netlëtzebuerger, mat all deene Komplikatiounen, déi dat mat sech bréngt. Ech sinn der Iwwerzeegung, dass dee Statut unique bestehend Grief kann zoutippen an dass dee Statut unique mat Sécherheet och eng positiv Auswierkung op d'Erhale vum soziale Fridden an dësem Land wäert hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'LSAP wäert dëst Gesetz stëmmen. Dat ass kloer. Et reit sech an an aner grouss Reformen, déi ënner a mat Sozialisten an de leschte Jore verwierklecht gi sinn.

Ech erënneren un d'Tripartite-Gesetz vun 1977, mat eise Frënn vun der DP deemools. Mä ech denken och un d'RMG-Gesetz vun 1986, wat eigentlech verhënnert huet, dass mer an där Entwécklung vun der Aarmut an eng Katastroph zu Lëtzebuerg eragerode sinn, wou de Benny Berg den ausschlaggebende Personnage war. Oder un d'Gesetz iwwert d'Fleegeversécherung vum Mady Delvaux 1999.

Ech soen dat, wat ech elo hei soen, net, fir ee rosen ze maachen oder ze provozéieren, wat ech ni géif maachen. Anerer hunn dat jo de Mëtteg versicht ze maachen an engem Niewenthema, wat ech bedaueren, well hei e klenge Gewerkschaftsträit op eng Kéier an enger grousser Diskussioun wéi dem Statut unique muss hierhalen - mä jiddferee muss do mat sengem Geescht eens ginn.

Ech wëll just soen, den LSAP-Wahlprogramm 2004, dee war mat sech konsequent vis-à-vis vun allen anere Wahlprogrammer, an dat am Géigesaz zu allen anere Parteien, nämlech mat der klorer Fuerderung no der Realiséierung vum Statut unique.

D'CSV huet dat vill méi virsiichteg 2000 formuléiert a si huet vu weidere Schrëtt an d'Richtung vun engem méigleche Statut unique am Privatsecteur geschwat. Déi Gréng sinn dat och méi virsiichteg ugaangen, ouni et absolut ze fuerderen,...

(Interruption)

...an d'DP huet eigentlech guer keng Aussoen direkt zum Thema gemaach. Mä entscheedend ass, wéi haut ofgestëmmt gëtt. Jiddferee ka sech jo verbesseren a senger Attitüd...

(Interruption)

Här Braz, Dir kënnt jo herno d'Wuert huelen an dat kloerstellen. Ech wëll mech elo net op eng Diskussioun doriwwer aloossen.

Ech wëll just drop hiweisen, de Koalitiounsprogramm - an ech hunn et am Ufank gesot - huet de Statut unique och net an där Form virgesinn, mä vu weideren Etappe geschwat. Et ass jo näischt esou schlecht, dass net och eppes Guddes derbäi erauskënnt, dat hu mer jo hei bewise kritt.

Elo schreiwe mer un de Wahlprogrammer vun 2009 a vläicht steet an de Wahlprogrammer vun 2009 net nëmmen d'Erëmaféiere vum totalen Index, mä och vläicht de Statut unique fir souwuel den öffentleche wéi de Privatsecteur.

(Interruption)

Ech gleewen nach ëmmer un dat Gutt am Mënsch an un d'Responsabilitéitsgefill. Ech hunn d'éinescht versicht ze erklären, firwat de Statut unique eng gutt Saach ass, an duerfir dierft en am Prinzip net Halt maache beim Privatsecteur, mä e misst méi wäit goen.

Mä wéi gesot, dreemen däerf een, sech derfir asetzen allerdéngs och, a mir wäerten dat jo da gesinn.

(Interruption)

Déi brauch een.

Erlaabt mer e lescht Wuert souzesoen a perséinlecher Saach. Wann ech gesot hunn, d'LSAP huet dee Statut unique gefuerdert, da weess een, dass dat genausou vum Lëtzebuerger Aarbechterverband, an der Zäit vum LAV, mat Konsequenz gemaach ginn ass, an dass duerno den OGB-L déiselwecht Fuerderung gestallt huet, wat eng Logik war aus der Grënnung eraus vum OGB-L.

Ech wëll do nëmme soen, dass et laang net esou selbstverständlech war 1978, wéi mäi gudde Frënd Marcel Glesener dat duergestallt huet. Wann hien déi Zäit vläicht LCGB-President gewiescht wier, wiere mer zu där nationaler Eenheetsgewerkschaft komm. Mä do waren anerer, déi d'Soen haten.

Mä ech wëll och soen, dass an all deenen...

(Interruptions)

Une voix.- Wie war et?

Une autre voix.- Ma den Här Spautz!

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Jo, och e Spautz.

(Interruption et hilarité)

Ech wëll just soen, dass, wann den LAV an den OGB-L eng ganz prezis Haltung a Saache Statut unique haten, da waren all déi aner Organisatiounen éischter zögerlech bis total dergéint. Och dat ass eng historesch Wourecht, mä iwwert déi gëtt da spéider eng Kéier geschriwwen.

Ech wëll just soen...

(Interruption)

Jo, jo, ech ka mech un intensiv Diskussiounen an der Arbeiterkammer erënneren, wou mir zwee mat berodender Stëmm souzen…

(Hilarité)

…a wou ëmmer erëm vun eis attackéiert ginn ass a Saache Statut unique, a wou déi aner Organisatiounen éischter eng ganz aner Attitüd wéi bis viru ganz kuerzer Zäit ageholl hunn. Mä dat ass jo elo net de Sujet.

Ech wollt awer, a mengem perséinlechen Numm, meng perséinlech Erfahrungen hei zum Beschte ginn.

Ech wëll just nëmme soen, meng berufflech Lafbunn huet 1963 am LAV als haaptamtleche Sekretär ugefaangen. Do gouf et zwou Fuerderungen, déi ech an honnerten oder dausende Rieden ëmmer an de Vierdergrond gestallt hunn: Dat war d'Codifizéierung vum Aarbechtsrecht an et war d'Realiséierung vum Statut unique.

Dir kënnt lech virstellen, dass et fir mech eng enorm perséinlech Satisfaktioun ass, matzeerliewen, zwar net méi als Gewerkschaftspresident, mä dann hei an deem héijen Haus - mä ëmmerhin -, wéi de Code du travail, also d'Codifizéierung, viru Méint realiséiert ginn ass, an dass ech och elo däerf drun deelhuelen, wéi de Statut unique zur Realitéit gëtt.

Et war, an ech iwwerdreiwen net, e Liewenszil, wat ech an anerer eis gestallt haten. 1978 hat sech eng Opportunitéit erginn, fir an Diskussiounen a Verhandlungen de Versuch ze starten, d'Eenheetsgewerkschaft ze realiséieren an domat gewerkschaftspolitesch a politesch Zeechen ze setzen, dass, wann de Législateur et schonn net géif maachen, een op d'mannst op Gewerkschaftsniveau duerch d'Schafe vun enger eenzeger Gewerkschaft, an där öffentlech a privat Salariéë sech géifen erëmfannen, net nëmmen Zeechen, mä och d'Virbedéngunge kéint schafen, fir déi kënschtlech Trennunge vum Dësch ze kréien, andeem een eng eenzeg solidaresch Gewerkschaft géif an d'Liewe ruffen.

Dat ass esou net gelongen. Dat wësst Der. Duerfir gouf et politesch Grënn. Keng sachlech, mä einfach politescher. Et gouf Standesdünkel, Korporatismus an Eenzelner.

Wann och déi eenzeg Eenheetsgewerkschaft esou net realiséiert ginn ass, ab 1979, dann huet de Prinzip vun der Eenheetsgewerkschaft sech awer duerchgesat. Dat bescht Beispill ass jo, dass kuerz no der Grënnung vum OGB-L och all déi aner Gewerkschaften de Prinzip vun der Eenheetsgewerkschaft nëmmen imitéiert hunn, mä ëmmerhi versicht hunn, et gläich ze maachen. Op eng Kéier war et net méi den Eenheetsbräi an aner Onfeinheeten, mä op eng Kéier war et dat Modernt a war et dat Zilbewosst a war et dat, wat d'Zukunft eigentlech verlaangt, dass et Organisatioune gëtt, an deene jiddferee sech solidaresch erëmfënnt an een deem aneren dann, wann et gëllt, zur Säit steet.

Den OGB-L, Dir wësst dat, Dir gesitt dat op alle Sailen dobaussen, huet elo iwwer 60.000 Mitglieder, ass also net méi schwaach ginn. A Gott sei Dank sinn och all déi aner Gewerkschaften an deem Prozess net méi schwaach ginn, mä hunn u Mitglieder zougeluecht. Do gesäit een, dass Iddien et oft ganz schwéier hunn, mä dass se dann awer, wa se berechtegt sinn, hire Wee ginn.

De Statut unique wäert sech genausou duerchsetzen, an dat, wat mer haut um Pabeier stëmmen, wäert sech an der Folleg, an dovunner sinn ech iwwerzeegt, och an de Käpp vun allen hei am Land duerchsetzen.

Duerfir wëll ech zum Schluss déi berechtegt Fro stellen: Firwat hu mer et net scho méi fréi gemaach?

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. D'Wuert kritt elo d'Madame Loschetter.

(Interrution)

Dir sot et, Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech waarde bis dee Flair vum 1. Mee sech e bësse berouegt huet, Här President, fir kënne meng Ried unzefänken.

(Brouhaha)

M. le Président.- Wann ech gelift, gitt der Madame Loschetter eng Chance fir unzefänken!

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „Wo ein Wille ist, ist auch ein Weg", dat ass e banale Sproch, ech ginn et gären zou, mä et ass eigentlech e bëssen domadder, wou ee kann d'Geschicht vun dësem Projet de loi ëmschreiwen.

Fir en „Ausseparlamentarier", spriech en Deputéierten oder eng Deputéiert, deen net weess, wat schlussendlech alles an der Tripartite geschwat, verhandelt a versprach ginn ass, well en net derbäi war, ass dëse Projet de loi vun haut awer ënnert dem Stréch eng gutt Iwwerraschung.

Eigentlech hat dës Regierung kee prezisen Optrag oder keen esou groussen Optrag an hirem Koalitiounsaccord, mä et ass viru knapp zwee Joer, am Abrëll 2006, wou d'Tripartite sech da soi-disant eens war, d'Aarbechten an d'Analysen en vue vun engem Statut unique tëschent Employés an Ouvriers privés unzefänken.

D'Konditioun fir all Partei war kloer, zumindest wann een de Rapport liest: «La réalisation du statut unique ne conduira pas à des charges financières supplémentaires pour l'économie dans son ensemble.»

Et ass d'Interpretatioun vun dësem Saz, deen haut och nach ëmmer schéngt verschidde Versiounen ze erméiglechen - et ass vu menge Virriedner schonns beschriwwe ginn. Ech kommen herno nach kuerz dorop zréck.

Et huet awer emol kee Joer gedauert, vun August 2007 bis Abrëll 2008, bis dëse Projet de loi säi Wee duerch d'parlamentaresch an och heiansdo d'ausserparlamentaresch Aarbecht duerchgaangen ass. Dës ass zimlech kuerz fir e Projet wou ee jo seet, et wär eng Jorhonnertreform.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gäre virausschécken, datt déi gréng Fraktioun dëse Projet de loi begréisst an och wäert matstëmmen. Et gëtt virun allem e puer Reflexiounen, déi ons bewegen, dëse Projet de loi ausdrécklech ze begréissen. Et gëtt awer och Reflexiounen, déi ech wëll ernimmen, déi awer un déi eng oder déi aner Kritik gekoppelt sinn, déi ech am Numm vun der grénger Fraktioun dëser Regierung nach wëll mat op de Wee ginn.

Éischtens, dëst Gesetz schaaft mat Sécherheet méi Gerechtegkeet - iwwerfälleg Gerechtegkeet, wann ee sech esou kann ausdrécken -, déi noutwendegerweis huet misse legislativ geregelt ginn. Esou beschreift et och de Statsrot.

Déi ënnerschiddlech Regelungen a Gesetzer, déi mer bis haut den Owend haten tëschent Employé an Ouvrier, dat heescht, bis dat Gesetz akraaft wäert trieden - fir mech méi richteg auszedrécken -, wieren esou oder esou kuerz- bis mëttelfristeg anticonstitutionnel gewiescht an hätte kënnen och beim Verfassungsgeriicht ageklot ginn.

Derbäi kënnt, datt mir am Droit du travail mat enger ganzer Rei vun EU-Direktive befaasst sinn - dëst si mer och an der zoustänneger Aarbechtskommissioun -, déi sech virun allem mat Diskriminatioune befaassen. Dat féiert mech dann och - grad wéi de Statsrot, a fir datt dat dann och emol gesot ass, a grad wéi ech et am Numm vun der grénger Fraktioun bei all sënnvoll Geleeënheet widderhuelen - zu onser essenzieller Kritik: Mir schafen endlech Gerechtegkeet am private Secteur.

Et bleiwen awer nach ëmmer an der Aarbechtswelt ënnert de schaffende Leit zwou Zorte Leit, mat zwou zum Deel verschidden Zorte Rechter: déi an der Fonction publique an déi ausserhalb vun der Fonction publique. Natierlech wëssen och mir Gréng, datt mer haut net schonns géifen dëse Projet de loi stëmmen, wa mer dës Erausfuerderungen ugaange wieren.

Och de Statsrot schwätzt vun aktueller Utopie an dësem Kontext, esou wäit stinn déi concernéiert Parteien auserneen. An och d'Rapporteure beschreiwen an hirem Rapport esou eng Méiglechkeet als Opmaache vun enger Pandora-Këscht.

Trotzdeem si mer elo befaasst mat verschidde Statuten, souwuel um Gemengenniveau wéi och um Statsniveau, well mer och do eng ganz Partie vun Ouvrieren an Employés privés erëmfannen. Och wéi all Kéiers wa mer ëmmer erëm musse verschidde Gesetzer modifizéieren, wann dëst iwwerhaapt méiglech ass, fir notamment eng EU-Direktiv ze transposéieren, aus där ganz einfacher Ursaach, well mer zwou Klasse Leit um Aarbechtsmaart hunn.

Déi eng kënne vun där EU-Direktiv an deenen antidiskriminatoreschen Transpositiounsgesetzer dann och profitéieren, an déi aner net, an dat nëmmen doduerch, well déi eng am private Secteur schaffen an déi aner an der Fonction publique. Mir fannen dat net méi zäitgeméiss.

Et ass och schonn hei e puermol énoncéiert ginn, datt dräi Punkte prinzipiell fir Diskussioun gesuergt hunn. Dat Éischt, dat ass d'Iwwerstonneregelung, dat Zweet ass d'Lounfortzahlung an dat Drëtt ass dat, wat Absentéismus genannt gëtt. An, Här President, ech géif kuerz déi gréng Vue op dës dräi Diskussiounstheme matdeelen.

Zur Iwwerstonneregelung: Trotz de Kritiken, déi och scho vu menge Virriedner ernimmt gi sinn, begréisse mir, datt et virgezu gëtt, Iwwerstonnen duerch temps de repos ze kompenséieren. Dëst ass eng wichteg Komponent an der Zäitopdeelung tëschent temps de travail productif an temps de travail reproductif, voire temps de récréation.

Iwwerstonnen duerch Fräizäit ze kompenséieren, ass déi Politik, déi mir och ënnerstëtzen. Et gëtt eng Zäit fir déi Suen ze verdéngen, déi mer brauche fir ze liewen, mä et gëtt och eng Zäit fir säi Privatliewen a virun allem, wann, dann och säi Familljeliewen ze organiséieren; egal ob Fra mat Kanner oder Mann mat Kand.

Eng équilibréiert Situatioun tëschent travail productif, dat heescht déi bezuelten Aarbecht, wéi zum Beispill eng Aarbechtsplaz bei engem Patron, an dem travail reproductif, dat heescht déi net bezuelten, awer noutwendeg Aarbecht, wéi zum Beispill Hausaarbecht, ass eng Viraussetzung fir eng Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra um Aarbechtsmaart ze förderen.

Vläicht huet och dëse Projet de loi d'Iwwerleeung vum Aarbechtsminister, fir sech eescht Gedanken ze maachen iwwert d'Comptes épargne-temps oder Aarbechtszäitkonten, beschleunegt. Eben duerch deen Drock iwwer eng Iwwerstonneregelung, déi dann och gekoppelt muss sinn un eng finanziell Neutralitéit.

Wat vläicht an der Tripartite éischter zu finanziellen Aspekter gehéiert huet, ass fir ons awer och vu gesellschaftlecher a soziokultureller Wichtegkeet. Aarbechtszäitkonte gehéieren zu enger verbesserter Gestioun tëschent Aarbecht a Familljeliewen a sinn - net ze ënnerschätzen - och en Instrument fir Männer a Pappen eng Méiglechkeet ze ginn, hir Rechter a Flichten a Considératioun ze huelen an engem Stot oder bei hire Kanner. Dës Mesuren droe mat Sécherheet zu enger méi gerechter Gesellschaftsorganisatioun bäi.

Dat zweet Diskussiounsthema, Lounfortzahlung, ass en Thema, wat, mir fannen, zimlech séier geregelt ginn ass, notamment och doduerch, datt de Stat seng Verantwortung, notamment finanzieller Natur, an deem Kontext geholl huet.

Mir begréissen, datt e Konsens fonnt ginn ass, fir d'Lounfortzahlung un d'Referenz vum Privatbeamte plus ou moins ze alignéieren. Souwuel keng grouss Ännerung fir den aktuellen Aarbechter wéi och fir den aktuelle Beamten.

D'Kreatioun vun enger Mutualitéit oder enger Communauté de risque oder och nach enger Rétro-assurance fir den Employeur, déi dëst och mat mannstem Risiko erlaabt, ass garantéiert duerch dee sougenannte Fonds de roulement initial, deen de Stat an d'Mutualitéit eraspeist.

Och gesinn DÉI GRÉNG et positiv, datt e gewësse Konsens fonnt ginn ass ënnert den Employeuren, fir eng Obligation d'affiliation an der Mutualitéit zréckzehalen. Eng fakultativ Affiliatioun hätt dozou gefouert, datt nëmmen déi méi concernéiert Betriber sech an der Mutualitéit erëmfonnt hätten. A wéi eng Betriber wieren dat dann haaptsächlech gewiescht? Majo mat Sécherheet déi Betriber, déi aarbechtsintensiv sinn; oft Kleng- a Mëttelbetriber. Aner méi kapitalintensiv Betriber wieren natierlech weder vun den neie Regelunge vun der Lounfortzahlung nach mat de Causes de maladie prinzipiell oder prioritär betraff gewiescht.

Och si mir der Meenung, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a mir widderhuelen dëst oft, notamment och hei op dëser Tribün, datt ons Gesellschaft an awer och ons Beschäftegungspolitik grad dës aarbechtsintensiv Betriber brauchen an datt mir och grad déi mussen ënnerstëtzen. Si brénge vläicht net direkt esou vill Suen an d'Statskeess, mä si sinn onsen Haaptuspriechpartner um Niveau vun der Beruffsausbildung a vun der Aarbechtsbeschäftegungsförderung. Wann een dës Suen ëmrechent, gläicht dat sech mat Sécherheet mat deenen Taxen, déi vun de kapitalintensive Betriber kommen, aus.

An natierlech sinn et och dës aarbechtsintensiv Betriber, déi - par la nature des choses - méi vu Lounfortzahlungen an notamment och vun de Causes de maladie vun dem Salarié concernéiert sinn. Duerfir ass et eigentlech net méi wéi richteg, datt et engersäits eng Obligation d'affiliation gëtt an anerersäits och de Stat seng Verantwortung iwwerhëlt.

Déi zäitbegrenzten Ausnahm ass trotzdeem virgesi fir déi Betriber, déi bis Enn dës Joers eng privat Ofsécherung ofgeschloss hunn. Mir hoffen, datt duerch dës zäitbegrenzten Ausnahm de Prinzip vun der Solidaritéit vun der Mutualitéit net gefährdet ass.

Drëtte Sträitpunkt, deen nach net schéngt ganz geglätt ze sinn, ass dat, wat am Volleksmond Absentéisme genannt gëtt. Et ass scho vill haut doriwwer geschwat ginn. Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt d'Approche, eng approfondéiert Etüd iwwert déi verschidde Causes d'absence sur le lieu du travail ze maachen.

De Santésminister hat an der Kommissioun och dräi Causë genannt. Déi éischt ass logescherweis déi, datt ee krank ass; déi zweet, et mécht ee blo - dat ass den Absentéisme abusif -, an drëttens gëtt et och aner Grënn, déi de Salarié dozou féieren, net schaffen ze kommen a sech pour maladie ofzemellen.

Den Absentéisme abusif muss mat alle Mëttele bekämpft ginn, an dëst op allen Niveauen, vum abusive Krankeschäin, deen ausgeschriwwe gëtt op d'Käschten neierdéngs vun enger Mutualitéit, iwwert den onverantwortlechen a respektlose Salarié hi bis zum onverantwortlechen a respektlosen Employeur, deen och heiansdo op komesch Tricken zréckgräift, fir säi Betrib ze agencéieren.

(Interruption)

Déi aner Grënn, Här President, krank ze si mussen, missten ons hoffentlech Opschloss ginn iwwer Lacunen an onser Aarbechtsregelung, déi dann notamment vun de politesche Responsablen en considération geholl musse ginn a gegebenenfalls dann och legislativ geregelt musse ginn, mä se dierfen net méi an de Répertoire Krankeschäi klasséiert ginn.

Ech erënneren lech drun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt et nach guer net esou laang hier ass, datt eng Mamm oder e Papp schlecht dru war, wann hiert oder säi Kand moies héich Féiwer hat. Oft ass nëmmen déi Léisung bliwwen, sech krankzemellen. Oft huet e Salarié sech misse krankmellen, zum Beispill, an et ass schonn hei op dëser Tribün gesot ginn, fir en Harcèlement op der Aarbechtsplaz tant bien que mal auszehalen.

Haut gëtt et och aner Méiglechkeeten dofir. Haut gëtt et legislativ Regelungen dofir, fir datt e Salarié net muss op e Krankeschäin zréckgräifen. Mir wënschen dann och, datt dee Groupe de haut niveau gutt outilléiert ass, fir dës Etüd ënner beschte Konditiounen an a kierzester Zäit fäerdeg ze stellen an - mat allem Respekt fir e Comité Tripartite - prioritär de Parlamentarier dozou Ried an Äntwert ze stoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi nächst Sozialwahle sti virun der Dier. Am November dëst Joer gi fir d'éischt all schaffend Persounen zesummen an d'Sozialwahlen. Dat ass och gutt esou.

Ee Virgeschmaach haten ons Privatbeamtekummer an Aarbechterkummer bei hirem Neijoersdagempfang schonns offréiert, an ech muss zouginn, datt een en Zougehéieregkeetsgefill konnt spieren op deem Neijoersdagempfang.

Datt net alles direkt optimal wäert fonctionnéieren, datt verschidden Adaptatioune wahrscheinlech wäerten noutwendeg sinn, ass gutt méiglech. Wichteg ass dobäi, datt d'Sozialpartner am Dialog bleiwen, well mir sinn der Iwwerzeegung, datt dës nei Dispositioune vun dësem neie Gesetz richteg a gerecht sinn.

Et bleift mir zum Schluss, Här President, deenen zwee Presidente vun de Kommissioune Merci ze soen a virun allem deenen zwee Rapporteuren an hiren eventuellen Hëllefe beim Rapport fir deen 150 Säite schwéiere schréftleche Rapport, awer och fir dee prezisen, detailléierte mëndleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen, wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir diskutéieren haut de Mëtteg iwwert den Eenheetsstatut vum Privatsecteur, e Projet de loi, deen an de leschte Wochen a Méint zu vill Diskussioun Ulass ginn huet.

Ech wëll fir d'éischt vun eiser Säit awer deenen zwee Kolleege Rapporteur Marcel Glesener a Romain Schneider Merci soen, wéi meng Virriednerin dat och elo grad gesot huet, déi e schréftleche Rapport zesummegestallt hunn, wou wierklech all Froen, déi ee quasi an deem Dossier hei kann hunn, op eng flott a prezis Manéier beäntwert ginn.

Ech wëll elo als fënnefte Riedner vun eiser Säit aus net méi an den Detail vun all deene Bestëmmungen, déi an dësem Gesetz dra sinn, agoen, mä éischter eng Rei vu prinzipiellen Iwwerleeunge maachen.

Vläicht eng Virbemierkung: Fir een, deen net an der Tripartite ass - eng Tripartite, déi jo geleeëntlech contestéiert gëtt, déi awer hir Mériten an der Vergaangenheet hat -, fir en Aussestehenden ass et am Fong e bësse fragwürdeg, wann deemools pompös, géif ech soen, an enger spéider Sëtzung en Accord ënnerzeechent ginn ass vun de Partner vun der Tripartite a wann dann duerno awer d'Diskussioune lassginn, wou déi eng soen, et war esou gemengt, an déi aner, neen, et war esou gemengt. Déi Diskussioune sinn am Fong bis haut virugaangen, woubäi net an alle Punkten eng eenheetlech Meenung war.

Sécherlech sinn deemools an der Tripartite déi Décisiounen och net esou kloer geholl ginn, wéi se gemengt waren.

Dat als kleng Virbemierkung, Här President.

Eng zweet Fro, déi ech wëll opwerfen: Et gëtt vun enger Jorhonnertreform geschwat. D'Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Wat ass eng Jorhonnertreform? Ass dat eppes, wat nëmmen all honnert Joer eemol geschitt, oder ass et eppes, wat honnert Joer brauch, ier et geschitt?

Ech géif mengen, an dësem Fall ass et dat Zweet. Et huet bal honnert Joer gedauert, bis et geschitt ass, ier mir hei deen Eenheetsstatut kréien. Et sinn honnert Joer quasi hier, zënter datt mir hei zu Lëtzebuerg d'Geschicht vun der Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung schreiwen.

Bei de Rentekeesen, eise Pensiounskeesen, ass am Fong déi éischt vun den Aarbechter am Joer 1911 gegrënnt ginn, déi vun de Privatbeamten 1931, déi vun den Artisanen an de Commerçanten 1951 an déi vun de Baueren 1956.

Bei de Krankekeese waren d'Aarbechter erëm déi Éischt am Joer 1901, d'Fonctionnairë waren déi Zweet 1912, d'Caisse agricole ass 1962 komm an d'Privatbeamtekrankekeess ass 1912 komm.

Mir gesinn also, datt iwwer Reie vu Joren déi verschidde Krankekeesen a Pensiounskeese gegrënnt gi sinn. An ech géif soen, zënter datt déi Keesen emol alleguerte bestoungen, si Bestriewunge lassgaangen, fir se ze harmoniséieren.

Mir hunn am Fong aus der Geschicht geléiert, well wéi mer 1998 d'Fleegeversécherung ageféiert hunn, dunn hu mer net méi driwwer diskutéiert: Maache mir eng fir d'Aarbechter, maache mir eng fir d'Privatbeamten, maache mir eng fir d'Fonctionnairen oder d'Indépendanten? Mä mir hunn deemools déi richteg Décisioun geholl an hu gesot, mir maachen eng Fleegeversécherung fir d'ganzt Land. An et huet sech och erwisen, datt dat dee richtege Wee war.

Wann een elo deenen Ausdréck „Aarbechter" an „Privatbeamten" nogeet, esou kann ee feststellen - esou hu mir emol nogesicht -, datt 1895 am Fong en éischt Gesetz war, wou mir den Term vum „Ouvrier" erëmfonnt hunn, an zwar ass et deemools ëm d'Bezuele vu Gehälter gaangen. An de Privatbeamtestatut, deen ass 1937 agefouert ginn.

Et sinn also quasi honnert Joer zréck an iwwer 20, 30, 40 Joer, datt mir d'Sozialversécherungen an d'Aarbechtsrecht hei zu Lëtzebuerg agefouert hunn, a wéi gesot, nodeem mir dat agefouert hunn, sinn d'Diskussiounen an d'Bestriewungen no enger Harmoniséierung ugaangen, nom Krich a virun allem zënter de 60er Joren. An deene leschte 40 Joer ass méi intensiv an déi Richtung diskutéiert ginn. D'Pensiounskeesen, där mir véier Stéck am Privatsecteur haten, sinn am Laf vun der Zäit - an de Kolleeg Castegnaro huet et virdrun och ernimmt - harmoniséiert ginn.

Virun allem ass et wichteg, datt mir an eisem Sozialversécherungswiesen hei zu Lëtzebuerg eng Flichtversécherung hunn, datt also jiddferee muss dragoen. Haut bezilt jiddfereen déiselwecht Cotisatiounen, jiddfereen huet déiselwecht Leeschtunge bezunn op seng Cotisatiounen. A wat wichteg ass: Eis Pensiounskeese berouen op enger nationaler Risiko- a Solidargemeinschaft.

Haut ginn déi Pensiounskeesen aus dem Privatsecteur administrativ fusionéiert. Dat bedeit keng Ännerung fir deen eenzelne Versécherten. Aus deene verschiddene Pensiounskeesen, wéi mir se kannt hunn, kréie mer elo eng national Pensiounskeess mat enger Verwaltung, wat sécherlech vu Virdeel ass, administrativ gesinn, wa mer dat maachen.

Och hei soll ee wëssen, datt mir eng Risikogemeinschaft spillen hunn. Wann dacks diskutéiert gëtt vu Salariat a Patronat, sou muss een och wëssen, datt an der Risikogemeinschaft vun de Pensiounskeesen et vläicht emol eng Kéier en ëmgedréinte Wee ass, well et sinn net d'Pensiounskeese vun den Aarbechter a scho guer net déi vun de Privatbeamten, déi bis elo defizitär waren. Mir hunn um Niveau vun de Pensiounskeesen och eng national Solidaritéitsgemeinschaft, wat wichteg ass.

A wat bei de Pensiounskeese richteg ass, dat stëmmt och esou bei de Krankekeesen, wou mir och déiselwecht Prinzipien hu vu Flichtversécherung, eenheetleche Cotisatiounen, eenheetleche Leeschtungen a enger nationaler Solidaritéits- a Risikogemeinschaft, déi an de Gesetzer vun 1974 an 1978 preziséiert gi sinn.

Dat Ganzt gëtt haut vertruede vun der Union des Caisses de maladie, déi fir se all handelt, net nëmme fir d'Krankekeesen aus dem privaten, mä och fir déi aus dem öffentleche Secteur.

Si sinn iwwer Jorzéngte gewuess, an duerfir war et eben eng Traditioun, datt si um Niveau vun de Verwaltunge weiderbestanen hunn an och datt mir nach eenzel Comitéë gewielt hunn, och wann déi eenzel direkt näischt méi ze bestëmmen haten, weder wat d'Cotisatiounen ubelaangt nach wat d'Leeschtungen ubelaangt.

Haut ginn elo d'Krankekeesen aus dem Privatsecteur fusionéiert an et gëtt elo neierdéngs eng Gesondheetskeess. Ob d'Leit déi Ëmstellung vun de Krankekeesen op d'Gesondheetskeess esou séier wäerte realiséieren, dat sief eng aner Bemierkung.

Mä fir mech ass et am Fong eng sympathesch Entwécklung, wa mir vu Gesondheetskeese schwätzen. Mir si jo dofir, datt d'Leit solle gesond bleiwen an erëm gesond ginn. Mir hu jo och e Gesondheetsminister a kee Krankeminister.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch déi Fusioun vun de Krankekeese kréien d'Leit och de Virdeel vun der Dezentralisatioun vun de Guicheten, déi mir bei den Aarbechterkrankekeese bis elo schonn haten, sou datt elo alleguer déi Leit aus dem Privatsecteur kënnen dezentral op déi eenzel Guichetë queesch duerch d'Land zréckgräifen, wat och sécherlech e Virdeel fir déi Verséchert ass.

Ech hunn lech gesot, Här President, datt mir elo bei de Krankekeesen a Pensiounskeesen esou wäit sinn, an datt mir 1998, wéi mer d'Fleegeversécherung agefouert hunn, direkt dee Schrëtt gemaach hunn, datt jiddfereen an eis Fleegeversécherung era kann.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech mengen, mir mussen och un deemools zréckdenken - déi vun eis, déi deemools schonn hei am Parlament waren - an eis erënneren, datt keng Oppositioun entstanen ass, och keng Wënsch entstane sinn, fir verschidde Fleegeversécherungen ze maachen, mä datt mir direkt eng eenzeg Fleegeversécherung gemaach hunn, déi haut och zur Zefriddenheet vun de Versécherte fonctionnéiert.

Een anere Punkt niewent de Sozialversécherungen ass de Begréff vum „Aarbechter" a vum „Beamten". Den „Aarbechter" wéi gesot hu mir fir d'éischt erëmfonnt an engem Gesetz vun 1895, an de „Privatbeamten" am Statut vun 1937.

Och an deene leschte 40 Joer sinn do eng Rei vun Décisiounen a Gesetzer geholl ginn, déi eng Harmoniséierung vun deenen zwee Begréffer vun „Aarbechter" an „Beamten" mat sech bruecht hunn: 1966 den 22. Abrëll d'Gesetz iwwert de jährleche Congé, an den 10. Abrëll 1976 d'Gesetz iwwert déi legal Feierdeeg.

Wa mer virdrun an de Gesetzer vun Ouvrier an Employé geschwat hunn, sou schwätze

mer och vun där Zäit un an de Gesetzer vu Salarié. Also ass dat en éischte Schrett op dat Gesetz, wat mir haut hei definitiv maachen.

Weider Etappe sinn am August 1988 komm mat dem Gesetz iwwert déi wöchentlech Rouzäit, an 1998 mat deem iwwert den Aarbechtsvertrag. Wa mir also elo zréckkucke speziell iwwert déi lescht 40 Joer, hu mir, souwuel wat d'Pensiounskeesen, d'Krankekeesen an d'Aarbechtsrecht ugeet, am Fong déi gréissten Avancëschrett an deene leschte 40 Joer gemaach.

Haut maache mir am Fong de leschte Schrett. Haut, an dësem Gesetz si keng esou wesentlech Ännerungen, déi direkt d'Aarbechter oder d'Beamte betreffen, dran, wéi an deene Gesetzer, déi mir virdru gemaach hunn. Et ginn nach eng Rei vun Upassungen elo gemaach, wou nach Differenze bestinn, mä déi gréissten Upassunge sinn an deene leschte 40 Joer gemaach ginn.

Haut maache mir éischter eng administrativ Zesummeleeung vun deenen eenzelne Versécherungen, d'Fusioun vun de Krankekeesen an der Gesondheetskeess, d'Fusioun vun de Pensiounskeesen, an awer och verschidden Harmoniséierungen an der Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung.

Et gett eng Rei vu Punkten, déi bei dësem Gesetz méi am Detail diskutéiert ginn, an ee vun deenen, déi am meeschten diskutéiert gi sinn, ass dee vun der Lounfortzahlung am Krankheetsfall.

Hei gett et och direkt fir den aktuellen Aarbechter oder Beamte keng Ännerung, well alle béid kréien och elo hiert Gehalt weider vun hirem Patron bezuelt. Beim Beamten huet de Patron awer selwer bezuelt, a beim Aarbechter krut de Patron vum éischten Dag un d'Krankegeld erëm. Beim Beamten ass et de lafende Mount plus dräi Méint. Am neie Gesetz gett dat elo op 13 Woche limitéiert.

Fir dat auszegläichen, well d'Patronat vun elo un dat Krankegeld och fir den Aarbechter vum éischten Dag u muss bezuelen, gett eben elo och iwwert dëst Gesetz eng Mutuelle geschaf, déi vun de Patronë géréiert gett, wat och richteg ass, well si och vun hinne spéider ganz finanzéiert gett respektiv vum Stat.

Wichteg ass, datt si obligatoresch ass, datt mir also och op deem Niveau déi Obligatioun aféieren, déi mir an eisem ganze Sozialversécherungswiesen hei zu Lëtzebuerg agefouert hunn, wou d'Solidaritéit an de Risiko national verdeelt ginn, an datt mir dat och elo hei bei der Mutuelle maachen.

D'Aarbechter, déi elo virum 1. Januar 2009, ier den Eenheetsstatut a Kraaft trett, eng Cotisatioun vun 2,35% bezuelt hunn, bezuelen déi och spéiderhi weider, mä déi gett da vun der Sozialversécherung un d'Mutuelle iwwerwisen. 2012 geet déi Cotisatioun ëm d'Halschent zréck an 2013 geet se op null zréck. Dat heescht, bis dohinner kréien déi Leit, déi elo am Aarbechtsverhältnis sinn, am Fong eng Lounaugmentatioun vun 2,35% op d'Joren 2012 an 2013 verdeelt.

Op där anerer Säit fänkt de Stat da vun 2014 un, 0,3% vun der Masse cotisable an déi Mutuelle eranzebezuelen, fir eben deen Ausgläich ze schafen, dee géif entstoen, wann d'Betriber missten déi ganz Laascht droen. Esou datt d'Betriber am Fong hei och iwwer eng national Solidaritéit, iwwer eng Fiskaliséierung e Betrag kréien an hir Mutelle. Genausou gutt wéi de Stat am Fong e Fonds de roulement fir déi Mutuelle zur Verfügung stellt.

Wat ee wonnert, dat ass, datt mer elo esou vill iwwer Abusen am Krankheetsfall schwätzen, obschonn déi Abusë jo net onbedéngt eppes direkt mam Statut unique ze dinn hunn. Wann et déi Abusë gett, da sinn et déi och virum Statut unique ginn, an et gett der sécherlech nom Statut unique net méi oder net manner, mä et wäert wahrscheinlech datselwecht bleiwen.

Richteg ass, datt een all Abusë soll ënnerbannen an datt mer alles solle maachen, fir datt keng Abusë gemaach ginn. Mä et muss een awer och fairerweis soen, datt déi Abusen, an et ass och vu Virriedner gesot ginn, net nëmme vum Salariat ausginn, mä et huet och heiansdo Betriber arrangéiert, wa Leit sech krankgemellt hunn. Duerfir wonnert ee sech am Fong, datt mer elo déi Diskussioun féieren iwwert d'Abusen, well och virdrun hunn déi missen iwwert d'Cotisatioune finanzéiert ginn.

Mir ënnerstëtzen als ADR awer déi Motioun, déi de Mëtteg hei deponéiert ginn ass, well mer einfach soen, datt een alles soll maachen, fir all Abusen ze verhënneren. Mir hunn all Intérêt drun, eist Sozialversécherungswiesen esou sécher opzebaue wéi méiglech an all Abusen esou gutt wéi méiglech ze ënnerbannen. Dat ass am Interessi vun deene Leit, déi wierklech krank sinn, fir datt mer deenen och hir Leeschtungen esou kënne bezuelen, wéi dat soll sinn.

Een anere Punkt, Här President, dee fir mech e klenge Schéinheetsfeeler an dësem Projet ass, ass d'Regelung, déi fonnt ginn ass bei den Iwwerstonnen. Ech weess, datt dat sécherlech net déi einfachste Fro war. Wa mer wëssen, datt engersäits d'Privatbeamte 50% kruten an d'Aarbechter 25%, da war do eben eng Differenz.

Bei där Regelung, déi elo fonnt ginn ass, gett fir den Ablack d'Prioritéit op fräi Stonne gesat. Dat heescht, datt ee fir eng Iwwerstonn soll annerhallef Stonne fräi kréien. Wann dat net méiglech ass, da soll se bezuelt gi mat 40% Opschlag.

Datt déi engersäits steierfräi sinn, ass sécherlech positiv, mä well op där anerer Säit keng Cotisatioune fir d'Krankekeesen an d'Pensiounskeese bezuelt ginn, muss een awer och wëssen, datt duerno souwuel spéiderhin d'Pensioune méi kleng gi wéi och am Krankheetsfall d'Krankegeld méi kleng gett, wann net op den Iwwerstonne cotiséiert gett. Dat ass eng negativ Auswierkung, déi dëst Gesetz fir mech mat sech bréngt. Quitte, datt et fir den Aarbechter haut eng positiv Entwécklung bedeit, wann hie méi als Iwwerstonn bezuelt kritt, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Et huet keng Auswierkungen op d'Krankegeld. Et huet eng indirekt Auswierkung op d'Pensiounen herno, mä keng Auswierkungen op d'Krankegeld, well mer net méi an deem ale Regime si vum Krankegeld, vun den Aarbechter, mä well mer am ale Regime si vun den Employés privés, vun der Lounfortzahlung, wou souwisou d'Iwwerstonnen net mat gerechent gi bei der Base vum Krankegeld. Dat heescht, do huet et souwisou keng Influenz.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Aarbechter huet awer d'Iwwerstonne mat berechent kritt, also huet et do eng Influenz.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen, well doduerch, dass mer d'Lounfortzahlung maachen nom Prinzip vum Privatbeamtestatut 121-6, huet dat keng Influenz. Dat heescht, wa mer se cotisabel gemaach hätten, wären nawell d'Iwwerstonnen net mat berechent ginn am Krankegeld, an dat huet mam 121-6 ze dinn, mam Privatbeamtestatut, an net domadder, dass mer se cotisatiounsfräi maachen. Also wann Influenze sinn op verschidden aner Leeschtungen, gett et keng Influenz op d'Krankegeld. Richteg ass, dass et eng Influenz huet op d'zukënfteg Pensioun.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann ass et also esou, wann ech lech richteg verstanen hunn, Här Minister, datt den Aarbechter bis elo d'Iwwerstonnen a sengem Krankegeld ugerechent krut, an doduerch, datt mer elo de Statut vum Privatbeamten 121-6 uwennen, kritt hie se elo net méi ugerechent. Dat ass jo dat, wat ech gesot hunn…

Une voix.- Dat huet awer näischt mat der Cotisabilitéit ze dinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et huet näischt mat der Cotisatioun ze dinn. Den Effet, d'Resultat ass awer wéi ech gesot hunn, datt hien et virdrun a sengem Krankegeld mat berechent kritt huet an elo kritt hien et net méi mat berechent.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Voilà, dat ass dat wat ech…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Wa se elo mat cotiséiert gi wären, hätt hie se nawell net mat berechent kritt. Just dass een dat awer weess, dass Der net sot...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hien huet se awer elo manner. Dat ass mengen ech dat wat zielt, egal op wat fir en Artikel datt mer eis elo baséieren. Mä de Fait ass, hien huet se elo manner. Mä wéi gesot, et ass e Kompromëss…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mä dat huet näischt mat der Cotisabilitéit ze dinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo. Mä hien huet se awer duerch dëst Gesetz manner. Dat ass awer kloer.

Här President, ech hunn och gesot, datt dat fir mech en negative Punkt ass, mä ech weess awer och, wéi komplizéiert datt deen dote Punkt war, wann ee wëllt 50% a 25% harmoniséieren. Dann ass dat hei eng Léisung, déi direkt gesinn, op jidde Fall, fir d'Leit méi positiv ass, mä wat d'Pensiounen an d'Krankegeld fir d'Aarbechter ubelaangt, ass et laangfristeg gesinn net esou positiv.

En anere Punkt, Här President, dat sinn d'Beruffschamberen, déi mer elo zesummeleeën an dann eng Chambre vun de Salariéë kréien, déi aus néng Gruppe besteet an déi esou grouss gett wéi dat heite Parlament. Bei deenen néng Gruppe sinn d'Rentner derbäi, déi elo doduerch och Member an där Chamber ginn. Déi Beruffschamber kritt 60 Leit, se gett also esou grouss wéi dëst Parlament.

Wat vläicht de Mëtteg nach net esou vill hei undiskutéiert ginn ass, dat ass, datt mer mat dësem Gesetz och fir d'éischt Kritären aféieren, wat déi national an déi sektoriell Representativitéit ubelaangt. D'Gesetz seet och elo, datt een déi national Representativitéit als Gewerkschaft kritt, wann een an der Beruffschamber 20% vun de Stëmmen am Ganze kritt, an déi sektoriell kritt een, wann een an där Grupp, wann et eng spezifesch Grupp ass, déi korrespondéiert mat deem Kollektivvertrag, deen een ofschléisst, wann een dann an deem Secteur seng 50% kritt huet.

Positiv ass, datt mer elo emol eng Kéier novollzéibar Kritären hunn, wou een am Fong ka soen, datt déi dann och all fënnef Joer frësch mussen ënner Bewäis gestallt ginn.

(Interruptions)

Et muss ee wëssen, datt déi 50% - ech schwätzen emol net vun deenen 20% -, mä déi 50% schénge mer sektoriell héich ze sinn. Ech fäerte virun allem, datt déi sektoriell Opdeelungen - an ech schwätzen net vu grousse Secteure wéi deem vun de Banken oder der Sidérurgie, mä vun anere Secteuren, wou Mëttelbetriber sinn, an deenen déi eng oder déi aner Gewerkschaft vläicht ka staark dra vertruede sinn - awer eng Rei vu Problemer opwerfe kéinten.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Do ännert näischt un der Definitioun vun 2004. De Secteur muss wierklech e wichtege Secteur an der Ekonomie sinn. Also alles dat, wat Dir gesot hutt, dat hu mer zënter 2004 dran am Gesetz, mat engem Ënnerscheed, dass bei der nationaler Representativitéit mer gesot hunn, 20% insgesamt, an an all Beruffskummer op d'mannst 15%. Doduerch, dass mer elo eng Beruffskummer hunn, ass et 20%. All déi aner Definitiounen, wéi mer de Secteur kucken, hu mer zënter 2004 a mir si gutt domat gefuer.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hu jo just gesot, datt mer elo nei 20% drastoen hätten. An deem ale stoung 15%, elo steet 20% dran. An ech hu gesot, datt ech meng Problemer hu mat där sektorieller Opdeelung. Ech hunn net gesot, datt dat falsch oder richteg ass. Ech hunn einfach meng Bedenken, datt mer awer an enger Rei vu Secteuren herno an der Praxis Problemer kréien, wat d'Zougehéieregkeet vun deenen eenzelne Betriber zu deene respektive Secteuren ubelaangt.

Här President, ofschléissend nach zwou Bemierkungen, wat elo net direkt eppes mam Statut ze dinn huet. Mir hate soss den Employé privé, de Privatbeamten, a mir haten den Aarbechter, a mir kréien elo de Salarié. Ech wier iwwert dëst Gesetz eraus frou, wa mer hei Gesetzer maachen, wou mer nei Wierder mussen asetzen, wann et beim Stat géif eng Kéier e Gremium ginn, dee géif kucken, ob mer net kéinte méi lëtzebuergesch Wierder benotzen.

Ech huelen als Beispill den Enseignement. Do hu mer de Précoce agefouert, mir hunn d'Maisons relais agefouert, wou ech der Meenung sinn, datt et net schlecht gewiescht wier, wa mer och direkt versicht hätten, en neit Lëtzebuerger Wuert duerfir ze fannen. Elo setze mer hei den „Salarié" an,…

Une voix.- Deen, dee schafft.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …quitte, datt ee soe kann, datt deemools den „Beamten" wahrscheinlech och keen typescht Lëtzebuerger Wuert war.

Här President, dann nach e Wuert zur Fonction publique. Et ass haut hei ugeklongen, datt mer de Statut unique fir de Privatsecteur maachen. Mir sinn eis bewosst, datt et och an Zukunft net wäert ee Statut ginn, wou mer de privaten an den öffentleche Secteur kënnen integral dra verschmëlzen. Mir wäerten och an Zukunft, wa mer déi Spezifissitéit huele vum Fonctionnaire, wou mer soen, datt dee muss a voller Onofhängegkeet an Neutralitéit kënne Gesetzer applizéieren an duerfir och gewësse Garantien hunn, do net kënnen déiselwecht Bestëmmungen uwenden, wéi dat eben am Privatsecteur de Fall ass. Duerfir wäerte mer ni, vun eiser Säit aus, een Eenheetsstatut kréien, deen alles beinhalt.

Op där anerer Säit muss ee wëssen, datt mer an der Fonction publique awer schonn e ganze Koup vun Deeler hunn, déi harmoniséiert gi sinn. Ech denken do un d'Krankekeesen, wou mer déiselwecht Leeschtungen, Verflichtungen an och déiselwecht Cotisatiounen hunn. An deem Zesummenhang wier meng Fro un den Här Minister, firwat mer do keng Fusioun, zumindest um Niveau vun de Krankekeesen insgesamt kritt hunn, obschonn alles vun der Union des Caisses de maladie mat ausgehandelt ginn ass oder gett. Vläicht kann den Här Minister eis herno drop äntwerten, ob et Punkte gett, wou ee ka soen, doduerch, datt se net an der Fusioun sinn, ass dett oder dat nach anescht. Souvill wéi ech weess, gett et näischt, wat aneschters ass,…

Une voix.- Si hu just hir eegen Agencen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …duerfir hätt een hei zumindest kënnen, well do hätt ee kengem eppes ewechgeholl, au contraire, géif ech soen, hätten d'Fonctionnairen och queesch duerch d'Land kënne vun där Rei vu Guicheten, déi mer hunn, profitéieren. Dat wier méi einfach gewiescht.

Op där anerer Säit musse mer wëssen, datt mer awer zum Beispill an der Fleegeversécherung och d'Fonctionnairë mat dran hunn an datt mer no der Pensiounsreform vun 1999 och all déi nei Fonctionnairen, déi duerno an den Déngscht beim Stat oder bei de Gemengen agetratt sinn, quasi ënnert deeselwechten oder en identesche Regime wéi am Privatsecteur gesat hunn, esou datt och do, ouni datt een déi mat an dee Statut unique eranhëlt, awer eng Bewegung an de leschte Joren amgaange war, déi op wesentleche Punkten an der Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung och eng Harmoniséierung erbäigefouert huet.

Mir musse wëssen, datt mer mat deem Statut unique hei och zum Deel an d'Fonction publique eraginn, well alleguer déi Leit, déi bis elo am Aarbechterstatut bei de Gemengen oder beim Stat geschafft hunn, déi elo am private Statut waren, genausou wéi d'Privatbeamten, déi kommen och alleguer mat an dat Gesetz hei eran.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR huet an der Vergaangenheet all Projete matgestëmmt, déi eng Harmoniséierung an der Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung, eng Harmoniséierung um Niveau vun de Pensiounskeesen, de Krankekeesen an der Fleegeversécherung als Zil haten an déi ëmmer op der nationaler Solidaritéits- an op der Risikogemeinschaft opgebaut hunn.

Mir sinn alleguer déi Schrett matgaangen, an duerfir ass et och selbstverständlech, datt mer haut dee leschten an definitive Schratt matginn. Ech bréngen duerfir d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Merci, Här President. Virop och emol Félicitatiounen un d'Häre Rapporteuren, awer och besonnesch Félicitatiounen un de Sekretär vun der Kommissioun, dee mat senger exzellenter Aarbecht zu engem gréisstméigleche Versteesdemech vun dësem Projet an der Kommissioun mat bäigedroen huet.

Här President, Dir kënnt lech jo virstellen, dass engem als Gewerkschaftler, dee sech jorzéngtelaang fir d'Gläichstellung vun alle Salariéen agesat huet, eigentlech d'Häerz misst laachen, wann en dem Objektiv, deen hie sech gesat huet, e Stéck méi no kënnt, mä hei ass et leider esou: D'Iddië sinn net verantwortlech fir dat, wat d'Politiker aus hinne maachen.

Et war säit jeehier e Striewe vun de Gewerkschaften, dat ze realiséieren, vun deem mer haut hei en Deel - an ech betounen: en Deel - stëmme wäerten. Ech wëll dem Här Castegnaro och soen, dass den NGL säit 25 Joer vu senger Grënnung un ëmmer a senge Programmer den Objektiv vum Eenheetsstatut drastoen hat an och haut nach drastoen huet, an net zaghaft och ëmmer hanner allen Iddië stoung, déi domadder verbonne waren. Ech sinn och houfreg, laang Zäit dorunner matgewierkt ze hunn.

Haut, Här President, schwätze mer net méi vu Beamten an Aarbechter, haut schwätze mer nach just vu Salariéen. An do hoffen ech staark, dass dann elo opgrond vun dësem Gesetz endlech deen eeklege Begrëff „Ressources humaines", mat deem d'Salariéen zu enger Wuer degradéiert ginn, erëm aus dem Sproochgebrauch vun de Betriber verschwënnt an och ni méi an engem Gesetzestext wäert optauchen.

Den Objektiv vun de parlamentareschen Aarbechten, nodeem d'Tripartite eng Rei Virbedéngunge geschafen huet, war et, de Statut unique fir d'Salariat am Privatsecteur ze schafen.

Ech kann lech soen, „unique" ass e schonn - dëse Gesetzesprojet. Eleng schonn doduerch, dass et net fäerdeg bruecht gouf, endlech eng Sozialbasisofsécherung fir all Salarié ze schafen, d'Fonction publique mat abegraff.

Aus méi oder wéineger historeschen, awer besonnesch statutären Iwwerleeunge gouf den öffentleche Secteur vun dëser sougenannter Jorhonnertreform ausgeschloss, woumadder ee schlussendlech huet missen d'accord sinn, well ee soss riskéiert hätt, dass dat Ganzt am Sand verlaf wier.

Wou ech awer wëll bemierken, dass d'Fonction publique méi en uniquë Statut huet wéi deen, dee mir elo hei am Privatsecteur wëlle schafen. An am Privatsecteur ass dee Statut net esou unique, wéi en hätt misse sinn, well zum Beispill am Beräich Horeca an Transport nach ëmmer déi iwwer Spezialgesetz an EU-Direktive festgeschriwwen Derogatiounen am Aarbechtsrecht bestoe bleiwen. Also just an deene Beräicher, wou d'Salariëë scho benodeelegt sinn, bleiwen déi Derogatioune bestoen, an hei hätt wierklech e Jorhonnertakzent kënne gesat ginn, andeem d'Aarbechtsrecht endlech fir all Salariéen zumindest am Privatsecteur integral generaliséiert gi wier.

Den Eenheetsstatut ass och a senge Finalitéiten net onbedéngt unique, haaptsächlech och wéinst deene Rateschwänz, déi vir- an hannendrun hänken. Et goung schonn u mat deem Mediëspektakel, deen opgefouert gouf, nodeem d'Sozialpartner sech anscheinend eens waren, a wéi schonn esou oft souze se zwar zesummen, hunn alles ausdiskutéiert, fir dann hannendru publik ze maachen, dass een deen aneren erëm falsch verstanen hätt.

An d'Memberen aus där zoustänneger Kommissioun hu sech dann all Kéiers verbal missen erkläre loossen, wat dann elo wierklech an der Tripartite lass war, ouni awer déi absolut Gewëssheet ze hunn, dass dat, wat se erzielt kritt hunn, och esou war.

Hei wëll ech nach eng Kéier op meng laangjähreg Fuerderung zréckkommen, déi ech schonn e puermol hei gestallt hunn, dass den Deputéierten onbedéngt misst e Verbatim zougestallt ginn, wat dann an der Tripartite wierklech proposéiert an diskutéiert ginn ass, well schlussendlech et net eng Tripartite ass, déi iwwert d'Projeten décidéiert, esou wéi dat dobausse fälschlecherweis ugeholl gëtt, wann ëmmer vun Tripartite-Gesetzer geschwat gëtt, mä et ass nach ëmmer d'Chamber hei an d'Deputéierten, déi schlussendlech d'Décisiounen ze treffen hunn an och missten iwwer all Diskussioune vun de Gesetzer a Kenntnis gesat ginn.

Här President, unique ass dee Statut och, well e schonn am Virfeld zu engem Gesetz gefouert huet iwwert d'Fiskalitéit a puncto Iwwerstonnen, eng Initiativ - wéi ech soen - à la Sarkozy: méi schaffen, méi verdéngen. Eleng schonn d'Kopéiere vun enger Iddi vum Sarkozy misst bei de Gewerkschaftler d'Schudderen ausléisen. Mä anscheinend hu Verschiddener vun do un, wou se an der Politik täteg sinn, méi en décke liberale Pelz kritt.

Bei de geleeschten Iwwerstonne brauchen net nëmme keng Steiere méi bezuelt ze ginn, mä och keng Sozialversécherung, an dat kënnt haaptsächlech den Employeuren entgéint. Et wäert awer net nëmmen en Impakt kréien op den Aarbechtsmaart an d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen - well dat wäert och nach e Rateschwanz sinn, deen dann drunhänkt; wann d'Iwwerstonnen ufänken zur Regel ze ginn, da gi manner Aarbechtsplaze geschafen an dat geet op d'Käschte vun eisem Aarbechtsmaart -, mä och deene betraffene Leit hir Krankenofsécherung an hir spéider Pensiounsofsécherung sinn net méi esou, wéi se virdru waren. Well op eppes, wou nämlech keng Sozialbäiträg bezuelt ginn, gëtt et och keng Sozialleeschtungen. Dat war nach ëmmer esou an dat wäert och esou bleiwen.

Dat ass en negatiivt Bäiwierk vum Eenheetsstatut, dat sozial einfach net akzeptabel ass. An et mécht de Gruef tëschent den Zehnkämpfer, déi kënnen Iwwerstonne schaffen, an deenen, déi kierperlech oder gesondheetlech méi schwaach sinn, ëmmer méi grouss.

Eng weider Begleiterscheinung vun deem Eenheetsstatut ass déi aarmséileg Diskussioun iwwert den Absentéismus. E Phenomeen, dee vu Patronatssäit systematesch mediatiséiert ginn ass, mat der permanenter Erpressung, den Tripartite-Accord géif iwwert den Eenheetsstatut a Fro gestallt ginn, wann de Bedéngunge vum Patronat a puncto Absentéismus net géif Rechnung gedroe ginn.

Mä wat sinn déi Bedéngungen? Si se dann elo all erfëllt ginn, fir dass d'Patronat jo domat d'accord ass, well den Eenheetsstatut och elo vun der Patronatssäit guttgeheescht ginn ass?

An enger Kommissioun um héchsten Niveau sollen d'Modalitéiten doriwwer ausgeschafft ginn. Aus menger laangjähreger Erfahrung als Gewerkschaftler weess ech, dass, wat méi um héchsten Niveau ausgemauschelt gëtt, wat et um ënneschten Niveau der ëmmer méi an d'Zänn ginn.

Och wann eng Rei Modalitéiten am Gesetz iwwert den Eenheetsstatut festgeschriwwe sinn an och elo an enger Motioun hei sollen duerchgebaatscht ginn, esou hätt ech léiwer gehat, dass sämtlech Ausféierungsbestëmmunge mat deem Gesetz kloer hei presentéiert gi wieren. Mä dat ass leider net de Fall.

Här President, ech kommen och net derlaanscht, nach eng negativ Begleiterscheinung vun dësem Gesetz ervirzesträichen. Dat sinn déi Artikelen iwwert d'Familljenzoulagen, déi menger Usiicht no näischt an dësem Gesetz verluer hunn.

An dësem Gesetz sinn awer d'Familljenzoulage mat agedroen als net indexéierte Chiffre absolu, wat heescht, dass d'Familljenzoulagen opgrond vun dësem Gesetz definitiv desindexéiert ginn.

Besonnesch erstaunt sinn ech iwwer eng LSAP, déi jo am Virfeld vun den nächste Chamberswahlen onbedéngt wëllt d'Aarmut bekämpfen, eng Aarmut, déi se awer mat der Desindexéierung vun de Familljenzoulage matgeschafen huet. De Kader vun dësem Gesetz hätt d'LSAP awer kënnen notzen, fir d'Indexéierung vun de Familljenzoulage jo erëm anzefëieren. Mä, wa se elo dat Gesetz hei stëmmen, da stëmme se definitiv den Doud mat vun der Indexéierung vun de Familljenzoulagen.

Här President, et gëtt nach eng Rei negativ Nieweneffekter bei dësem Gesetz, déi de positive Gedanke vun där Eenheet hypothéquéieren. Ech si mam Prinzip vum Eenheetsstatut absolut d'accord, kann awer wéinst deene sëllechen Nieweneffekter, mat deene mer wäerte vill Schwieregkeete kréien, dëst Gesetz net stëmmen a wäert mech enthalen.

Ech hunn de Rapport an der Kommissioun gestëmmt aus Respekt virun deenen Aarbechten, déi do geleescht gi sinn, an och aus Respekt vis-à-vis vun deene Leit, déi e geschriwwen hunn, mä ech hunn awer hei zu deem Gesetz ze vill inhaltlech Bedenken, déi ech och an der Kommissioun scho virbruecht hunn, a wëll déi haut mat menger Enthalung ënnermaueren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Thiel.

M. Lucien Thiel *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, well et schonn e bësse spéit ass, erspueren ech mer elo laang Remerciementer fir all déi, déi sech hei an d'Geschier geluecht an eng gutt Aarbecht gemaach hunn. Also, si solle sech global gelueft fillen.

(Hilarité)

Ech wëll och net meng Zäit mat Ofrechnunge mat Gott a mat der Welt verplemperen. Dat ass jo de Mëtteg scho laang a lautstaark genuch hei geschitt. An och wann et net onbedéngt an déi Schwaarz-Wäiss-Molerei am Virfeld vum 1. Mee passt, soen ech kloer an däitlech, datt ech dëse Projet als ee vun den Héichpunkte vun dëser Legislatur ugesinn, an dat net nëmme säit haut de Moien.

Här President, och wann et eigentlech op der Hand louch, datt d'Opspléckung vun de Salariéen an zwou, souguer dräi Kategorië längst iwwerholl ass an och net méi dee geréngste Sënn huet, hu mer eis dach laang schwéiergedoen, domat opzeraumen an déi zwee Regimer, Aarbechter an Employéen, ënner een Hutt ze bréngen. Well dat, wat op den éischte Bléck total logesch an evident schéngt, war an ass nach ëmmer net esou einfach an d'Praxis ëmzesetzen.

Et huet net fir näischt genee zwee Joer an een Dag gedauert, bis datt déi Décisioun vun der Tripartite vum 28. Abrëll 2006 iwwert d'Aféierung vun engem Eenheetsstatut fir d'Salariëë vum Privatsecteur zeideg genuch war, fir an e Gesetz iwwersat ze ginn. Haut ass et esou wäit. Wéi schwéier esou eng Reform duerchzezéien ass, weist net nëmmen den Opwand un Zäit an un Energie, dee fir dëst Gesetz dropgaangen ass.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Och de Fait, datt et sech genee geholl nëmmen ëm eng Deelreform handelt, deit op d'Komplexitéit vun deem Ganzen hin. Well ëmmerhi sinn déi 8% och Salariéen, an engem gewësse Sënn, déi fir de Stat an d'Gemenge schaffen, net bei dëser Reform derbäi.

D'Fonction publique gouf ausgeklammert an hir Abezéiung an en Eenheetsstatut bleift, wéi de Statsrot mat engem Ënnertoun vu Bedaueren a sengem Avis notéiert, einstweilen Utopie.

Déi schwiereg a komplizéiert Ëmsetzung vun enger u sech einfacher an aliichtender Iddi huet natierlech an éischter Linn mat deenen ënnerschiddleche Bestëmmungen ze dinn, deenen déi zwee Regimer ënnerworf waren, huet och vläicht domat ze dinn, datt gläich zwee Ministeren implizéiert sinn. Mä et huet ganz bestëmmt domat ze dinn, datt d'Fusioun vum Aarbechter- a Beamtestatut och um finanzielle Plang net ganz ouni Konsequenzen ass.

Well dat scho während den Diskussiounen an der Tripartite zum Virschäi koum an de Projet souguer doduerch riskéiert huet, ze kippen, ass vu vireran de Prinzip festgehale ginn, datt déi ganz Operatioun ouni finanziell Auswierkungen op d'Wirtschaft bleiwe misst. Nëmmen ënnert där Viraussetzung war d'Patronat bereet, iwwerhaapt mat an deen Deal anzeklammen, well d'Patronë vläicht net ganz zu Onrecht gefaart hunn, si missten am Endeffekt d'Rechnung bezuelen.

Déi Obligation de résultat steet elo am Raum, allerdéngs net um Pabeier vun dësem Gesetz. Si gëtt awer am Commentaire des articles ernimmt an ass domat méi oder wéineger festgeneelt.

Och esou ass deen Text vun dësem Gesetz laang a komplizéiert genuch a fëllt ëmmerhin 83 Säiten, wat op seng Villschichtegkeet a seng Komplexitéit schléisse léisst. Mä well scho sëllech Kolleeginnen a Kolleege sech hei doriwwer ausgelooss hunn oder nach wäerten doriwwer ausloossen, kann a wëll ech mech op deen een Aspekt, nämlech dee vun der finanzieller Neutralitéit, konzentréieren a kucken, wéi et dann elo mam Anhale vun deem sakrosankte Prinzip ass.

Ëm wat geet et bei där Nullsummerechnung? Doduerch, datt engersäits d'Krankekeesecotisatioune bei den Aarbechter op den Niveau vun den Employéen erofgesat ginn an op där anerer Säit d'Krankegeld bei den Aarbechter an Zukunft entfält an duerch Lounfortzahlung duerch de Patron ersat gëtt, ergi sech noutgedronge finanziell Verschiebungen duerch dës Fusioun.

Wann een elo, wéi dat déi zoustänneg Regierungsservicer ausgerechent hunn, dovun ausgeet, datt d'Ugläichung vum Aarbechter un den Employésregime e Käschteplus vu 56 Milliounen Euro am Joer mat sech bréngt, a wann een op där anerer Säit mat berücksichtegt, datt déi staatlech Kontributioun zur Patronsmutualitéit an der Héicht vun 0,3% vun der bäitragsflichteger Lounmass ronn 30 Millioune wäert bréngen, da bleift ëmmerhin nach e Lach vu 26 Milliounen.

An dat, esou heescht et, soll duerch eng entspriechend Reduktioun vun dem Absentéismus gestoppt ginn. Wuel gemierkt „soll", well kee Mënsch kann engem soen, ob dat Objektiv kann erreecht ginn oder net. Dat ass de Schwaachpunkt vun där Nullsummerechnung, wéinst deem sech dann och d'Patronë Gedanke maachen, well si fäerten, si missten herno an d'Keess, wann d'Bekämpfung vum Krankfeieren net dat erhoffte Resultat bréngt.

Et ass schéin a gutt, datt am Gesetz eng Kuerbel voll Moossname virgesi sinn, fir méi effikass géint d'Blomaache virzegoen. Mä dee Problem léisst sech net esou einfach an de Grëff kréien. Do mussen d'Dokteren, déi krankschreiwen, genausou matspillen, wéi de Contrôle médical an de Contrôle administratif vun der Sécurité sociale, fir datt d'Blomécher net ongeschuer bleiwen. An dat ass alles aneschters wéi eng einfach Saach an engem Land, an deem ronn 40% vun de Salariëë Grenzgänger sinn. A schliesslech mussen och d'Patronë matspillen, well op d'mannst déi sinn hei gefuerdert, déi den alen Aarbechterregime mat sengem Krankegeld vum éischten Dag un a bestëmmte Situatiounen nach ewell net ongär haten.

Dat Ganzt ass ëmsou méi schwéier an de Grëff ze kréien, well ee jo wuel muss kënnen dovun ausgoen, datt d'Krankfeieren net d'Regel, mä d'Ausnahm ass. Et ass schlëmm genuch, wann e Mënsch krank gëtt an net ka schaffe goen. Duerfir sollt een net gläich jiddfereen, deen net op d'Schaff kënnt, als Blomécher verdäiwelen.

Wann een awer mat de Patronë schwätzt, da kënnt ee séier zur Konklusioun, datt et vläicht dach awer méi Blomécher gëtt wéi allgemeng ugeholl an datt mir et hei mat engem reelle Problem ze dinn hunn, dee souguer bis an d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft eraspille kann. An ëm déi Kompetitivitéit goung et jo och bekanntlech an éischter Linn an där Tripartite, an där d'Fusioun vun deenen zwee Regimer décidéiert ginn ass.

Et kënnt also elo virun allem dorop un, datt mer deen abusiven - esou heescht et jo - Absentéismus Meeschter ginn.

Natierlech kënnt ee soen: Wat si schonn déi 26 Milliounen, ëm déi et hei geet, am Verglach zu engem Bruttosozialprodukt vun 28 Milliarden? Dat ass eng Relatioun vun 1:1.000. Mä éischtens geet et ëm de Prinzip vun der Käschtenneutralitéit, déi nun eemol feierlech arrêtéiert ginn ass, an zweetens hu mer et hei mat engem Iwwel ze dinn, dat leider schonn déif an d'Mentalitéit vun eiser sozial esou gutt versuergter Gesellschaft eragewuess ass, well d'Krankfeiere jo nach laang net ëmmer materiell oder aner Sanktiounen no sech zitt.

Dat huet och deenen ageliicht, déi dat heite Gesetz gezammert hunn, well si net ausschléissen, datt zu deene geplangte Moossname géint den Absentéismus nach weiderer, méi schaarfer kéinten derbäikommen, wann et sech sollt erausstellen, datt dat, wat am Gesetz virgesinn ass, net duergeet, fir déi ugestriefte Reduktioun vum Absentéismus ze erreechen.

Elo huet awer d'Regierung nieft dem Prinzip vun der Käschtenneutralitéit nach eng aner Konstant an d'Rechnung bruecht, andeem si d'Participatioun vum Stat an der Patronsmutualitéit fir de Risikoausgläich bei der Lounfortzahlung op 0,3% fixéiert huet, egal ob déi ugepeilten Erspuernis vu 26 Milliounen, vun deenen ech elo grad geschwat hunn, iwwer eng Reduktioun vum Absentéismus erreecht gëtt oder net.

Dat heescht, datt ees wéi ees de But muss erreecht ginn, well jo soss d'Versprieche vun der Käschtenneutralitéit net agehale gëtt. An anere Wierder: Den abusiven Absentéismus, iwwert deem säin Ausmooss een am Ablack nëmme spekuléiere kann - keen huet räsonnabel Chifferen -, muss erof, coûte que coûte.

Duerfir schéngt et mir wichteg, datt net eréischt no dräi Joer e Bilan vun der Bekämpfung vum Absentéismus mat deenen am Gesetz virgesinnene Moossname gezu gëtt, mä datt dee Gremium, deen am Artikel 14 duerfir virgesinn ass an esou eng Aart Observatoire de l'absentéisme gi soll, der Blomécherei esou séier wéi méiglech op de Pelz réckelt, wéi dat jo och an der Motioun vun deenen zwee Rapporteure verlaangt gëtt. Well hei geet et net nëmmen ëm déi berühmt Käschtenneutralitéit vun dëser Jorhonnertfusioun. Hei geet et och ëm dee Millioneschued, deen eiser Ekonomie all Joer duerch d'Blomaachen entsteet an dee sech noutgedrongen och an eisem Akommes, an eisem nationalen Akommes néierschléit.

Et wier en Dauerschued, wann esou eng epochal Reform wéi d'Ofschafe vun deem antiquéierten Zweeklassesalariat dorënner géif leiden, datt d'Gesetz net wéi versprach den Absentéismus an de Grëff kréich. Duerfir muss deen Expertëgremium de haut

niveau, deen elo am Sënn vum politeschen Zäitgeescht Observatoire de l'absentéisme genannt gëtt, direkt op d'Schinne gesat ginn, fir datt et net an dräi Joer heescht, et kéint nach kee Bilan gezu ginn, well een déi néideg Donnéeën nach net beieneen hätt.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Thiel Merci. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll mech och deene Wierder vu Merci an Dank un déi zwee Corapporteuren uschléissen, déi et mat Sécherheet fäerdeg bruecht hunn, virun allem fir déi, déi net Experten an där Matière sinn, dach op eng ganz verständlech Aart a Weis de Projet de loi hei ze explizéieren, deen dann an der einfacher Form Statut unique heescht.

Statut unique, eng Iddi, déi net am Koalitiounsaccord stoung, eng Iddi, wéi mer awer haut hei och op dëser Tribün héieren hunn, déi en alen Dram schéngt gewiescht ze si vun deem engen oder aneren am Land, deen dann elo no laange Joren, Jorzéngten an Erfëllung geet. Eng Iddi, déi finalement zréckbehale ginn ass an enger Tripartite, déi aberuff gi war, fir ze kucken, wéi eis Betriber kënne méi kompetitiv ginn, déi awer och aberuff gi war, fir ze kucken, wéi déi déséquilibréiert Situatioun vun de Statsfinanze vun 2006 kéint redresséiert ginn.

Do kann ee sech froen an zu Recht froen: Jo, wat huet dann elo domadder direkt de Statut unique ze dinn? Et schéngt jo och esou gewiescht ze sinn, wéi wann an den Diskussiounen an der Tripartite déi eng Säit eppes ginn huet an och déi aner Säit eppes ginn huet, an dat, wat d'Patronat deemools zougesot hat, dat war dann de Statut unique, an dat, wat d'Salariatssäit zougesot hat, dat war d'Modulatioun oder d'Manipulatioun vum Index.

Finalement stellt ee fest, datt eppes dobäi erauskënnt, wat net ganz kohärent ass, a wou ee sech da wierklech nach muss froen: Jo, wat huet dat da mat där Zilsetzung ze dinn, déi sech gesat ginn ass, ier een an déi Tripartite do eragaangen ass?

De Statut unique kann an eisen Aen awer eng sympathesch Iddi sinn, wéi de Krieps Lex et formuléiert huet. Et kann eng sympathesch Iddi sinn.

Firwat? Well een eng Rei vun Ziler ka verfollegen, wéi zum Beispill och doduerch, datt den Absentéismus aneschters kann ugaange ginn. Virun allem den abusiven Absentéismus ka bekämpft ginn. D'Betriber kënne méi kompetitiv ginn, wa mer als Zil definéieren, fir en zäitgeméisse Statut, deen eben der moderner Aarbechtswelt Rechnung dréit, kënnen ze schafen, a wa mer et doduerjer och kënne fäerdeg brénge, eise Sozialsystem fir d'Zukunft ofzesécheren.

Elo schwätzt mat Sécherheet munches och fir e Statut unique. Ënner anerem - an et ass hei gesot ginn - ass eng vun den Haaptmotivatiounen, datt d'Aarbechtswelt geännert huet, datt d'Aarbechtswelt an deem Sënn geännert huet, datt deen, deen haut vläicht nach um Pabeier en Aarbechter ass, eng aner Aarbecht mécht wéi den Aarbechter, dee mer aus der Zäit hier kennen, datt och do, an der Aarbechterwelt, d'Technik an d'Informatik Anzuch gehalen hunn, datt et och do haut ëm Ausbildung an ëm Weiderbildung geet a ganz aner Kompetenze gefuerdert sinn a ganz aner Aarbechtsofleef haut ofgezu ginn.

Näischtdestotrotz muss een awer feststellen, datt et nach ëmmer verschidde Risikokategorië vun Aarbechte gëtt an do net jiddfereen d'office an een Dëppe ka gehäit ginn, wat da vläicht och géif d'Fro mat sech brénge: Ass et wierklech gutt, datt mer hei just ee Statut hunn, fir finalement awer eng Rei vu verschidde Risiken ofzedecken iwwer eis Sozialversécherungen?

Gutt ass och am Prinzip, wa Mënschen am Land zesummegefouert ginn. Woubäi ech awer do wëll soen, datt fir mech - an ech mengen, do gëtt mer jiddferee Recht heibannen - net de Bäitrag, deen een zur Krankeversécherung bezuelt huet, ausschlaggebend duerfir ass, wéi vill Respekt ech engem Matmënsch entgéintbrénge, mä datt et ganz aner Kritäre solle sinn, déi eist Zesummeliewen a géigesäitegem Respekt sollte regelen.

Wann ech soen, Mënschen zesummeféieren, da musse mer hei feststellen, datt dëse Projet se net alleguerten zesummeféiert. Et war kloer, dès le départ, datt d'Fonction publique net betraff ass vun dësem Statut unique, woubäi ee sech och do hätt misse bewosst sinn, datt deen, deen dat wëllt, effektiv ganz aneschters hätt missen dorunner erugoen, an dann hätt et net zwee Joer Négociatioun bedürft, mä mat Sécherheet wäit doriwwer eraus, an et hätt ee vläicht eppes zesummegeluecht, wat och guer net an där doter Form zesummegehéiert.

Mä och de Statut unique am Privatsecteur ass net esou unique, wéi en et da gleewen deet. Mir wëssen, datt d'Hauspersonal eng Ausnahm hei duerstellt; mir wëssen, datt d'ganz Gastronomie eng Ausnahm duerstellt; mir wëssen, datt den Transportsecteur eng Ausnahm duerstellt.

Positiv ze bewäerten ass eng gewësse Simplification administrative, déi doduerjer kann entstoen, datt d'Chambres professionnelles beieneegeluecht ginn, datt dann och déi Keess, déi den Här Di Bartolomeo esou gäre Gesondheetskeess nennt, entsteet duerch d'Fusioun vun deenen anere Krankekeesen, woubäi mer eis awer do och keng Illusioune sollte maachen: Och wa mer elo en anert Schëld op d'Dier hänken an dat Gesondheetskeess nennen, dann hu mer kee vun deene fundamentale Problemer, wat d'Ofsécherung vun der Krankheet hei am Land ubelaangt, geléist.

Et war gesot, de Statut unique, wann en da soll kommen, da soll en neutral sinn. Do ass un eng finanziell Neutralitéit geduecht gi fir eis Ekonomie, woubäi driwwer diskutéiert ginn ass herno, wéi de Saz dann, deen an der Tripartite formuléiert ginn ass, wierklech geduecht war: War et generell fir d'Ekonomie am grousse Ganzen? War et eng Neutralitéit pro Secteur?

Op jidde Fall muss ee feststellen, datt de Statut unique net neutral fir jiddfereen ass hei am Land, well hie kann eng Rei vun negative Répercussiounen hunn. Hien huet eng Rei vun negative Répercussiounen. E kann esou eng Répercussioun hunn zum Beispill fir eeler Mataarbechter, Mataarbechter, déi méi schwaach sinn, déi méi oft krank sinn, déi duerch de Prinzip vun der Lounfortzahlung, wéi se dann elo fir nei Salariëë gëllt an aneschters applizéiert gëtt, wéi se virdru fir de concernéierten Aarbechter gegollt huet, méi schlecht ewechkomme kéinten.

Et ka sinn, datt de Krankheetsfall zu engem reelle Käschtefacteur fir de Patron gëtt an datt de Patron wäert probéieren, sech vun deem engen oder anere Mataarbechter ze trennen, wat virdru vläicht net esou schnell de Fall war, wann een e Mataarbechter hat, deen 30, 35 Joer am Betrib war, dee gutt Déngschter geleescht huet an deen eben och am Krankheetsfall net direkt e Käschtefacteur duergestallt huet. Et ka ganz gutt sinn, datt do d'Solidaritéit fréier éischter gespillt huet, wéi an enger Situatioun, wou de Patron an enger grousser Kompetitivitéit ass par rapport zu anere Betriber, an dann am Fall, wou en eeler Mataarbechter bei sech huet, déi méi oft krank sinn, riskéiert, éischter ze probéieren, déi aus dem Betrib erauszedrécken. Dat heescht, fir esou e concernéierte Mataarbechter ass de Statut unique mat Sécherheet net neutral.

Neutral ass de Statut unique och net fir d'Privatbeamten, well hir Cotisatioun an d'Luucht geet duerch d'Aféierung vun dësem Statut unique. Dat heescht, si wäerten herno netto manner erauskréien, an zwar insgesamt am Volumen awer ëmmerhi siwe Milliounen Euro. Also, hei kann een och net vun Neutralitéit fir e grousse Block vu Beschäftegten hei am Land schwätzen.

Neutral ass de Statut unique dann och net fir de Steierzueler, well ech huelen emol un, datt am Ufank net d'Iddi gebuer war, datt finalement de Steierzueler et soll sinn, dat heescht de Statsbudget, deen nach eng Kéier eppes dropgëtt, fir datt déi eenzel aner Acteuren da kënnen en Accord fannen. Mä haut wësse mer, datt de Stat mat ronn 30 Milliounen Euro pro Joer wäert belaascht ginn, a mir wësse jo och, datt jee nodeem wéi den Absentéismus weider wäert evoluéieren, dat riskéiert herno nach méi ze ginn, datt dee Chiffer do iwwert déi 30 Milliounen Euro pro Joer kann erausklammen. Also finanziell Neutralitéit besteet net fir de Steierzueler.

An dann déi Diskussioun, ëm déi et jo eigentlech och gaangen ass, déi hätt kënnen en Effet vu Kompetitivitéit mat sech brénge fir eis Betriber, wann deen Absentéismus, dee kann évitéiert ginn, deen net noutwendeg ass, dee wierklech abusiv ass, méi konsequent bekämpft gi wär. D'Acteure ware sech jo eigentlech am Ufank och eeneg, datt et deen doten abusiven Absentéismus gëtt an enger Rei vu Betriber an datt e soll bekämpft ginn, mä finalement awer net déi Mesuren hei proposéiert gi mam Statut unique, fir e kënnen ze bekämpfen. Dat obscho jo eigentlech d'Patronat während deene Verhandlungen och d'accord war, well se dat eent an dat anert an Aussiicht gestallt kritt hunn, well se souguer vum Jean-Claude Juncker selwer anscheinend ganz attraktiv Propositioune gemaach kritt hunn, déi finalement sech awer net wäerte realiséieren, well se an dësem Projet de loi net erëmzefanne sinn.

Duerfir si mer der Meenung, datt och elo eng Motioun zu deem dote Sujet hei anzereechen, fir d'Gemidder ze berouegen, net duergeet, an duerfir hu mer déi Motioun och net mat ënnerschriwwen.

Ech wëll nach eng Kéier betounen: Déi Rechnung, déi hei gemaach gëtt, kann nëmmen opgoen, wann deen dote Facteur stëmmt. Dat heescht, wann den abusiven Absentéismus wierklech ka reduzéiert ginn, wann en existéiert. Wa mer d'Moyenë kréien, wann d'Betriber d'Moyenë kréien, do ze intervenéieren, da schéngt et mer a jiddferengem sengem Intérêt ze sinn. Mä wann déi Moyenen net gi sinn, dann ass de Statut unique eng Rechnung, déi weder fir déi concernéiert Betriber, fir déi concernéiert Wirtschaftszweiger an och finalement net fir de Stat wäert opgoen, well da wäert och de Bäitrag vum Stat an den nächste Joren an d'Luucht goen.

Et gëtt hei vu Jorhonnertreform geschwat. Eng Jorhonnertreform, där mir net wäerten zoustëmmen, wou mer eis enthalen. Eng Jorhonnertreform, där mir hätte kënnen zoustëmmen, wann eng Rei vun anere Konditiounen erfëllt gewiescht wären, Konditiounen, déi mer dès le départ während deene Verhandlungen och ëmmer erëm genannt hunn, déi mer awer hei net dran erëmfannen.

(Interruption)

Ech hu se haut nach emol opgezielt, Här Clement, déi leie ganz kloer vir. Mir hu gesot: Neutralitéit dann och fir deen, dee riskéiert herno aus dem Betrib erausgedréckt ze ginn; Neutralitéit och fir déi, déi haut am Statut vum Privatbeamte sinn; Neutralitéit och fir de Steierzueler. Dat schénge mer kloer an novollzéibar Konditiounen ze sinn, déi mer an dësem Projet de loi hei net erëmfannen. Duerfir wäerte mer eis beim Vote enthalen.

Eng Jorhonnertreform ass et an eisen Aen och net. Eng Jorhonnertreform hätt et kënne sinn, wann et wierklech zur Kompetitivitéit vun eise Betriber bäigedroen hätt. Eng Jorhonnertreform hätt et kënne sinn, wann ee gesinn hätt, wéi esou en neie Statut wierklech dem Besoin vum Aarbechtsmaart éischter hätt kënne Rechnung droen, fir datt och Aarbecht ka geschafe ginn duerch dee Statut unique, datt Aarbecht kann ofgeséchert ginn duerch de Statut unique.

Eng Jorhonnertreform hätt et kënne sinn, wann d'Sozialsystemer fir d'Zukunft ofgeséchert gi wären. Ech wëll hei nach eng Kéier dat opgräifen, wat och de Mëtteg hei gesot ginn ass, datt duerch dat, wat manner cotiséiert gëtt iwwert d'Iwwerstonne fir d'Pensiounskeesen, herno éischter eng Précaritéit riskéiert ze entstoen.

Do ass et alt esou, datt et haut vläicht fir dee finanziell neutral ass, mä et muss ee wëssen, datt herno am Alter een dat awer manner erauskritt, also eppes muss dropleeën.

An et hätt kënnen eng Jorhonnertreform sinn, wann et an der konkreter Liewensqualitéit, an der konkreter Aarbechtsqualitéit vun deem eenzelne Salarié eppes bruecht hätt. Mä och dat gesi mer net an dësem Statut unique. Duerfir menge mer net, datt et eng Jorhonnertreform ass, a wann d'Regierung, a wann d'Majoritéitsparteien hei vu Jorhonnertreform schwätzen, eng Reform, déi also unique an dësem Jorhonnert soll sinn, da wësse mer, datt si fir déi nächst 92 Joer net méi vill wëlles hunn.

(Brouhaha général)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wou de Comité des coordinations tripartite den 28. Abrëll 2006 zu dëser Konklusioun koum, déi seet: «Le Gouvernement et les partenaires sociaux sont tombés d'accord pour faire converger le statut des ouvriers et des employés privés en vue de réaliser un statut unique de tous les salariés du secteur privé», do hu sech vill Leit am Land dobaussen d'Fro gestallt, ausser vläicht déi, déi bei dëser Entscheedung derbäi waren: Wat soll dat, a firwat soll dat sinn?

Et gëtt awer heizou e puer Argumenter, an ech wëll der just zwee uféieren. Et ass an där heiteger Zäit sécherlech net méi normal a wahrscheinlech och schwéierlech ze erklären, firwat en Employé, dee brutto 100 verdéngt, netto méi erauskritt, wéi den Aarbechter zu dëser Zäit, deen datselwecht brutto verdéngt, awer netto manner erauskritt. Et gëtt eng Erklärung dofir: well nämlech den Employé manner cotiséiert. Mä dat ass awer net eng Erklärung, déi onbedéngt ze vertrieden ass.

Beim System Caisse de maladie, wéi mer en haut kennen, huet kee vun den Acteuren eng direkt finanziell Responsabilitéit. Ausser datt d'Cotisatioune bezuelt ginn, déi och a schéiner Regelméissegkeet ëmmer méi héich klammen, fillt weder de Patron nach den Aarbechter nach den Dokter sech esou richteg verantwortlech fir dat rapid Uwuesse vun den Ausgabe vun der Krankekeess.

Dëst Uwuesse vun den Dépensë bréngt sengersäits erëm eng Augmentatioun vun de Cotisatioune mat sech, an déi trëfft dann awer erëm jiddfereen. Mat der Aféierung vum Statut unique gëtt elo probéiert, dëse Malaise ënnert der Mathëllef vun de Betriber an de Grëff ze kréien.

Nieft der Tatsaach, datt mir et an Zukunft nëmme méi mat enger Krankekeess ze dinn hunn, nämlech där neier Gesondheetskeess, wat een och als eng Reduzéierung vun de Charges administratives ugesi kann, ginn awer och d'Responsabilitéiten hei nei verdeelt.

Näischt, Här President, näischt wäert méi sinn, wéi et fréier war. Weder fir den Aarbechter, dee sech bis elo an engem praktesch honnertprozenteg sécuriséierten Ëmfeld, wat de Krankeschäin ugeet, erëmfonnt huet, nach fir de Betrib, dee finanziell net belaascht gouf, wann ee vu sengen Aarbechter krank oder am Krankeschäi war. Och déi Dokteren, déi dofir bekannt sinn, liichtfankeg Krankeschäiner auszestellen, wäerte sech an deem neie System Gedanke misse maachen.

Vill ass nom 28. Abrëll 2006 virun elo genee zwee Joer iwwert d'Aféierung vum Statut unique geschwat ginn. Éischt Reaktiounen aus der Patronatswelt no der Ukënnegung hu sech esou ugehéiert: „Si mir och elo nach do, fir d'Krankekeess ze sanéieren?" - oder - „Dat do ass de Ruin vun deene klenge Mëttelstandsbetriber!".

Kee Mënsch wosst am Detail, wéi dës Reform ze bewerkstellege wier, an zu dësem Zäitpunkt war och nach keng kloer Linn ze erkennen. Et war bis dohinner och nach praktesch keng anstänneg Informatioun duerchkomm, a vun dohier waren esou Reaktioune sécherlech méi wéi verständlech. Virun allem déi kleng Mëttelstandsbetriber hu sech Froe gestallt a kruten zu deem Zäitpunkt keng valabel Äntwert oder keng valabel Informatioun.

Vu Gewerkschaftssäit war ze héieren, nodeems d'Patronen oder besser gesot d'Betriber dobausse sech op eng méi oder manner däitlech Aart a Weis negativ manifestéiert hunn, datt, wann de Statut unique net zustane kéim, de ganzen Accord Tripartite vun hinnen a Fro gestallt géif ginn. Méi spéit an der Zäit war dunn ze liesen, souwuel vum LCGB wéi och vum OGB-L: „Es ist zwar ein Ja, aber ein Ja ohne Begeisterung." - Wat ëmmer dat och zu deem Zäitpunkt heesche sollt.

Jee, all concernéierte Secteur huet sech esou seng Gedanke gemaach, a selbstverständlech huet all Secteur versicht, sech méi oder manner gutt oder esou gutt wéi méiglech bei senge Leit ze positionéieren.

Mä, Här President, och déi politesch Parteien hu sech an dësem Dossier méi oder manner staark zu Wuert gemellt. Esou titelt zum Beispill den „Journal", an ech hu mer dat alles erausgesicht: „Die DP reagiert auf Aussagen zum Einheitsstatut. Jahrhundertreform im Blindflug."

Une voix.- Oh!

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Ech hu keng Reaktioun gesi vun der DP. Ech hunn et zweemol gelies. Ausser Kritik un der Regierung war keng Reaktioun do, wéi d'DP sech an deem Fall ugeluecht hätt.

Dem Här Meisch wëll ech soen, an net nëmmen him, och nach aneren DP-Vertrieder: «En matière de droit du travail, les

efforts tendant à un statut unique de droit privé seront poursuivis et intensifiés.» Dat steet am Accord de coalition. Also ass et falsch, wat Dir elo grad hei behaapt hutt, et stéing näischt dovun am Accord de coalition.

(Interruption)

Et steet dran, Här Wagner, an et steet souguer op Säit 85 uewen am éischten Artikel. Ech kann lech e brengen, ech kann en och hei beim President ofginn. Wann Dir e wëllt liesen, da kritt Dir dat gelies, wat ech elo grad hei virgelies hunn.

Am CSV-Wahlprogramm, wëll ech soen, do fannt Dir um 1.1.2.: „Die CSV wird sich auch weiterhin schrittweise zu einem einheitlichen Arbeitnehmerstatut privatrechtlicher Natur hinbewegen. Die Unterscheidung zwischen Arbeitern und Angestellten wird modernen Beschäftigungsverhältnissen nicht mehr gerecht. Die CSV wird die Wahlen zu den Berufskammern und Krankenkassen im Sinne eines einzigen Wahlganges reformieren."

Den Här Gusty Graas - an ech verstinn dat och, well den Här Meisch huet datselwecht elo grad gesot -, jo ëmmerhin awer och ee vun deene groussen DP-Vertrieder, huet an enger politescher Emissioun um 100,7 gemengt, eng Emissioun, déi iwwregens och nach am „Journal" textuell ofgedréckt ginn ass, datt an der Regierungsdeklaratioun esou e Virschlag net virgesi wier - gemengt war do d'Aféiere vum Statut unique -, an datt och am Wahlprogramm vun der CSV keng esou eng Ausso ze fanne wier.

Hie schlussfolgert deemno, an ech zitéieren erëm textuell de Gusty Graas: „Obwuel weder an de Parteiprogramme vun der LSAP a vun der CSV nach an der Regierungsdeklaratioun esou e Virschlag virgesi war, ass et de Moment de bestëmmende Sujet an der Lëtzebuerger Politik. Keen huet dësen Einheitsstatut gefrot, an dach soll e Realitéit ginn."

Wat d'CSV ugeet, hunn ech elo just virgelies, wat am Wahlprogramm steet. Wat de Koalitiounsaccord ugeet, hunn ech et och virgelies. Ech hunn net nogekuckt, wat am LSAP-Programm steet, mä ech hunn den Här Castegnaro héieren, dee gesot huet, datt d'LSAP sech säit jeehier géif asetze fir de Statut unique. Da ginn ech dovun aus, datt et och an hirem Programm drasteet.

Ech wëll awer domat kengem Mënsch eppes Schlechtes hei ënnerstellen. Ech wëll just schlussfolgeren, datt ee sech, éischtens, vläicht e bësse besser informéiere sollt, wann een esou Saache seet, an zweetens, datt et e groussen Ënnerscheed mécht, ob een elo an der Oppositioun sëtzt oder awer selwer an der Verantwortung ass, well da kuckt een d'Saachen aus engem anere Bléckwénkel.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Krieps, hutt Dir eng Fro un den Här Clement?

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Jo, Här President. An der Kommissioun, virun engem Joer, hunn ech den Här Clement ganz anescht erlieft wéi elo hei op der Tribün, an ech mengen, seng Kolleegen aus dem Handwierk an aus der Industrie huelen déi Positioun, déi hien hei vertrëtt, mat Befriemen op.

M. le Président.- Wat ass dann elo Är Fro, Här Krieps?

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Meng Fro un hien ass, ob hien elo d'Meenung vun der CSV-Fraktioun zum Ausdrock brëngt, oder ob dat den Här Sauber oder den Här Thiel, dee jo geschwat huet, oder den Här Glesener oder een anere vun Äre Spriecher mécht.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Ech kann net feststellen, datt ech mech vun deenen Texter vum Här Thiel, déi vun der CSV-Fraktioun kommen, soll distanzéiert hunn. Ech ginn dovun aus, datt Dir d'Wahlprogrammer gekuckt hutt, wann Dir esou Saache schreift. Ausserdeem sinn ech jo net an der Kommissioun, fir lech ze erklären, wat an deenen eenzelne Parteien hire Wahlprogrammer steet. Dat maachen ech elo hei, fir datt och jiddfereen dat héiert.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Den Här Castegnaro ass anerer Meenung.

M. le Président.- Sou, elo huet den Här Clement ganz eleng erëm d'Wuert.

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Während där ganzer Zäit, wou jiddferee sech dann ebe positionéiert huet, esou wéi hie gemengt huet, wéi dat richteg wär, hunn awer och nach Gespréicher mat der Regierung, bilateral Gespréicher mat deenen eenzelne Partner stattfonnt, fir Gemeinsamkeeten erauszefannen a virun allem fir Konsensen ze kréien. Och d'Koalitiounsfraktiounen hunn hiren Deel dozou bäigedroen, andeems se déi eenzel Sozialpartner empfaangen hunn an deenen hir Problemer zur Kenntnis geholl a mat hinnen diskutéiert hunn.

Elo hu mer een Text doleien, denken ech, wou all Acteuren awer domat eens kënne ginn. Ech wëll net am Detail op déi eenzel Mesuren agoen, déi nei sinn. Si sinn de Mëtteg schonn e puermol hei diskutéiert an opgezielt a virun allem och ganz detailléiert explizéiert ginn. An deem Zesummenhang wéilt ech deenen zwee Rapporteuren, dem Här Glesener an dem Här Schneider, Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi se do gemaach hunn. Ech wëll just op dat Wesentlecht agoen.

Well mir mat deene bestehende Krankesystemer a puncto Cotisatioun à la longue net méi kloerkommen, kënnt et hei zu enger Ännerung. Aarbechter an Employéë ginn elo an Zukunft, no enger lwwergangszäit, an där neier Gesondheetskeess ee wéi deen anere behandelt. Et kënnt zur Lounfortzahlung duerch de Betrib während deenen éischten 13 Wochen.

Hei kënnt et, an dat muss ee ganz däitlech soen, ganz kloer zu enger finanzieller Méibelaaschtung fir deen eenzelne Betrib. Dës Méibelaaschtung gëtt allerdéngs ofgefiedert duerch d'Ënhalen, an enger éischter Phas, duerch d'Betriber vun de Salariéscotisatiounen. Des Weidere kënnt et zur Kreatioun vun enger neier Mutuelle des employeurs, wou obligatoresch, mä manner héich Cotisatiounen ze bezuele sinn. D'Gesetz léisst hei, ënner gewëssen Ëmstänn, e puer Ausnahmen zou, wat d'obligatoresch Cotisatioun ugeet. Dës Mutuelle soll dann dem Betrib 80% vun der Lounfortzahlung am Fall vu Krankheet rembourséieren.

An hei, Här President, an deenen 20 net rembourséierte Prozent, läit dem Betrib seng Responsabilitéit, fir deem abusive Krankfeieren op d'Spuer ze kommen. Et ass elo an Zukunft engem Betrib net méi gradesou egal wéi virdrun, ob e Salarié krank ass, krankgemellt ass oder ob hie schafft. Fest steet, datt mam neie System de Betrib mat 20% vum Krankegeld selwer bedeelegt ass.

Well awer kee Mënsch weess, wéi héich dee Prozentsaz vun deene Leit ass, déi abusiv krankgefeiert hunn, kann och haut kee mat Sécherheet am Viraus soen, wéi vill agespuert gi kann oder wéi vill iwwerhaapt anzespueren ass. Et wäert ëmmer, och an Zukunft, Leit ginn, déi wierklech krank sinn oder wierklech krank ginn, an ëm déi geet et guer net hei. Et geet absolut net ëm déi. Hinne soll gehollef ginn, an hinne wäert och an Zukunft weider gehollef ginn, esou wéi dat bis haut de Fall war.

Et geet eenzeg an eleng dorëm, deenen op d'Spuer ze kommen, déi op eng abusiv Aart a Weis vum bestehenden, aktuelle System profitéiert hunn. Duerfir brauche mir d'Responsabilitéit vum Betrib, mä mir brauchen awer och ee méi effikasse Kontrollsystem, wéi mer e bis elo kannt hunn.

Ech begréissen an deem Kontext, datt d'Regierung iwwer bilateral Gespréicher, wat d'Kontrollen ugeet, mat Frankräich zu engem Ofschloss komm ass, a mat Belgien an Däitschland nach a Gespréicher ass. Des Weidere soll e Groupe de haut niveau, wou souwuel déi concernéiert Ministërë wéi och d'Sozialpartner dra vertruede sinn, sech Gedanke maachen iwwert d'Kranksinn am Allgemengen, mä awer haaptsächlech iwwer en abusiven Absentéismus hei zu Lëtzebuerg. Hei sollen Texter zur Bekämpfung ausgeschafft ginn, déi dann an d'Statute vun där neier Gesondheetskeess afléisse wäerten.

Här President, ass ee virun engem hallwe Joer nach dovun ausgaangen, datt ee méi oder manner héije Prozentsaz vu Krankeschäiner secteurbedéngt wär, esou ass een elo, no deenen neisten Etüden, enges Besseren beléiert ginn. Méi rezent Etüden an Analysen hunn nämlech erginn, datt et duerchaus virkomme kann, datt Betriber aus deem gläiche Secteur ganz ënnerschiddlech prozentual Tauxë vu Krankeschäiner hunn. D'Bäitragsstaffelung fir déi nei Mutuelle gëtt also net no Secteur gemaach, mä si gëtt vu Betrib zu Betrib gemaach, fir festzestellen, wat deen Eenzelnen do muss bezuelen. Et geet hei Rieds vu véier Bäitragsklassen, déi sollen agefouert ginn.

Och wann et den Uschäin huet, datt de Salarié keen direkte visuelle Bäitrag leescht, esou kann een eleng schonn déi nei Berechnung vum Krankegeld als eng responsabel Géigeleeschtung gesinn, am Verglach mat deem, wat d'Betriber leeschten. D'Iwwerstonne ginn net méi als Basis an der Berechnung considéréiert, mä de Bruttomonatsloun gëllt an Zukunft als Basis fir d'Berechnung vum d'Krankegeld.

Mä och dat, Här President, denken ech, wäert an den nächste Woche vläicht nach fir e puer Diskussiounen ënnert de Sozialpartner suergen. Ech stelle mer einfach emol d'Fro, wat mat deene Beruffer ass, wou net op d'Stonn geschafft gëtt, mä op de Meter carré, wéi bei de Plätterchersleeër oder bei de Gipser zum Beispill. Wéi gëtt do d'Krankegeld herno berechent? Dat ass eng Fro, déi nach am Raum steet. Ech weess net, ob schonn doriwwer diskutéiert ginn ass. Mä du moins muss een och do eng Léisung fannen, well een net ëmmer déi nämlecht Stonnenzuel huet an och net ëmmer grad den nämlechte Monatsloun.

Eng aner Gefor, déi sech ofzeechent, ass de Volet vun den Heures supplémentaires. Vu datt d'Iwwerstonnen elo méi lukrativ berechent ginn, net méi ugefrot, mä nach just brauchen deklaréiert ze ginn, gëtt d'Versuchung, méi Iwwerstonnen ze prestéieren, verständlecherweis ëmmer méi grouss. Iwwerstonnen däerfen awer net als permanenten Instrument de gestion ugesi ginn, mä si si fir den Noutfall do, wann an engem Betrib Personalenkpäss oder Produktiounsenkpäss entstinn.

En aneren, net onwichtege Punkt ass schonn de Mëtteg hei ugeschwat ginn, dat ass d'Neutralité financière fir d'Ekonomie an hirer Gesamtheet. Hei huet d'Regierung versprach, d'Garantie ze iwwerhuelen. D'Mutualité des employeurs gëtt mat engem Fonds de roulement dotéiert. Duerno, ab 2014, intervenéiert de Stat mat 0,3% an der Gesamtlounmass. Well et awer keen Hellseher gëtt an dësem Domän, kann dësen Taux opgrond vun engem Bilan, dee fir d'éischt 2010 opgestallt gëtt, iwwert d'Loi budgétaire ugepasst ginn, dat souwuel no ënne wéi och no uewen. Als Succès wär schonn ze bewäerten, wann den Taux kéint no ënnen ugepasst ginn.

Déi grouss Linne vum Projet stinn, a ginn, denken ech, och an där Form vun de concernéierten Acteuren akzeptéiert. Ausser verschidden Detailfroen, déi nach ze kläre sinn, bleift nach déi wichteg Fro vun der Kontroll. De Wëllen, fir dës Kontroll ze regelen, besteet ouni Zweifel op Regierungssäit. Wat allerdéngs nach feelt, haut wou mir d'Gesetz iwwert de Statut unique stëmme wäerten, sinn d'Texter an d'Instrumenter, déi dës méi effikass Kontroll erméiglechen. Et bleift ze hoffen, datt de Groupe de haut niveau, deen ech virdrun ernimmt hat, séier zesummekënnt an och séier zu Konklusioune kënnt.

De Wëllen, d'Fro vum abusiven Absentéismus ze klären, läit och der Chamber um Häerz. All Parteien hu sech, mat Ausnahm vun der DP an dem Aly Jaerling, derfir ausgeschwat, déi Motioun vun deenen zwee Rapporteuren ze ënnerstëtzen an domadder zum Ausdrock ze brëngen, datt souwuel d'Chamber wéi och d'Regierung gewëllt sinn, d'Kontroll effikass ze organiséieren.

Dat gesot, Här President, wëll ech schléissen an all deene Merci soen, déi nogelauschtert hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Clement Merci. Als leschte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech halen elo keng 1.-Mee-Ried...

Plusieurs voix.- Oh!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Do invitéieren ech lech den 1. Mee op Dikrech, fir déi 1.-Mee-Ried kënnen nozelauschteren, wann och den 1. Mee ass.

(Brouhaha général)

Mä ech wollt awer haut nach e puer Saachen ënnersträichen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Tripartite-Ofkommes datéiert op den 28. Abrëll 2006. Zwee Joer an een Dag sinn also vergaangen, bis mer elo haut an der Chamber zu der Ofstëmmung iwwert dëse Projet kommen. Den 28. Abrëll 2006 war de Barrelpräis 69 Dollar, haut, zwee Joer an een Dag duerno, ass en der 116.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- 115,10!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Ech hunn opgeronnt, Här Bettel. Entschëllegt! 115,10 ass de Barrel.

(Brouhaha général)

Muer kann et 118 sinn oder 117, mä mir sinn eis jo also dann eens, dass do eng enorm Entwécklung an deem Präis geschitt ass.

Mir hunn och an der Tripartite Ofkommesse gemaach wéinst Energie, wéinst Stroumuschloss, mir hunn Ofmaachungen doriwwer gemaach - et ass hei ugeschnidde ginn -, wéi et soll virugoe mam Index. Mir hu geschwat iwwert de Kannerbonus. Dat hei ass eng weider Etapp, déi d'Tripartite-Ofkommes vum 28. Abrëll 2006 ëmsetzt.

Et gëtt geschwat vun engem Eenheetsstatut, an d'Virriedner hunn hei och nach geschwat vun Eenheetsgewerkschaft. Also, ech hunn ëmmer doheem geléiert: Jo zum Eenheetsstatut, mä Neen zu der Eenheetsgewerkschaft.

(Interruption)

Dat huet sech och net geännert a wäert och esou virugoen. Dat ass meng Iwwerzeegung zu där Diskussioun.

Ech hat d'Chance, souwuel an der Arbeiterkammer - zesumme mam Här Gibéryen iwwregens - wéi och an der Chambre des Employés privés - zesumme mat der Madame Vera Spautz a mam Här Roland Schreiner - als gewielten, dat betounen ech, als gewielte Member ze sëtzen, souwuel an der AK wéi an der Privatbeamtechamber. Also ass dat e bëssen - wéi soll ech soen? - esou eng Wehmut, déi ech hunn, well ech weess, dass et mam Ofstëmme vun dësem Projet d'Arbeiterkammer an och d'Privatbeamtechamber an Zukunft net méi wäert ginn.

Et ass nach net allze laang hier, do hu mer 75 Joer laang Beruffschambere gefeiert. Déi Beruffschambere sinn 1924 gegrënnt ginn, an déi zwou Salariatschambere schafe mer jo mam Gesetz vun haut of.

(Interruption)

Ech wëll awer och dem Marcel Glesener an dem Romain Schneider félicitéiere fir hire schréftlechen an och mëndleche Bericht. Och si hu sech beschäftegt mat de Beruffschamberen. De Wahlprogramm vun der CSV ass virdrun hei zitéiert gi vu mengem Kolleeg Lucien Clement, wou mer gesot hunn, dass mer nëmmen nach ee Wahlgang wëllen. Et ass nëmmen nach ee Wahlgang d'nächste Kéier. Et gëtt keng Krankekeesewahle méi, mä et gëtt nach just Beruffschamberwahlen, a mam Prorata vun deem Beruffschamberwahlresultat ginn d'Krankekeese besat.

Deen eenzege Problem, dee sech nach stellt: Bei de Krankekeese sinn eis pensionéiert Kolleegen ëmmer matwiele gaangen an an der Beruffschamber net. Och do gëtt et en neie Moment: Mat dem Ofstëmme vum Gesetz vun haut iwwert de Statut unique ginn d'nächste Kéier bei de Beruffschamberwahlen och d'Rentner aus dem Privatsecteur éischtmoleg mat wielen. Dat gëllt souwuel fir déi, déi haut Aarbechter sinn, wéi fir déi Pensionären, déi haut Beamte sinn. Déi kënne mat wiele goen a kréien en eegene Grupp, fir och d'Intérêtë vun de Rentner an där neier Salariatschamber ze vertrieden. Och dat ass eng Errungenschaft, an och dat ass eng grouss Neierung. Ech wollt och dat eng Kéier hei op dëser Plaz ënnersträichen.

(Interruption)

Jo, Dir wollt eng Kéier eng Proposition de loi maachen, Här Mehlen, mä et ass awer elo haut hei am Gesetz vum Statut unique.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Si läit nach ëmmer am Tirang.

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Ma dann hat Dir keng Majoritéit fonnt. Da musst Dir se aus dem Tirang eraushuelen. Elo kënnt Der se jo vum Rôle sträichen.

(Interruptions diverses)

En anere Punkt, deen ech awer och nach wollt ervirsträichen, dat ass dee vum Absentéismus.

Une voix.- Schonn erëm?!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Et hat een de Mëtteg, och déi lescht Wochen an och déi lescht zwee Joer ëmmer hei am Land heiansdo d'Gefill, dass dat Eenzegt, wat dem Statut unique am Wee sténg, den Ab-

sentéismus wier. Dat wier, well d'Leit alleguerte Blomécher wieren a Profiteuren.

Wann ech awer d'Statistike kucken, sinn d'Statistiken insgesamt gekuckt hei zu Lëtzebuerg net méi héich, wéi an der Belsch, wéi a Frankräich a wéi an Däitschland. Dass Ënnerscheeder si vun de Frontalieren aus Däitschland, aus der Belsch an aus Frankräich mat de Résidenten ass richteg.

Mä insgesamt hu mir deen niddregsten Absentéismus vun deene véier Länner! An duerfir hunn ech déi Panikmaacherei wéinst deem Absentéismus net esou richteg verstanen, an och elo dee Groupe de haut niveau, wou ech zwar all déi Diskussiounen a Beméiungen ënnerstëtzen, déi vun der Regierung, de Gewerkschaften an dem Patronat.

Mä menges Wëssens ass et weder d'Regierung nach de Patron nach den Aarbechter, deen e Krankeschäi schreift. Et sief dann, dat wier elo déi lescht Wochen a Méint geännert ginn, mä zu menger Zäit hate weder d'Aarbechter nach d'Beamten nach de Patron nach d'Regierung d'Recht, e Krankeschäin ze schreiwen, mä déi gi geschriwwe vu Leit, déi dofir homologéiert sinn, déi dofir eng Ausbildung kritt hunn, déi dofir däerfen hei am Land praktizéieren, an et sinn déi, déi d'Krankeschäiner schreiwen.

Wa mer mengen, dass do Leit derbäi wieren, déi Krankeschäinautomate wieren, wann dat soll existéieren - ech kéint mer virstellen, dass et existéiert -, da gëtt et do e Gremium, nämlech d'Krankekeesegeneralversammlung, an do hunn d'Patronat an d'Salariat zesummen eng Majoritéit, och ouni d'Regierung, wou een da ka soen, mir mussen eppes géint déi Krankeschäinautomate maachen.

Do muss ech soen, do hunn ech déi Bereetschaft awer nach net op alle Säite fonnt, fir an där Generalversammlung vu Patronat a Salariat eppes ze ënnerhuelen.

Här Minister, och ouni vun der Regierung ze schwätzen, kéinte mer jo och ouni Regierung als Salariat a Patronat zesummen dogéint virgoen, wa mer an de Krankekeeseversammlungen déi néideg Dispositioune géint déi Leit huelen.

Duerfir och mäin Appel, well mer jo do déi Méiglechkeeten hunn, géint déi Krankeschäinautomate virzegoen. An nach eng Kéier wéi gesot, ech ënnersträichen: Weder e Patron nach e Salarié décidéiert, ob hie krank ass oder net. Mä dat décidéiert nach ëmmer nëmmen en Dokter.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här President, däerf ech dem Här Spautz eng Fro stellen?

M. le Président.- Här Spautz, erlaabt Der, dass den Här Jaerling lech eng Fro stellt?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wann den Här Jaerling eng wëllt stellen, da soll den Här Jaerling eng stellen.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Also, Dir hutt mer seelen esou gefall wéi elo grad. Well elo grad hutt Der nämlech zouginn, dass et keen abusiven Absentéismus gëtt, well einfach e Mënsch, deen e Krankeschäi geschriwwe kritt huet, krank ass an net abusiv. Also gëtt et keen abusiven Absentéismus.

Firwat maacht Der dann awer hei eng Motioun, fir géint esou en abusiven Absentéismus virzegoen, a firwat gëtt dat dann an e Gesetz ageschriwwen?

Sidd Der dann net och der Meenung, dass Der als Gewerkschaftler hei mat dozou bäidrot, an nach aner Gewerkschaften heibannen, fir dem Patronat en Instrument an de Grapp ze ginn, gradesou wéi Der et beim Gesetz iwwert de Reclassement gemaach hutt, fir sech deene kranke Leit ze entleedegen?

(Interruption)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här Jaerling, bei deem Statut unique hei hätt ech mer och nach Saache kënne virstellen, déi vill méi wäit gaange wiere wéi dat, wat elo am Gesetz steet. Mä dat hei ass e Kompromëss. An ech weess net méi, wie virdrun zitéiert huet, dass d'Leit gesot hätten, si géife Jo soen, mä net mat grousser Begeeschterung zu der Tripartite. Ech mengen, et war de Lucien Clement.

Et sinn och Saachen hei an deem Statut unique, wou ech léiwer hätt, et wier aneschters geschriwwen. Mä et geet hei ëm e Gesamtpak, an dee Gesamtpak hei bréngt eng Verbesserung fir d'Aarbechter an d'Beamten, an duerfir ass et ebe wichteg a richteg, dass mer dat maachen.

A wann... - pardon, ech muss kucken, well si heescht net méi FEDIL - d'Fédération des Entreprises elo op eemol als Eenzegen nach Problemer huet…

Une voix.- Union des Entreprises!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Neen, neen, et ass elo neierdéngs d'Fédération des Entreprises, déi huet en neien Numm kritt,...

(Interruptions diverses)

Une voix.- Wat ass de Barrel Pëtrol?

M. Marc Spautz *(CSV).*- 115,10.

A well déi als Eenzeg nach e Problem hu mat der Geschicht vum Absentéismus, Här Jaerling, duerfir fannen ech et normal, esou eng Motioun ze maachen, wann een domadder Ängscht ewechhëlt bei Leit, déi mathëllefe sollen, dee ganze Statut unique ëmzesetzen. Et soll een dach alles maachen, déi Ängscht beschtméiglech ewechzehuelen.

Dass een net alles ka léisen, ass richteg, mä wann domadder eng Satisfaktioun an eng Sécherheet bei de Leit entsteet, hunn ech kee Problem, fir déi Motioun matzedroen an och alles ze maachen, fir dass déi Ängscht aus der Welt ewechgeholl ginn.

(Interruption)

Dat huet näischt mat de Patronen ze dinn.

Déi 52 Wochen an 104 Wochen hutt Der virdrun erkläert kritt. Dir waart an enger Chamberskommissioun derbäi, wou d'Regierung gesot huet, si kéim mat engem Rapport a mat enger Analys an duerno géife mer driwwer diskutéieren, fir och déi Saachen ze änneren. Idem beim Reclassement interne an externe. Dir waart do derbäi an där Kommissioun, wéi dat ugekënnegt ginn ass

Ech weess elo net, ob et u mir ass, fir lech déi Froen all ze beäntwerten. Dat wäert d'Regierung maache respektiv, wann et esou wäit ass an déi Projeten hei um Dësch leien, wäerte mer zesummen driwwer diskutéieren, a wat fir eng Richtung mer solle goen oder net.

Dir Dammen an Hären, léif Frënn, et ass op alle Fall wichteg...

M. le Président.- Här Spautz, erlaabt Der, dass den Här Castegnaro lech eng Fro stellt?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Och den Här Castegnaro ka mer eng Fro stellen.

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Ech spieren, dass mäi Frënd a Kolleeg Spautz esou lues un d'Enn kënnt, mä ier hie fortleeft, hunn ech zwou Froen. Hien huet eis opgekläert iwwert den explosiounsaartegen Ustieg vum Barrelpräis. Mat där Informatioun, déi mer alleguer kennen, kann een net allze vill hei ufänken.

Ech hunn éischter gespuert, well ech jo net an de Geheimsitzunge vun der Tripartite derbäi war,…

(Interruptions)

…wollt ech hie froen, ob dee Barrelpräis u Konditioune gebonnen ass, déi ënnerschriwwe gi sinn, ob do déi Index- an aner Modulatioune mat deem Barrelpräis eppes ze dinn hunn. Hie kann eis dat vläicht soen.

Dat Zweet ass eng Fro, déi hie vläicht doheem muss klären, well hie gesot huet, doheem hätt hie verstanen, dass se fir den Eenheetsstatut, awer net fir d'Eenheetsgewerkschaft sinn.

Ech sinn dem Père Spautz virun enger Rei vu Wochen am Parkhaus begéint, an deen huet mer d'Fro gestallt, wat de Statsminister gebass hätt, fir mat deem Statut unique ze kommen, mir wiere bis elo gutt gefuer.

Mä et ass eng Fro, eng weider Fro, fir gewuer ze ginn,...

(Hilarité)

...wat Der doheem da richteg zu esou Froe schwätzt.

Merci.

(Interruptions et hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Also, Här Castegnaro, ech ka mer dat net virstellen, wann ech all déi Artikele liesen, an déi sinn nozeliesen, an all déi Riede sinn och nozeliesen, souguer am Chambersbericht, déi mäi Papp zu deem Thema gehalen huet.

Do soen ech lech, dass et schonn an de 60er Jore Gewerkschaftskongresser vum LCGB gi sinn, wou et drëm gaangen ass, fir deen Eenheetsstatut, fir d'Upassung an een eenheetleche Statut fir d'Arbeitnehmer ze erzwéngen, an do sinn nach Leit heibannen, déi dat och matkritt hunn. Éischt Saach.

Zweet Saach. Wat ech mam Barrelpräis wollt soen, dat ass, wéi schnell eng Entwécklung ka virugoen. 69 Dollar huet de Barrel kascht 2006, an an zwee Joer huet e sech bal verduebelt. An déiselwecht zwee Joer hu mir genotzt, fir e Statut unique ze schafen.

Jo, Dir hutt Recht, Här Castegnaro. Ob et Geheimverhandlunge sinn an der Tripartite, weess ech net. Ech hat nach net d'Chance, esou laang derbäi ze sinn an deene Geheimverhandlunge wéi Dir, well ech mengen, Dir sidd den Déngschteelste gewiescht an de Geheimverhandlungen - wéi Dir dat dann elo nennt - vun der Tripartite. Ob dat elo esou geheim Saache waren, weess ech net.

Dass do och Bestëmmunge mat ageflecht waren an deem Accord, déi eppes mam Barrelpräis ze dinn hunn, dat ass richteg. Mä do misst Der vläicht den Här Krecké froen, well deen zoustänneg war fir dee Volet vun der Ëmsetzung vun der Tripartite,...

(Interruption)

Ma neen, vun der Tripartite, dat war de Volet vum Här Krecké...

(Brouhaha général)

M. le Président.- Den Här Spautz huet elo ganz eleng d'Wuert. Här Spautz, fuert virun a loosst lech net duerjeneebréngen!

Une voix.- Fuert virun, Här Spautz!

(Interruptions)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Haut si mer mam Volet amgaang vum Här Biltgen a vum Här Di Bartolomeo.

Une voix.- Très bien.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech ginn heiansdo d'Gefill net lass, dass hei verschidden...

(Interruption et hilarité)

Gesitt Der, Här Bettel, ech sinn awer frou, dass Dir am Laf vum Mëtteg komm sidd a mer dat elo konnt soen.

(Hilarité)

Ech spieren, dass hei lues awer sécher bei verschidde Leit d'1.-Mee-Féiwer mat hinnen duerchgeet,...

(Hilarité générale et coups de cloche de la Présidence)

…a well ech awer dann elo net...

M. le Président.- Also, elo huet ganz eleng den Här Spautz hei d'Wuert!

(Hilarité et interruptions diverses)

Une voix.- Et ass näischt méi ze soen.

M. Marc Spautz *(CSV).*- A well ech der Meenung sinn, dass et wichteg ass, dass och nach fir en Donneschdeg Material do ass, wollt ech soen, dass ech et gutt fannen, dass haut op deen Dag den Eenheetsstatut kënnt, an ech félicitéieren déi zwee Ministeren derfir, dass si et fäerdeg bruecht hunn, an deenen zwee Joer en Accord ze fannen, mat deem all déi Partner, déi ronderëm den Dësch waren, d'accord sinn.

Och wann elo nach een e bësse Bedenken huet, esou sinn ech dovun iwwerzeegt, dass et dee richtege Wee ass, an dass, wa mer och nach an Zukunft vill Änderunge wäerten um Statut unique musse maachen an nach vill Verbesserungen op eis zoukommen, eng fantastesch Aarbecht gemaach ginn ass, an dass d'Salariat ka stolz drop sinn, dass mer elo en eenheetleche Statut hunn am Privatsecteur. Awer et sinn nach vill Fuerderungen an Iddien do, mä op déi komme mer méi spéit eng Kéier zréck.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Spautz Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Fir d'éischt den Aarbechtsminister François Biltgen.

(Interruptions et hilarité)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Merci, Här President. No deem flamenden a brillante Schlussplädoyer vum Här Spautz ass et bal schwiereg, hei nach eppes dropzeleeën, fir d'Chamber ze iwwerzeegen, vill Stëmmen, wa méiglech d'Unanimitéit ofzegi fir deen Eenheetsstatut, deen eng echt gesellschaftspolitesch Reform ass, well e mat Diskriminéierungen ophält, déi während Jorzéngten do waren, dem Standesdünkel tëschent deene mam Col blanc an deene mam Col bleu.

Mir hu bis 1970 gebraucht an dësem Land, dass mer e Gesetz haten iwwert d'Aarbechtszäite bei den Aarbechter. D'Privatbeamten haten hire Statut 1919 kritt. Mir liewen net méi an där sougenannter industrieller Welt, mir liewen an enger postindustrieller Welt zënter 20, bal 25 Joer, an do ass einfach dee Standesdünkel net méi de mise. Duerfir ass dat heiten eppes, wat iwwerfälleg ass, wat awer net einfach ze maachen ass.

Fir ze mengen esou eng Reform, wéi d'DP hei mengt, déi misst een elo maachen, dass jiddfereen nëmmen iwwerall kéint dobäi gewannen, dat geet net. Dat ass och net dat, wat mer ofgemaach hunn.

(Interruptions)

Wat mer hei ofgemaach hunn, ass eppes ze maachen, wat an Zukunft - dat wäert Der gesinn - jiddferengem eppes bréngt. A wat an der noer Zukunft net iergendeen hei esou aus der Bunn gehäit, dass en net méi an der Bunn wär.

Mä ier ech e bëssen op déi Froen aginn, wëll ech och e puer Mercië lassginn. Déi éischt Mercië selbstverständlech un déi zwee Rapporteuren, déi net nëmmen e gudde mëndlechen a schréftleche Bericht gemaach hunn, mä déi et awer och fäerdeg bruecht hunn, an enger relativ knapp bemoossener Zäit op engem relativ komplexe Projet hei och mat der Regierung zesummenzeschaffen, fir dass déi Amendementer konnten uerdentlech formuléiert ginn an dass mer hei och elo en Text hunn, deen ausgeräift ass an deen och kann op den Instanzewee goen.

E Merci och awer un déi ganz kleng Equipe bei eis am Haus, déi gehollef huet, dauernd hei ëmmer erëm nei Iddien ze bréngen, well mer ëmmer erëm versicht hunn, op deem engen oder deem anere seng Suergen anzegoen.

E ganz grousse Merci awer och u mäi Kolleeg an trotzdeem Frënd, de Mars Di Bartolomeo, well mer hei - mengen ech - ganz gutt harmonéiert hunn. A well mer eis net relles maache gelooss hu vun all deem Wand, dee vun alle Säiten op eis geblosen huet, an net alles gesammelt hunn, wat ëmmer erëm an der Zeitung doriwwer stoung, mir géifen dach net eens ginn, an net d'Bengele bei d'Tromm gehäit hunn. Mä ech mengen, mir hunn hei ganz gutt bewisen, dass dës Regierung ka grouss Projeten duerchzéien, wa se un engem Strang zitt. Dat hu mer hei gemaach a mir wäerten och haut dat Resultat dovunner kréien.

Wat hu mer ofgemaach an der Tripartite? Dräi Prinzipien. Et ass ëmmer gesot ginn: „Wat hutt Dir ofgemaach?" Et sinn dräi Prinzipien ofgemaach ginn.

Dat Éischt ass deen, dass mer e Statut maachen, en Eenheetsstatut am privatrechtleche Secteur an och respektiv an de privatrechtlechen Aarbechtsverhältnisser, andeem mer eis virun allem, awer net nëmmen, bei der Lounfortzahlung um aktuelle Statut vun de Privatbeamten inspiréieren.

An der Diskussioun gëtt ganz oft vergiess, dass mir och elo schonn e Privatbeamtestatut hunn, deen zum Beispill d'Lounfortzahlung huet. D'Lounfortzahlung bis zu 17 Wochen, an net 13 Wochen. All déi Froe vun Absentéismus, vu Kontroll an esou weider, déi stelle sech elo scho bei deene Betriber. Dat sinn och vill kleng Betriber, notamment am Commerce, déi nëmme Privatbeamten astellen. Déi Froe stelle sech och elo. An do kommen eng ganz Partie Besserstellungen awer och op deem dote Wee, wat d'Privatbeamten ubelaangt, doduerch, dass et net méi 17 Woche Lounfortzahlung sinn, mä 13 Woche Lounfortzahlung.

Et sinn nach eng Partie Saachen, déi effektiv eppes notzen. Duerfir kann een elo net nëmme soen, hei ass elo eng kleng Cotisatiounserhéijung; et muss een dee ganze Pak kucken, a wann een dee ganze Pak kuckt, ass en équilibréiert.

Zweete Punkt war nämlech deen, dass fir d'Gesamtekonomie - fir d'Gesamtekonomie! - keng Käschtenneutralitéit sollt sinn. Fir d'Gesamtekonomie, an net Secteur oder Betrib.

Drëttens, spezifesche Secteurë soll ee spezifesch Rechnung droen. Eppes, wouriwwer ech elo wierklech verwonnert sinn, ass, dass d'DP eppes als eng Derogatioun

ugesäit, déi net gutt wär. Zum Beispill dat, wat mer gemaach hu fir d'Privatleit doheem, déi hiert Haushaltspersonal hunn. Do hu mer effektiv eng Derogatioun gemaach, fir dass déi Leit, déi privat Personal hunn, net solle méi belaascht ginn, fir dass se och an Zukunft hiert Haushaltspersonal umellen an der Sécurité sociale.

Dat ass eng Derogatioun, mä ech mengen, dat ass awer wichteg, well an der Tripartite souz keen derbäi, dee fir déi Privatleit geschwat huet, déi Haushaltspersonal hunn. Där gëtt et awer ganz vill, a mir hätte gär, dass déi och an Zukunft weidermaache mat deem System, dee mer 1998 deemools schonn an der Tripartite agefouert hunn, nämlech ze kucken, dass dat Haushaltspersonal eng uerdentlech Carrière an der Sécurité sociale kritt.

Nun ass d'Fro hei gestallt ginn: Ass et dann e Statut unique oder ass et kee Statut unique - well jo d'Statsbeamten net dra sinn? Do muss een däitlech den Ënnerscheed maachen tëschent Aarbechtsrecht a Sécurité-sociales-Recht.

Et gëtt en Ënnerscheed tëschent dem Code du travail als Aarbechtsrecht an dem Statut de la fonction publique. Soulaang mer soen - an ech stinn ëmmer dofir an -, dass mer de Statut de la fonction publique brauchen, well déi Leit, déi fir d'Fonction publique schaffen, aner Rechter a Flichte mussen hunn; soulaang mer e Statut de la fonction publique hunn an net soen, jiddferee fält ënnert d'privat Aarbechtsrecht, soulaang ass et kloer, dass am Aarbechtsrecht de Statut unique - an all déi Gewerkschaftler, déi hei dovunner geschwat hunn, wëssen dat och - dat ass, dass de Code du travail nach just fir sämtlech Salariéen de droit privé applicabel ass, wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt.

Mir hunn dat an der Vergaangenheet ëmmer mat Salamitaktik gemaach, esou dass mer, wéi mer de Code du travail gestëmmt hunn, festgestallt hunn, dass am Aarbechtsrecht net méi vill Bestëmmunge waren, déi ënnerschiddlech waren. Si waren awer diskriminatoresch. Dat schafe mer elo alles aus der Welt, an ech mengen, dass dat eng gutt Saach ass.

Ech verstinn och net déi Bedenken, déi wéinst dem Horeca- an dem Transportsecteur opkommen. Am Transportsecteur hu mer eng européesch Direktiv, déi ganz genee seet, dass, wéinst de Contrainten, déi an deem Secteur sinn, do aner Aarbechtszäite gëlle sollen, an zwar net fir déi Leit, déi an enger Transportfirma beschäftegt sinn, mä fir déi, déi op engem Camion fueren, also de Personnel roulant op de Stroossen. Dat ass eng européesch Direktiv, déi mer ëmgesat hunn, an duerfir ass dat keng Derogatioun, wéi wa mer elo een net wéilten an de Statut unique mat eranhuelen. Et handelt sech ëm d'Ëmsetzung vun enger européescher Direktiv, wou mer eis vill Méi ginn hunn, och duerno ze kucken, dass d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Betriber ka gewaart bleiwen.

Wat den Horeca-Secteur ubelaangt, muss ee wëssen, dass am 70er Aarbechtszäitegesetz bei den Aarbechter verschidde Secteuren ausgeschloss waren. Dat war d'Personal doheem, dat war den Transportsecteur, wou awer ëmmer Kollektivverträg ofgeschloss gi sinn, an dat war den Horeca, wou näischt do war. An do hu mer hei zesummen e Gesetz gemaach, wou mer effektiv deene Leit, déi am Déngscht sinn, an der Kichen, am Service, aner Aarbechtszäite ginn, och erëm eng Kéier fir op d'Kompetitivitéit vun notamment deene klengen a mëttlere Betriber anzegoen. An duerfir huet dat näischt mat „Net-Eenheetsstatut" ze dinn, mä et huet einfach domat ze dinn, dass mer awer och musse kucken, dass esou Secteure wéi den Horeca-Secteur nach kënne fonctionnéieren.

Mat deem Gesetz, wat iwwregens eng ganz grouss Majoritéit kritt huet, hu mer et fäerdeg bruecht, emol d'40-Stonnen-Woch anzeféieren. Et koumen aner Referenzperioden. Mir hunn d'40-Stonnen-Woch an deem Secteur agefouert. Ech mengen, dat ass awer net näischt.

Wat sinn dann d'Avantagë laangfristeg fir d'Wirtschaft? Dat Éischt ass d'Simplification administrative. Et ass elo fir e Patron méi einfach ze wëssen, wéi een een umellt. Ech hunn a mengem fréiere Liewen oft genuch viru Geriicht missen diskutéieren: „Ass dann elo dat Geriicht, wou ech hei sinn, wierklech zoustänneg? Handelt et sech ëm en Aarbechter oder ëm e Privatbeamten?" Well och wann een deklaréiert war als Aarbechter oder Privatbeamten, war dat net ëmmer konform zum Gesetz. Dat alles fält elo ewech.

Dat Wichtegst ass awer d'Kompetitivitéit vun eise Betriber. An déi gëtt an Zukunft verstäerkt, an net verschlechtert. E Betrib, dee sech zu Lëtzebuerg nidderléisst, dee kuckt seng Bruttokäschten, a virun allem d'Lounniewekäschten. Zemools am Industriesecteur, wou jo nach ëmmer - net an alle Betriber - ganz vill Aarbechter sinn, gi jo awer elo d'Cotisatiounen erof, dat heescht, d'Lounniewekäschte ginn erof. Duerfir däerf een net nëmmen dat eent huelen, Lounfortzahlung mat Absentéismus, mä et muss een och kucken, dass d'Lounniewekäschte massiv erofginn, währenddeem se bei de Privatbeamten awer nu wierklech net héich an d'Luucht ginn, an zwar ëm 0,01%.

Duerfir fannen ech dat e bëssen e staarkt Stéck, wann ee seet, esou wéi den Här Meisch dat hei gemaach huet, datt elo d'Privatbeamte belaascht ginn. Wat muss e Privatbeamte méi cotiséieren? Een Euro op 1.000 Euro Verdéngscht am Mount. Dat ass dat, wat d'Belaaschtung fir de Privatbeamte méi mécht. Ech hunn nach kee fonnt, dee mer gesot huet: „Ech ginn elo op d'Strooss wéinst deem engen Euro."

Op där anerer Säit kréie mer doduerch vill méi Gemeinschaft am Risiko. Wann Der kuckt, wéi an där leschter Zäit d'Verhältnis tëschent Privatbeamten an Aarbechter an dësem Land evoluéiert ass, stellt Der fest, dass mir ëmmer méi Privatbeamten an ëmmer manner Aarbechter kréien. Just beim Aarbechtermilieu ass opgrond vun objektiven Ursaachen och méi e grousse Krankheetsrisiko do. Ech kommen nach op déi verschidde Krankheetsrisiken bei den Aarbechter zréck. Wat mer manner Aarbechter hunn, wat natierlech déi Betriber, déi Aarbechter beschäftegen, ëmmer méi belaascht géife gi mat de Cotisatiounserhéijungen. Doduerch, dass mer elo eng grouss Risikogemeinschaft maachen, gëtt dat och Sputt an deem dote Secteur, an duerfir geet och an Zukunft d'Kompetitivitéit vun eise Betriber insgesamt an d'Luucht.

Absentéismus. Et muss een tëschent dräi Zorte vun Absentéismus ënnerscheeden: deen, wou ee wierklech krank ass; deen, wou een duerch de Betrib krank gëtt. Duerfir musse mer eis och, an dat hu mer gëschter vill gemaach, iwwer Sécherheet a Gesondheet am Betrib ënnerhalen. An, schlussendlech, den Absentéisme abusif, an deen huet och erëm verschidde Facetten. Duerfir wëlle mer am Groupe de haut niveau, an deem mer eis eng Aarbechtsmethod ginn hunn, Statistiken zesummestellen, fir dass ee wierklech weess, wat op deem engen an op deem anere Plang geschitt.

Käschtenneutralitéit bei der Lounfortzahlung. Lounfortzahlung hu ganz vill Betriber, och kleng Betriber, schonn haut. Nämlech déi, déi Privatbeamten hunn, an déi kennen all déi dote Froen. Et gëtt kee Betrib, deen dowéinst gesot hätt, ech maachen zou oder investéieren net zu Lëtzebuerg, well déi meescht Betriber, déi zu Lëtzebuerg opmaachen, déi stelle Privatbeamten a keng Aarbechter an. Do huet kee gesot, well ech Lounfortzahlung op 17 Wochen hunn, maachen ech mäi Betrib net zu Lëtzebuerg op, well dat gëtt mer ze vill eng grouss Belaaschtung. Also ass dat Argument, dass dann d'Betriber net géifen investéieren, falsch, well mer et einfach bei deene meeschte Betriber gesinn hunn, dass déi Privatbeamten astellen, obwuel se elo vill méi eng laang Lounfortzahlung hunn a manner Moyenen, fir beim Absentéisme abusif ze kontrolléieren, wéi mer der elo an dësem Gesetz fir si mat erabréngen.

Bei der Lounfortzahlung muss effektiv de Patron 13 Woche maximal bezuelen. Op där anerer Säit ginn, wa mer de Patron huelen, deen Aarbechter huet, d'Cotisations sociales erof. Mir kréien eng Mutualitéit, wou ee sech e groussen Deel vum Risiko kann erëm eng Kéier ofsécheren, wat och e Virdeel ass. Ech kommen erëm eng Kéier op déi zréck, well ech fir déi schwätze kann opgrond vu menger Vergaangenheet, déi Privatbeamten haten.

Wann ee wollt als Patron, dee Privatbeamten hat, de Krankheetsfall ofséchere bei enger Privatassurance, ass dat relativ deier ginn, esou dass nach laang net jiddfereen dat gemaach huet. Et gëtt elo méi bëlleg iwwert d'Mutuelle. Och dat däerf een net vergiessen. Dann hu mer d'Iwwergangszäit bis 2013, wou dat alles ofgebaut gëtt. Dann hu mer den Artikel 121-6, wou de Patron, deen Aarbechter beschäftegt, haut méi eng grouss Assiette huet, well d'Iwwerstonne mat derbäikomme fir d'Krankegeld ze bezuelen, wéi dat an Zukunft de Fall ass. Och dat däerf een also net vergiessen, wann ee kuckt, wéi ass d'Käschtenneutralitéit bei deem engen oder bei deem anere Betrib.

Schlussendlech hu mer dat, wat schonn ugeklongen ass, den Artikel 14, wou mer gesot hunn, schonn 2010 kucke mer, ob dat alles gutt opgeet. Natierlech muss ee wëssen, dass verschidde Betriber aner a méi Risiken hunn, wéi anerer, opgrond vun hiren Aktivitéiten. Et ass evident, dass, wann een dobausse schafft, de Risiko, krank ze ginn, méi grouss ass, wéi wann een dobannen am Büro schafft. Dat ass en objektive Risiko, deem ee muss Rechnung droen, an deem gëtt och an der Mutualitéit Rechnung gedroen.

Den zweete Risiko, dat ass dee vun de klenge Betriber. Een, deen nëmmen e puer Mataarbechter huet, deen huet méi Problemer, eens ze ginn, wann ee Mataarbechter feelt, wéi e Betrib, dee vill Mataarbechter huet an do feelt deeselwechte Prozentsaz vu Mataarbechter. Et ass an engem grousse Betrib ëmmer méi einfach, sech ëmzestellen, wéi an engem klenge Betrib. An et ass duerfir, firwat mer mat der Fédération des Artisans nach déi lescht Wochen diskutéiert hunn, well déi virun allem vill kleng Betriber als Member hunn, a well ech do ganz genee hir Suerge verstinn, déi se hunn.

Duerfir hu mer och mat hinnen iwwert deen ee Punkt hei geschwat, dee vum Contrôle vum Absentéisme abusif. Dat eent ass de Krankeschäin. An da stellt sech d'Fro, ob de Krankeschäin gerechtfertegt ass oder net. Déi Diskussioun, déi wäerte mer och nach an Zukunft an deem Groupe de haut niveau féieren. Dat ass och dat, wouriwwer mer mat de Patronatsvertrieder an de Gewerkschaften diskutéiert hunn, hei am Kader vum Statut unique: de Contrôle vum Absentéismus. Dat heescht, Dir hutt e Certificat de maladie. An deem Certificat de maladie steet dran „Sortie non autorisée". Dat kann ee kontrolléiere goen. Elo war et esou, dass fir d'Aarbechter d'Krankekeess dat gemaach huet, oder konnt maachen. Dat ass jo och eng Fro gewiescht, ob si et wierklech gemaach huet.

Op där anerer Säit, bei de Privatbeamten, konnt d'Krankekeess et net maachen. Dann hunn déi selwer emol misse schelle goen. Wann et en Aarbechter war, da konnt d'Krankekeess eng Sanction administrative ginn, währenddeem beim Privatbeamten de Patron nëmmen dat konnt maachen, wat d'Aarbechtsrecht him erlaabt: entloossen oder Geld zréckhalen.

Wat mer versicht hunn, an dat hu mer erreecht, ass, dass an Zukunft d'Gesondheetskeess de Contrôle administratif fir jiddfer Patron mécht, no enger systematescher Approche, déi an de Statute festgehale gëtt, a wou de Patron d'Resultat kritt. Wat d'Gesondheetskeess während der Lounfortzahlung net ka maachen, dat ass Sanctions administratives ausschwätzen. Do sinn awer dann Sanktioune vum Droit commun méiglech.

Elo hu verschidde Leit, och Experten, gemengt, d'aktuellt Aarbechtsrecht géif net genuch hierginn. Mir waren der Meenung, et gëtt genuch hier. Mir sinn eis duerno eens ginn, no laangen Diskussiounen, net nëmme mat der Fédération des Artisans an der UEL, fir ze soen, mir sinn där doter Meenung wat d'Interpretatioun ugeet. Mir suivéieren d'Jurisprudenz, well déi soll een ëmmer suivéieren. Wann een elo géif gesinn, dass dat net de Fall ass, da muss een ebe spéitstens beim Bilan dat nobesseren. Dat huet d'Regierung der Fédération des Artisans an der UEL gesot, an ech sinn och duerfir frou, dass déi Motioun kënnt, déi dat doten nach eng Kéier bestätegt, souwuel eis Interpretatioun wéi och eisen Engagement, dass mer selbstverständlech där doter Saach noginn.

Duerfir verstinn ech och net, dass en dernière minute d'FEDIL, déi eigentlech net fir déi kleng Betriber schwätzt, déi sech wierklech Suerge maachen, nach geschoss huet, mä dat huet vläicht och eppes mat Koordinatioun ze dinn.

Dann zum Schluss d'Iwwerstonnen. D'Iwwerstonneregelung ass net dat Element an deem ganze Pak, vun deem ech soen, dass ech am allerbegeeschtersten dovunner sinn, mä et war eng Méiglechkeet, en Accord ze fannen. An et muss een och emol fir d'éischt de Virdeel fannen. Mir hunn dobaussen eng Diskussioun ënnert de Leit, virun allem bei deene Leit, déi net vill verdéngen, iwwert de Kafkraaftverloscht. Doduerch, dass mer elo d'Iwwerstonne wäitgehend cotisatiounsfräi maachen an net besteiere mat dem Supplément, hu mer awer ville Leit, déi musse méi schaffen, well de Betrib dat verlaangt, wierklech d'Méiglechkeet ginn, méi ze verdéngen an hir Kafkraaft elo kënnen anzesetzen, ouni dass de Betrib méi belaascht gëtt.

Ech maache mer och net ze vill Suergen, wat d'Pensioun ubelaangt, well mer eben zu Lëtzebuerg - an dat hu mer d'leschte Kéier nach mat de Sozialpartner gekuckt, mir, de Gesondheetsminister an den Aarbechtsminister - e ganz héijen Taux de remplacement hunn. Am Ausland, wou ee kleng Pensioune kritt par rapport zu deem, wat een a sengem Liewe virdru verdéngt huet, do géif ech déi Diskussioun verstoen iwwert d'Pensiounen, mä mir hunn e ganz héijen Taux de remplacement, esou dass ech mer manner Suerge maache fir d'Pensiounen herno.

Mir hunn awer vill Leit, déi haut schaffen an haut Kanner hunn, haut Prêten hunn, an déi si frou, haut Suen ze hunn, fir kënnen hir Famill ze grënnen. Duerfir mengen ech, solle mer dat Kafkraaftelement net negligéieren, mä au contraire no vir bréngen.

Do wou ech mer Suerge maachen - verschidde vun de Riedner hunn dat gesot -, dat ass, dass op eemol géife just Iwwerstonne gedrummt ginn, well et jiddfereen arrangéiert, an doduerch op eemol keng Leit méi agestallt ginn an deem Betrib respektiv Leit krank ginn an deem Betrib, well se ze vill Iwwerstonne maachen. An duerfir hu mer och am Text drop gehalen, dass mer nei Kontrollmechanisme kréien.

Bis elo wousst den Aarbechtsminister net, wou Iwwerstonne geleescht ginn. Dat kritt hien elo an Zukunft mat a kann an d'Betriber eraruffen an hinne soen, lauschter, du méchs net d'Iwwerstonnen do, wou s du se brauchs, nämlech bei denge Picen, mä du fiers strukturell mat Iwwerstonnen, dat ass net gutt. An da kënne mer Drock maachen op déi Betriber, dat hu mer an der Vergaangenheet och scho gemaach, wa mer et woussten, an oft hunn d'Betriber selwer op eemol verstanen, dass et fir si awer besser wär, si géifen eng aner Betribsorganisatioun maachen.

Selbstverständlech wäerte mer och deemnächst mat dem Compte-épargne-temps-Projet kommen, well mer och der Meenung sinn, dass et nach ëmmer gutt ass, wann een déi Iwwerstonne géif an Zäit eranhuelen, déi géif cumuléieren, an dann, wann een eng Kéier aus familiäre Grënn, aus Grënn, fir sech weiderzebilden, oder aus aneren, legitime Grënn, wëllt op dee Compte épargne-temps zréckgräifen, dass een dat kann an aller Sécherheet maachen, well wichteg ass jo hei, dass dee Compte épargne-temps net un engem eenzelne Betrib hänkt, dass net, wann deen eenzelne Betrib Faillite ass, engem seng ganz Zäite fort sinn, mä do wäerte mer Solutioune bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, duerfir soll een déi heite Reform stëmmen. Et ass e puermol gesot ginn, mir mussen elo dann un aner Projete goen, wéi zum Beispill d'Reform vum Dialogue social à l'intérieur des entreprises, wéi ech dat nennen. D'Delegatiounen, d'Comités mixtes - dat muss ee just einfach wëssen -, och dat war en Accord vun der Tripartite, wou och jiddferee vun deenen dräi Partner um Dësch d'accord war.

Ech hat virgeschloen an der Tripartite, dat ze maachen. Neen, sot d'Patronat, mir wëllen de Statut unique maachen, also soll deen anere Projet leie bleiwen, bis dass mer de Statut unique hunn. An dorunner huet den Aarbechtsminister sech gehalen. Hie wier jo léiwer mat deem anere virgeprescht, mä en Accord tripartite - sinn ech ëmmer der Meenung - soll fir all Partner zielen. A jiddferee war derbäi a jiddfereen huet gesot, dat bleift.

Dat wëllt awer net soen, dass mer näischt gemaach hätten, well mir hunn an deem Projet virdrun, deen den Här Spautz virgestallt hat, d'Direktiv Vilvoorde, wou jo kee konnt dozou schwätzen an de Minister och net, eppes gemaach, wat iwwerfälleg war, nämlech bei deenen nächste Sozialwahlen d'Privatbeamten an de Gemengen endlech och eng Delegatioun nom Code-du-travails-Prinzip wielen ze loossen.

Also hu mer emol hei eppes gemaach, wou mer och eng Diskriminatioun aus der Welt geschaf hunn, déi wéigedoen huet an déi enger Partie Leit déi verfassungsrechtlech Méiglechkeet ewechgeholl huet, fir kënnen hir eege Vertriedung do ze maachen.

Dir gesitt, au point de vue Sozialrecht, wat wierklech wichteg ass fir d'Zesummeliewen an dëser Gesellschaft, maache mer an dëser Koalitioun ganz grouss Fortschrëtt, an ech hoffen duerfir op eng breet Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Aarbechtsminister François Biltgen Merci. Als leschte Riedner kënnt dann elo nach de Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no enger laanger Odyssee si mer um Zil ukomm. Ech si ganz frou, fir den Owend beim Vote vum Projet „Eenheetsstatut", mat deem mer vun der Tripartite op de Wee geschéckt gi sinn, kënnen derbäi ze sinn. E Projet, deen engem Satisfaktioun gëtt, well en, wéi ganz vill Kolleege gesot hunn, iwwerfälleg war. An e Projet, deen engem Satisfaktioun gëtt, well mer mam Vote vun dësem Gesetz Wuert hale vis-à-vis vun de Partner an der Tripartite. An eng Tripartite, wa se wëllt iwwerliewen, brauch Partner, déi Wuert halen.

Duerfir Satisfaktioun doriwwer, dass mer dat zesumme gemaach hunn. Ech ënnersträichen „zesummen", an do soll jiddferee sech mat abezu fillen, deen dozou bäigedroen huet. Selbstverständlech net déi, déi dat eent, dat anert an dat an der Mëtt vertrueden hunn an doduerch an där heiter Diskussioun keng Visibilitéit hunn. Ech muss soen, dass ech mat vill méi Satisfaktioun mam Biltgen Fränz vis-à-vis vu Patronen oder Gewerkschafte gestridden hunn, déi de Verdéngscht haten, eng Meenung ze hunn, wéi mat Leit konfrontéiert ze sinn, déi keng Meenung hunn. An esou engem Dossier wéi deem hei soll ee sech net de Luxus erlaben, keng Meenung ze hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Wat een domat beweist bei esou enger Reform, wann ee keng Meenung huet...

(Interruption)

Ech kommen dorop zréck, mä déi, déi viséiert sinn, wëssen dat souwisou schonn.

Ech mengen, dass mir de Projet virugedréckt hunn a Reformfäegkeet bewisen hunn, wat och an dësen Zäiten nach eppes Wichteges ass, an anerer bewisen oder gewisen hunn, dass se reformonfäeg sinn an dass se d'Geess an de Kabes wëlle schützen, wat awer nun emol net geet.

Ech wëll just ganz kuerz all deene Merci soen, déi hei matverhandelt hunn a matgeschafft hunn. De François Biltgen huet et gesot, e Merci un déi kleng Equipe an deem gemeinsamen Haus vum Travail an der Sécurité sociale. E Merci un all déi Leit, déi elo nom Vote vum Gesetz eréischt richteg mussen urappen, well et net dee liichtesten Deel ass, dee geschafft ass, mä et kommen nach schwéier Etappen hannendrun. Et ass eng komplex Reform an do muss nach vill geschafft ginn, fir dass mer den 1. Januar richteg um Rendez-vous sinn.

Ech hu vill héieren, wéi mer op de Wee geschéckt gi sinn, dass et eng Mission impossible war, well eng Rei vu Konditioune gestallt gi sinn, déi jiddfereng eenzel realiséierbar gewiescht wär, mä mateneen enger Mission impossible oder enger Quadratur vum Krees entsprach hunn.

Haut kënne mer an e puer Minutte wahrscheinlech soen: mission accomplie. Den Aarbechtsminister, ech selwer an eng ganz Rei vu Leit hunn et fäerdeg bruecht, dee quadratesche Krees e bësse méi ronn ze maachen oder erëm ronn ze maachen.

(Interruption)

Mir hunn dat zesumme fäerdeg bruecht mat enger staarker Hëllef, muss ech soen: där vum Stat, där vun der Kollektivitéit, där déi heite Reform wichteg genuch ass, fir Verantwortung ze iwwerhuele bei der Offiederung vun de Konsequenze vun där Reform oder vun deene Konsequenzen, déi dës Reform kann hunn.

Firwat ass a mengen Aen dee Projet hei esou wichteg an esou aussergewéinlech? Ma well en enger Rei vu Kritären entsprécht, fir en aussergewéinlech ze maachen. Et ass eng gesellschaftspolitesch Reform, déi fir méi Zesummenhalt suergt. Jo, an der Politik ass et och nach méiglech, iwwert Themen ze diskutéieren, déi net trennen, mä déi fir méi Zesummenhalt kënne suergen.

Dat ass grad an dëser Phas, wou méi kontrovers bei aneren Dossieren diskutéiert gëtt, och gutt, an dat steet der Politik och gutt zu Gesiicht, wa se Projeten, Gesetzer ka maachen, déi fir méi gesellschaftlech Kohärenz kënne suergen, déi künstlech Trennungen um Aarbechtsmaart ofschafen an déi dozou féieren, dass den Aarbechtsmaart net a gutt an a schlecht Aarbechten agedeelt gëtt, mä a wichteg Aarbechten, well mir brauche se alleguer. Mir brauche produktiv Aarbechtsplazen, déi gewéinlech vu bisheregen Aarbechter besat sinn, gradesou wéi de Secteur tertiaire.

Et ass zweetens eng Sozialreform, well Aarbechter a Beamte ginn am sozialrechtlechen an am aarbechtsrechtleche Beräich gläichgestallt.

Et ass dann drëttens, an dat kënnt an der Diskussioun oft net genuch eraus, eng wichteg strukturell Reform, well et eis erméiglecht, déi bishereg Krankekeesen, déi zukünfteg Gesondheetskeess, d'Pensiounskeesen, d'Beruffschamberen, d'Sozialgeriichtbarkeeten nei opzestellen. Dat ass am Beräich vun der Krankeversécherung ganz besonnesch wichteg. Well deen Apparat vun der öffentlecher Gesondheet wiisst a wiisst a wiisst an och d'Ausgabe ronderëm dee Badetti oder dee risegen Dampfer wuessen. Do brauche mer déi beschtméiglech Strukturéierung, fir deenen Erausfuerderunge gewuess ze sinn.

Déi Erausfuerderunge kënne mer net ophuelen, wa mer e Stéckwierk hu vun enger sozialer Institutioun, déi d'Krankekeese bis elo waren, wou mer zwar d'Routine ganz gutt kënnen ofdecken, mä déi wichteg strukturell, déi wichteg konzeptuell Aarbechte bis elo nëmme vun enger Infrastruktur konnte maache loossen, déi engem Spéngelskapp vun deem Groussen entsprach huet.

Et ass ganz vill iwwer Abusë geschwat ginn am Zesummenhang mat dëser Reform. Ee vun deene wesentlechen Inhalter vun där neier Gesondheetskeess ass, dass mer eis opstellen, fir derfir ze suergen, dass jiddfereen, dee verséchert ass, dat aus där Keess kritt, wat en zegutt huet, wat e brauch. Dass e kee schlecht Gewësse brauch ze hunn, fir déi dote Leeschtungen ze kréien, mä et net dräimol brauch ze kréien an net dräimol falsch muss kréien.

D'Zilsetzung vun där neier Struktur ass, dass och bei deenen anere Partneren, ob dat d'Dokteren, d'Professionnels de santé, d'Spideeler sinn, jiddfereen dat kritt, wat hie fir seng Aarbecht zegutt huet, mä net méi. Dass déi Aarbecht direkt richteg gemaach gëtt, an net dräimol. Duerfir brauche mer Kontrollstrukturen, déi mer wäitgehend net hunn.

Dat reduzéiert sech net op den abusiven Absentéismus. Mä dat bedeit, dass mer eis insgesamt an der Organisatioun vun eiser Struktur besser opstellen. An do gëtt et ganz vill Handlungsbedarf, an deen Handlungsbedarf, dee gëtt méi grouss, wat dee risegen Instrument weider wiisst.

Mir sinn e bëssen à contre-courant mat där Neiopstellung vis-à-vis vun Nopeschlänner. Déi zentréieren, déi rezentréieren, déi sammelen hir Kräften net, mä do gëtt et Tendenzen, fir déi Strukturen, déi sech bewährt hunn, ze verscherbelen, auszeverkafen. Mir ginn deen anere Wee. Mir hunn d'Verflichtung, wa mer dee wäertvolle System wëllen erhalen, déi Strukturen esou gutt ze organiséieren, wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass.

Dat ass ee vun deene Punkten, déi net erauskomm sinn an der Diskussioun iwwert de Statut unique, déi de Claude Meisch och net matkritt huet, wéi en der Reform de Reproche gemaach huet, si géif net zur Kompetitivitéit bäidroen. D'Kompetitivitéit gëllt net nëmme fir d'privat Betriber, d'Kompetitivitéit gëllt och fir déi öffentlech Infrastrukturen an déi öffentlech Institutiounen. Hei wëlle mer méi kompetitiv ginn, mir wëllen eis nei opstellen a mir wëlle méi effikass ginn.

Net fir näischt hu mer et mat vill Gléck - ech soen dat, well d'Wirtschaft gutt gedréit huet -, mä awer och mat enger Abezéiung vun alle Partner fäerdeg bruecht, dass mer elo iwwer véier Joer an de Krankekeesen am Equiliber sinn. Dat kënnt net vum selwen. A wa mer weiderhi mat deene Strukturen am Equiliber wëlle bleiwen, da musse se optimal opgestallt ginn.

D'Gesondheetskeess, do waren am Ufank eenzel Leit, déi gewitzelt hunn a gemengt hunn: Nennt Dir dat dann elo Gesondheetskeess? Jo, mir nennen et Gesondheetskeess, aus engem ganz gudde Grond: Deen Numm ass Programm. Et geet haut net méi duer an der öffentlecher Gesondheet, fir hannendrunzelafen a just e kuratiivt Standbeen ze hunn. Et geet vill éischter un. Et geet bei der Gesondheetspromotioun, bei der Gesondheetserhalung, bei der Preventioun un, an do huet och eng Solidargemeinschaft, déi sech an enger Gesondheetskeess zesummefënnt, eng Verantwortung, fir dat ze erreechen. Duerfir strukturéiere mer eis nei, fir deenen Challengen, déi op eis zoukommen, gewuess ze sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et ass da schliesslech eng Reform mat Signalwierkung. Well se esou schwéier war a well mer se bis zum Zil bruecht hunn, kënne mer soen, mir sinn och haut nach fäeg, esou fundamental Reformen unzegoen. An da soen ech nach eng Kéier: Mir, jiddfereen, dee sech betraff fillt, well ech hunn héieren, dass eng vun deene grousse Parteien an dësem Parlament zu dësem Thema dat eent an dat anert seet an da sech am Endeffekt enthält…

(Interruption)

Jo, ech mengen domat d'DP! Ech mengen domat d'DP, wou ech haut spieren, dass déi Partei an esou quokelegen Dossieren net reformfäeg ass a sech bei deenen engen a bei deenen aneren ubiddert…

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- …a probéiert huet - an ech moosse meng Wierder! -, als eenzeg Kraaft, fir Aarbechter a Beamten an dësem Dossier géinteneen auszespillen! Ech kann Extraitë bréngen, wou gemengt ginn ass, dass et op d'Käschte vun de Beamte géif goen. Et muss een d'Kand och heiansdo beim Numm kënnen nennen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, Dir musst zum Schluss kommen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech komme ganz séier zum Schluss. Ech hat geduecht, mir hätten zweemol 20 Minutte bei dëser Diskussioun?

(Brouhaha général)

Ech hat geduecht, mir hätten zweemol 20 Minutten. Ech wäert och net iwwert déi Zäit erausgoen. Ech hat versprach, dass mer um aacht Auer fäerdeg wären.

Also dee Versuch, fir Aarbechter a Beamte géinteneen auszespillen, ass feelgeschloen. D'Beamten hu sech net géint d'Aarbechter opstëppele gelooss a si bereet, e klengen, bescheidene Bäitrag zu där Solidaritéit ze leeschten.

Ech wëll net nach eng Kéier drop agoen, wat den Eenheetsstatut alles bréngt. An där gudder Debatt vun de Mëtteg ass dat kloer a plastesch erauskomm. Ech muss allerdéngs soen, déi plastesch Beispiller, wat déi Reform hei bréngt, sinn einfach definéiert.

Wann en Aarbechter an e Beamten e Mindestloun hate bis elo, dann hat de Beamten 2% netto méi. An Zukunft huet deen zukünftege Salarié bei gläichem Bruttoloun och deeselwechten Nettoloun. Dat ass e Fortschrëtt.

Dat Zweet: Eppes wat ech ni verstanen hunn, wat och ni ee mer konnt explizéieren, ass, firwat dass eng Iwwerstonn bei deem enge 25% Supplément wäert war a bei deem anere 50% Supplément wäert war. Ech hunn ëmmer gemengt, eng Iwwerstonn ass eng Iwwerstonn. Och dee Prinzip gëtt an dësem Gesetz verankert, an eng Iwwerstonn wäert och an Zukunft fir all Beruffskategorie deeselwechte Prozentsaz wäert sinn.

Et sinn e ganze Koup Argumenter géint dës Reform virbruecht ginn: D'Betriber géifen eesäiteg belaascht, den Absentéismus géif net bekämpft, net nëmmen op d'Käschte vun de Betriber géif dës Reform goen, mä och op d'Käschte vun de Beamten.

Ech muss soen, dass et richteg ass, dass fir déi Betriber mat haaptsächlech Aarbechter eng Ëmstellung wäert kommen. Mä eng Ëmstellung, déi ze meeschteren ass. Bescht Beispill derfir: D'Halschent vun der Ekonomie huet déi Lounfortzahlung elo schonn, an déi Halschent ass net um Bord vun der Faillite an an där Halschent ass den Absentéismus, ëm deen et jo geet, net méi héich, wéi an deene Beräicher, wou et d'Lounfortzahlung nach net gëtt.

Just nach eng Kéier fir et ze rappeléieren, well jo heiansdo esou gemaach ginn ass wéi wa mer e Vollek vu Blomécher wären: Den nationalen Duerchschnëtt am Absentéismus läit bei 2,7%. Bei de Beamte läit e bei 1,7% a bei den Aarbechter, wou et also keng Lounfortzahlung gëtt, mä wou d'Assurance maladie vum éischten Dag u gespillt huet, läit e bei 4,6%. Dat heescht, mir leie bei engem Landesduerchschnëtt vun 2,7%. Do leie mer ganz gutt - an de Marc Spautz huet dat gesot - am Duerchschnëtt vun eisen Nopeschlänner. Ech géif souguer soen, dass mer relativ ënnen an deem Duerchschnëtt leien.

Dann déi zweet Seechen: Wa mir och scho kee Vollek vu Blomécher wären, da wären d'Grenzgänger eng Sipp vu Blomécher! Et ass richteg, dass et jee no Beruffskategorie kleng Ënnerscheeder, net fënnef, net zéng, net 20% Differenze gëtt, mä deen een oder anere Prozentpunkt, en hallwe Prozent oder ee Prozent, mä et gëtt awer och Beräicher, wou d'Frontaliere besser leien am Verglach zu deenen, déi hei wunnen. Duerfir also, och do soll een net ee géint deen aneren ausspillen.

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt. D'Zäit vun der Regierung ass ofgelaf. Ech wëll just dat heite soen: D'Chamber huet sech véier Stonnen Zäit geholl, fir dee Projet hei ze diskutéieren. D'Regierung huet bis elo ganz genau 36 Minutte geschwat. Ech wëll d'Chamber froen, ob se d'accord ass, dass de Minister nach zéng Minutten Zäit kritt.

Plusieurs voix.- Fënnef!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, villmools Merci. Fir eng Kéier sinn ech mat manner zefridden, wann ech nach fënnef Minutte kréien.

M. le Président.- Da mengt een et emol eng Kéier gutt mat lech, an dann ass dat och erëm net gutt.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Schwätzt net ze fréi, Här President!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci villmools.

Och dat Argument, dat der Regierung oder de Verhandlungspartner entgéintbruecht ginn ass, dass dat, wat mat de Betriber ass, eis egal wär, ass net richteg. Et ass falsch, well mer bei der Mise en vigueur vun dësem Gesetz eng Iwwergangsperiod vun dräi Joer agesat hunn, wou de gesamte Bäitrag bei de Betriber bleift respektiv bei der Mutualitéit an dann den Differenzial progressiv bei de fréieren Aarbechter zréckgeféiert gëtt.

Wat déi Reform de Betriber bréngt, ass den Opbau vun der Mutualitéit, wou de Stat sech ganz zolidd dra bedeelegt. D'Mutualitéit, déi et erlaabt, fir 80% vun dem Krankheetsrisiko an de Betriber - alle Betriber!; net nëmmen déi, déi Aarbechter hunn, mä alleguer déi, déi cotiséieren; dat si se alleguer - ofzesécheren. De François Biltgen huet drop higewisen, dass déi ganz kleng Patronë sech kënnen an där heiter Mutualitéit versécheren an doduerch och Recht op Krankegeld kréien; wat se bis elo net haten, just wa se sech bei ganz deiere private Versécherungen ofgeséchert hunn.

Dass eis d'Betriber net egal sinn, beweist och d'Tatsaach, dass mer net nëmmen den abusiven Absentéismus viséieren, deen e klengen Deel vum Absentéismus duerstellt, mä an där Démarche, déi mer mat de Sozialpartner am Groupe de haut niveau maachen, de gesamte Phenomeen vum Absentéismus duerchliichten. Mir hunn e Laaschtenheft opgestallt, fir genee Chiffere preuve à l'appui op den Dësch ze leeën an dann op eng nuancéiert, objektiv Aart a Weis op d'Ursaache kënnen anzegoen.

Dat ka Kontroll a Sanktioun sinn, mä dat kënnen awer och positiv Moossname sinn, wa mer op Problemer stoussen, déi objektiv Versteesdemech fannen, mä wou mer soen: Et ass net um Patron, fir déi ze bezuelen; do gëtt et aner Moyenen, fir dorop anzegoen. Da muss een doriwwer diskutéieren.

De leschte Punkt, fir ze weisen, dass mer op de Betrib wëllen agoen, dat ass, dass mer nogebessert hu mat der Chamber, déi iwwregens eng exzellent Aarbecht gemaach huet. Si huet matgehollef, mat 45 Amendementer dat Gesetz weider ze verbesseren. Do hu mer gesot: Wa bei där Approche, déi mer hunn - wou den Eenheetsstatut och zu enger Ännerung vun de Gewunnechte wäert féieren, eng Presenzkultur an de Betriber wäert schafen; Salariéen a Patronen zesumme wäerte probéieren dat Bescht aus där Lounfortzahlung an aus dem Statut unique erauszezéien -, Problemer bleiwen, bilanzéiere mer tëschent 2010 an 2011. A wann deen Engagement, dee mer drabruecht hunn, net

duergeet, da si mer bereet, e weidere Geste ze maachen. Dat fanne mer am Projet de loi erëm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdru gesot, dass de Beamte mat engem kaum spierbare Solidaritéitsbäitrag, deen och net a Fro gestallt ginn ass, e weidere Partner war, deen dozou bäigedroen huet, dass déi heite Reform rutscht. Eng Reform, déi och eng Rei vun aneren Neierunge bréngt, wéi zum Beispill de Congé pour mandat social. Dat ass eppes Neies, wou déi Leit, déi sech am soziale Beräich engagéieren, hir Aarbecht anstänneg kënne maachen; déi Ouverture bei deenen Härtefäll, bei deenen 52 Wochen an an an. Mä dat kënne mer no der Mise en vigueur méi genee erklären; ënner anerem dee Punkt, deen d'Haushaltspersonal betrëfft a wou mer déi vereinfacht Prozedur bäibehalen.

Ech mengen, dass mer mat dësem Projet en zolitte Schrëtt a Richtung méi Gerechtegkeet, méi Solidaritéit, méi gesellschaftlech Kohesioun bruecht hunn. Dat Gesetz ass e Fortschrëtt. Et stellt bei ville Leit an dëser Chamber an dobaussen e weider bestehende Reformwëllen ënner Bewäis. Ob elo den 1. Mee virun der Dier steet oder ob net den 1. Mee virun der Dier steet, ech verstinn déi Emotiounen, déi och bei dëser Diskussioun opkomm sinn, well der hei sëtzen, déi sech iwwer Jorzéngte fir deen dote Projet agesat hunn. Engagement däerf een och emol eng Kéier op enger Chamberstribün weisen. Dat weist jo och, dass et awer nach gewëssen Antagonisme gëtt.

Ech wëll jiddferengem Merci soen, deen un der Debatt deelgeholl huet. Ech gi vun der Tribün am Gefill, dass mer hei zesummen eppes Guddes gemaach hunn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun dëser dach mémorabeler Debatt ukomm. Mir kommen zum Vote vum Projet de loi, deen eis virläit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5750 iwwert de Statut unique ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei 11 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Alexandre Krieps), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Wëllt nach ee seng Abstentioun motivéieren?

(Négation)

Dann hu mer nach d'Motioun, déi vun den Häre Glesener a Schneider déposéiert ginn ass.

Motion 1

Déi Motioun gëtt vun alle Fraktiounen ënnerstëtzt.

Plusieurs voix.- Neen!

M. le Président.- Pardon? Här Glesener, wann ech gelift.

M. Marcel Glesener *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech hätt gären, datt mer e Vote électronique maachen, well et dach esou wichteg ass.

M. le Président.- Très bien!

(Brouhaha)

Den Här Jaerling huet d'Wuert, wann ech gelift.

(Interruptions)

Da loosse mer elo emol hei dem Här Jaerling nolauschteren!

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här President, ech wëll awer hei kloerstellen, dass ech déi Motioun net stëmmen; eben aus deene Grënn, déi ech virdru schonn ugedeit hunn. Well wann ech hei liesen, dass am Fong elo de Stat soll higoen a Contrôles administratifs maachen...

Une voix.- Net de Stat; d'Keesen.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- D'Keesen. Dat ass de Stat.

Une voix.- Dat ass net de Stat.

M. le Président.- Da loosst den Här Jaerling wann ech gelift seng Ausféierunge maachen!

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Dir wësst genau wat ech mengen. Dass se solle Kontrolle bei de Leit doheem maachen. Den Här Spautz huet et jo hei gesot: D'Leit si krankgeschriwwe vun engem Dokter. Dat heescht, si si krankgeschriwwe mat engem Mandat vun enger Persoun, déi d'Recht dofir huet. Dat heescht, d'Leit si krankgeschriwwen an net verhaft, an duerfir gesinn ech net an, firwat dass mer elo erëm weiderginn an d'Leit doheem sollen aspären, wa se krank sinn, an dann och nach hinne Leit heemschécken, fir se doheem ze harceléieren.

Ech weess, wéi dat fonctionnéiert. Do kommen der dann un d'Dier schellen, déi mengen, si hätte sechs Doktertitelen zumindest, an déi de Leit Froe stellen.

Ech sinn éischter der Meenung, dass ee muss op de Wee goen, wann ee mengt, d'Leit wären net esou krank wéi dat ugeholl gëtt, da soll ee se a medezinesch Kontrolle ruffen an et soll een d'Leit doheem a Rou loossen. Well wa se krankgeschriwwe ginn, da solle se och krank gelooss ginn an da solle se net doheem harceléiert ginn.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Kommt! Mir wësse ganz genee, wat den Här Jaerling gemengt huet.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Dir wëllt de Leit einfach soen, se dierften zéng Deeg laang net virun d'Dier goen. Dat ass jo kompletten Nonsense, an da gitt Der se och nach doheem belästegen!

M. le Président.- Merci, Här Jaerling, fir Är Interventioun. Mir kommen dann zum Vote électronique vun där Motioun, esou wéi den Här Glesener dat gefrot huet.

Vote

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm an 10 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Alexandre Krieps), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.05 heures)

Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un